DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

08b /// 2015

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 18.12.2015









EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

## SUITE DU RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL 08A /// 2015

**3. Finances communales**
**discussion et réponses des membres du Conseil Communal** **04**

Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit
N° 08b /// 2015
Parution: MAI 2016

Photos, Illustrations: Ville de Dudelange,
David Laurent/Wili, André Weisgerber, Mike Zenari, Steinmetzdemeyer

FSC
www.fsc.org
MIX
Paper from responsible sources
FSC® C018673

# RAPPORT SOMMAIRE DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL DES 11 ET 18 DÉCEMBRE 2015

**Présents:** MM. Dan Biancalana, bourgmestre, René Manderscheid, Loris Spina et Mme Claudia Dall'Agnol, échevins, M. Bob Claude, Mmes Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries, MM. Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Mmes Romaine Goergen, Nathalie Haas, Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten, MM. Marc Lazzarini, Romy Rech, Mme Brit Schlussnuss, M. Marc Schiffmann (absent le 11 décembre 2015), conseillers et M. Joseph Schmit, secrétaire communal
**Absent, excusé:** /

1. Le collège des bourgmestre et échevins a présenté les détails du budget rectifié de l'exercice 2015 et du budget initial de l'exercice 2016. Le budget rectifié de l'exercice 2015 présente des recettes ordinaires de 72.019.147,13 EUR et des dépenses ordinaires de 66.980.366,59 EUR, donc un boni ordinaire de 5.038.780,54 EUR; dans le service extraordinaire, il y a des recettes d'un montant de 19.450.333,81 EUR et des dépenses de 30.538.108,86 EUR, ce qui correspond à un mali de 11.087.775,05 EUR. Comme le boni du compte de l'exercice 2014 s'élève à 8.679.882,48 EUR, le boni présumé à la fin de l'exercice 2015 atteindra la somme de 2.630.887,97 EUR.

   Le budget initial de l'exercice 2016 se présente comme suit: des recettes ordinaires de 73.780.462,25 EUR et extraordinaires de 12.854.203,00 EUR, et des dépenses ordinaires de 71.713.092,76 EUR et extraordinaires de 15.396.715,52 EUR, d'où un boni ordinaire de 2.067.369,49 EUR et un mali extraordinaire de 2.542.512,52 EUR. En ajoutant le boni présumé fin 2015 de 2.630.887,97 EUR, il reste un boni définitif de 2.155.744,94 EUR. Le fonds de réserve budgétaire s'élève à 9.000.000,00 EUR et le solde des emprunts au 31 octobre 2015 est égal à 15.101.199,69 EUR. 82 fonctionnaires, 157 salariés à tâche intellectuelle et 261 salariés à tâche manuelle sont engagés par la commune au 31 décembre 2015.

   Une motion du parti CSV concernant le Late-Night-Bus a été refusée avec 9 voix du parti LSAP contre 7 voix des partis CSV, déi Gréng, déi Lénk et ADR.

   Le budget rectifié de l'exercice 2015 a été voté avec 9 voix pour, 4 voix contre et 3 abstentions, tandis que le budget initial de l'exercice 2016 a été voté avec 9 voix du parti LSAP, 6 voix contre des partis CSV, déi Gréng et ADR et 1 abstention du parti déi Lénk.

2. Le conseil a approuvé les modifications à apporter au chapitre X: Eau – du règlement-taxes général, comportant une augmentation de 2,05 à 2,50 EUR/m3 hTVA de la partie variable, les modifications à apporter au chapitre XI: Eaux usées et assainissement – du règlement-taxes général, avec une nouvelle fixation à 2,00 EUR/m3 de la redevance variable, et les modifications à apporter au chapitre XIV: Gaz – du règlement-taxes général comprenant une nouvelle fixation des tarifs d'utilisation du réseau pour l'année 2016.

3. Les devis estimatifs suivants ont été votés:
   1. remise en état du sanitaire au rez-de-chaussée de l'annexe 'pompiers' – 50.000 EUR
   2. aménagement d'un dépôt de sel aux ateliers communaux - 140.000 EUR
   3. aménagement d'un local de nettoyage à l'école Baltzing – 85.000 EUR
   4. mise en place d'un plafond acoustique dans toutes les classes du rez-de-chaussée de l'école Brill – 21.000 EUR
   5. renouvellement des fenêtres de l'école Brill – 380.000 EUR
   6. réaménagement du sous-sol de l'école Brill – 65.000 EUR
   7. signalétique dynamique et système ticketing au rez-de-chaussée de l'Hôtel de Ville – 70.000 EUR
   8. remise en état de la maison 106 rue de l'Hôpital – 70.000 EUR
   9. mobilier du service de la gestion des ressources humaines – 34.000 EUR
   10. toiture et isolation du musée municipal/centre d'art Nei Liicht – 115.000 EUR
   11. mur de soutènement dans la rue de l'Hôpital (77 rue Adolphe) – 140.000 EUR
   12. isolation de la dalle au rez-de-chaussée de l'école Centre A – 30.000 EUR
   13. raclage et réfection de différentes rues - 550.000 EUR
   14. modifications au réseau de gaz naturel accompagnant les travaux des P&T – 500.000 EUR
   15. canalisation des eaux mixtes dans l'avenue G.D. Charlotte – 760.000 EUR

16. divers travaux de réfection des rues de 2015 à 2019 – chantiers P&T – 800.000 EUR
17. mise en sécurité du sous-sol de l'école Centre B – 30.000 EUR
18. installation d'un bain froid (cryo spa) au Centre sportif – 46.000 EUR
19. remplacement du revêtement au sol de la salle Grimler au Centre sportif – 215.000 EUR
20. conduite d'eau potable dans l'avenue G.D. Charlotte – 400.000 EUR
21. isolation thermique de la dalle au sol du gymnase de l'école Boudersberg – 60.000 EUR
22. conduite de gaz naturel dans l'avenue G.D. Charlotte – 400.000 EUR
23. mobilier de la maison sociale – 75.000 EUR
24. réseau de canalisation des eaux mixtes dans la rue du Nord – 500.000 EUR
25. modifications du réseau d'eau potable accompagnant les travaux des P&T – 500.000 EUR
26. réaménagement de la place publique devant la maison sociale – 200.000 EUR
27. acquisition de deux appartements pour l'aménagement de logements sociaux am Duerf – 800.000 EUR
28. renforcement du réseau d'eau potable au Roudebierg – 150.000 EUR
29. pose d'une conduite de distribution d'eau potable dans la route de Zoufftgen – 275.000 EUR
30. pose d'une conduite moyenne pression de gaz naturel dans la route de Zoufftgen – 285.000 EUR
31. pose d'une conduite d'eau potable dans la rue Curie – 115.000 EUR
32. pose d'une conduite d'eau potable dans la rue Edison – 45.000 EUR
33. pose d'une conduite de gaz naturel dans la rue Curie – 105.000 EUR
34. pose d'une conduite de gaz naturel dans la rue Edison – 43.000 EUR
35. renouvellement de l'antenne collective dans l'avenue G.D. Charlotte – 112.000 EUR
36. renouvellement de l'éclairage public au parking du centre sportif et dans la rue Jean Simon – 60.000 EUR
37. modernisation de l'illumination de Noël – 64.250 EUR
38. sonorisation et divers équipements électriques dans l'avenue G.D. Charlotte – 280.000 EUR
39. remplacement d'un transformateur dans la rue Fleming – 35.000 EUR

4. Plusieurs décomptes de travaux extraordinaires ont concerné la modification du trottoir et la construction d'un mur de soutènement au croisement des rues Karl Marx et Etang (166.878,32 EUR), l'aménagement d'un terrain synthétique au Stade Aloyse Meyer (1.584.411,79 EUR) et l'extension (2e étage) de la maison relais Strutzbierg (1.635.609,04 EUR).

5. Les subsides extraordinaires suivants ont été alloués: 8.463,39 EUR à la Société avicole pour participer aux frais de remise en état de la toiture du local du club à la station d'élevage, 3.670,35 EUR aux Gréng Scouten a Guiden en tant que participation au financement de deux cuisinières et d'un toit d'une grande tente, 2.250 EUR au Dëschtennis Diddeleng pour la participation aux premier et deuxième tours et aux huitièmes finales de la Coupe d'Europe, 1.561,20 EUR au Cercle de billard pour participer aux frais de rénovation de deux tables de billard, et 100 EUR au Service Krank Kanner Doheem en tant que soutien des activités.

6. Après la présentation du rapport d'activité de l'exercice 2014 par les responsables de l'office social, le conseil communal a approuvé le budget rectifié de l'exercice 2015 et le budget initial de l'exercice 2016 de l'office social qui comprend des recettes ordinaires de 2.035.045,41 EUR et des dépenses ordinaires de 1.948.795,41 EUR, donc un boni propre à l'exercice de 86.250 EUR. Le conseil a également approuvé la décision de créer un poste d'assistant social (m/f) à mi-temps.

7. En matière d'aménagement communal et de développement urbain, le conseil a approuvé la modification ponctuelle de la partie écrite du plan d'aménagement général concernant un reclassement du site des ateliers Kraïzbierg.

8. Concernant le personnel communal, les conseillers communaux ont créé un poste de fonctionnaire communal dans la carrière du rédacteur pour les besoins du service de l'architecture et des domaines, ont fixé le nombre d'emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux pour l'année 2016, ont engagé à durée déterminée M. Yann Schiltz dans la carrière de l'instructeur de natation, ont nommé définitivement et hors cadre M. Tom Bernard au poste de rédacteur créé auparavant, et ont promu M. Nic Krumlovsky au grade 16 dans la carrière de l'ingénieur. M. Patrick Bausch est désigné comme nouveau secrétaire communal et succédera à M. Joseph Schmit qui partira à la retraite à partir du 1er septembre 2016.

9. Mme Brit Schlussnuss remplacera M. Alain Becker comme représentant de la ville de Dudelange dans le conseil d'administration du Centre Hospitalier Emile Mayrisch.

JS



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 18. DEZEMBER 2015

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, ech begréissen Iech haut de mueren an der heiteger Gemengerotssëtzung esou wéi och d'Vertrieder vun der Press. Nodeems de Schäfferot de leschte Freiden de Budget rectifié 2015 an de Budget initial 2016 virgestallt huet, ass et haut un de Gemengeconseilleren aus dësem Gemengerot, bestoend aus der Majoritéit an der Oppositioun, fir derzou Stellung ze huelen a viraussiichtlech dann och de Mëtteg d'Stellungnahm ze hu vum Schäfferot an deementspriechend de Vote ze maachen. Et wäerten awer och nach e puer Punkten derbäi kommen, wat dësen Ordre du jour ubelaangt. Engersäits hu mer zum Schluss vun dësem Gemengerot à huis clos iwwer de Poste vum Gemengeredakter, de Gemengesekretär ofzestëmmen, respektiv ass, wat de Budget betrëfft, en Antrag erakomm vun der CSV wat de Late-Night-Bus ugeet, an eng Fro am selwechte Kader vun der Madame Kayser. Dat fir den Ordre jour ze vervollstännegen an ech proposéieren Iech, direkt anzetauchen an d'Stellungnahme vun de Conseilleren a Conseillèren.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Als éischt wollt ech am Numm vun der CSV dem Här Pascal Poull, dem Här Paulo Lopes an der ganzer Équipe am Comptabilitéitsservice villmools Merci soe fir déi iwwersiichtlech Dokumentatioun zum Budget 2016, an awer och hir explizit Tableauen zu der finanzieller Entwécklung vun der Stad Diddeleng iwwert déi lescht Joeren, déi mer an der Finanzkommissioun beschwat hunn.
Och wa mir, d'CSV-Conseilleren, an ech huelen un, och déi aner hei am Sall, sech deeg- a stonnelaang mat de Finanze vun Diddeleng ausernee setzen, mécht et dach d'Saach vill méi liicht, wann Dokumentatioun appropriéiert ass. Merci och, dass der bei ville Posten am Budgetsdokument vun 2016 Explikatiounen an Ajouten derbäi gesat hutt, déi et erlaben, d'Chifferen an engem Gesamtkontext ze gesinn.
Merci och nach emol fir Är Explicatiounen an der Finanzkommissioun zu eisen Detailfroen.
Ech huelen dann am Numm vun eiser CSV-Fraktioun als éischt Stellung zum Budget rectifié vun 2015:
Mir stelle fest, dass d'Differenz vum Initial op de Rectifié 2015 eng Baisse vun eisen Erwaardungen opweist. Amplaz e Boni définitif vun 5 Milliounen, hu mer just e Boni vun 2,6 Milliounen dee mer kënnen an dat Neit Joer mathuelen. Virun allem ass d'Onberechenbarkeet vun den Dotatioune vum Staat e Fakt, deen eis muss Suerge maachen.
Dass den Impôt foncier eis net räich mécht, ass gewosst. Och de jëtzege sozialisteschen Inneminister, deen als SYVICOL-President sech ëmmer opgereegt huet, dass keng Reform vum Impôt foncier géif kommen, huet awer och nach keng gescheit Iddi op d'Blat bruecht.
Iwwer de Fonds communal de dotations financières kréie mer zwar méi oder wéineger all Joer dat selwecht, mä virun allem den Impôt commercial communal ass an der Baisse.
Obwuel mer am Budget initial 500.000,- Euro Recetten iwwert den Impôt commercial manner agesat haten, wéi dat wat de Ministère eis an senger Circulaire versprach hat, krute mer nach manner ewéi ugekënnegt, am Endeffekt. Wat schlussendlech eng Differenz an de Recetten vun 1,8 Millioune mécht. Dat musse mer eis virun Aen halen. Net Alles, wat de Staat senge Gemenge verspréch, kréien se och. Dat bedeit, dass mer vill méi virsiichteg musse mat eise Planungen ëmgoen, an do happert et awer an eisen Aen e bësse mat der Wäitsiicht vun eisem Schäfferot.
De Restanten-Etat ass nach ëmmer op 1,3 Milliounen. Den Alex Bodry sot scho virun e puer Joer, dass, wa mer de Gas net méi de Leit musse fakturéi-



eren, da geet eise Restanten-Etat sécher ënnert 1 Millioun. Dovu si mer, trotz méi strenge Prozeduren nach wäit ewech! Vlãit musse mer nach méi konsequent bei eisen Schëldner aktiv ginn, fir awer vlãit eng Kéier ënnert 1 Millioun Restanten-Etat ze kommen.
Am extraordinäre Budget 2015 ass eng grouss Differenz, wëll ewéi all Joer vill annoncéiert Projete reportéiert ginn, z.B. de Projet kommunal Crèche, dovu schwëtze mer säit 2012. Den Ausbau vun eise Zones d'activité, do ass och Stëllstand.
Vill Subside vum Staat, déi 2014 hätte solle kommen, koumen eréischt 2015, awer aner Subsiden, déi 2015 komme sollten, wäerte mer eréischt 2016 op eise Compte fléisse gesinn.
Derbäi komme vill substantiell Dépassementer vu falschen Devisen, zum Beispill den Dépassement vun der Annexe Gaffelter Schoul, dat sinn ëmmerhin 515.000,- Euro an och den Ëmbau vum Office-Social-Bureau, dat gëtt e Plus vu 415.000,- Euro. Am September hu mer am Gemengerot zähneknirschend missen 930.000,- Euro no stëmmen. Dat ass net gutt. Do musst Dir, Här Buergermeeschter, méi genau bei den Devisen nohaken, ob dat dann elo déi richteg Zuelen sinn. Dir musst déi richteg Froen stellen, an net Alles duerch wénken an herno kommen Iwwerraschungen an Deireschten, déi vlãit awer viraussehbar waren.
Also am Resumé ass, wat de Budget rectifié 2015 ubelaangt, eis Schlussfolgerung souzesoen: Same procedure as last year, same procedure as every year.
De Schäfferot mécht all Joer bei verschidde Projeten seng berühmten Ukënnegungspolitik, déi en aus ënnerschiddleche Grënn dann awer net a Musek ëmsetzt, an duerch d'Dépassementer vun den Dépenses extraordinaires gi vill Korrekturen tëscht Initial a Rectifié néideg.
D'Pro-Kapp-Verscholdung vun Diddeleng ass an engem acceptabele Rahmen, dat beluewe mer explizit. Och dass mer nach eng gutt Reserve vun 12,5 Milliounen hunn, ass, notamment duerch de Verkaf vum Gas, wou mer virun 3 Joer 3 Milliounen Euro kritt hunn, eng gutt Saach.
Mä mir mussen awer och bedenken, dass mer eis Prêten, déi mer 2014 an 2015 an och nach 2016 maachen, och mussen iergendwann zréck bezuelen.
Wéi et mat der nationaler Finanzpolitik weider geet ass nach ongewëss. Wéi steet et ëm d'Ofsécherung vun der Finanzplaz? Wei grousszügeg ginn d'Gemengen an Zukunft nach vum Staat bedeelegt un de Recetten? D'Zahlungsmoral vum Staat bei dem Ausbezuelen vun den Subside léisst ze wënschen iwwereg, d'Subside ginn deelweis esouguer plafonéiert.
Den Zukunftspak, vun dëser Regierung agefouert, bedeit fir eis Gemengen, dass e puer Milliounen Euro däitlech manner an d'Keess gespullt goufen.
D'TVA-Erhéijung bedeit fir d'Gemenge méi deier Rechnungen. Beim Projet Hartmann hu mer dat jo gutt gesinn. D'TVA-Erhéijungen, déi dem Staat jo vill Suen an de Portemonnaie spullt, gëtt awer net ewéi soss déi Joeren an dat grousst Dëppen vum Fonds communal de dotations financières gehäit, an un d'Gemenge weider verdeelt, mä an deen ominéise Fonds fir deen zukënftegen Etablissement public vun de Pompjeeën a Rettungsservicer gepompelt.
Déi Sue ginn de Gemengen duerch d'Latten: fir Diddeleng ass dat eng Perte vun ongeféier 1,2 Milliounen Euro. Dobäi si vum Staatsrot zu dësem Etablissement public Projet eng Hellewull Amendementer komm, well, ënnert anerem, d'Finanzéierung iwwert d'Autossteier net gerecht ass, well, an dat ass jo och fir eis als Gemeng extrem wichteg ze wëssen, et nach ëmmer nët kloer ass, wéi d'Fraise fir d'Gemenge solle berechent ginn.
Mä den Inneminister bréngt keng kloer Äntwerten op dës Froen, mä och dëst Joer ginn déi TVA-Suen eis als Gemeng verluer well si ginn an de Fong vun de Rettungsdéngschter gestach. A kee weess wéi déi ugekënnegt gratis Kannerbetreiung soll finanzéiert ginn. Ginn do d'Gemengen och nees zur Kees gebieden? Och dee Minister gëtt keng kloer Renseignementer. Och dëst Joer net. Vlãit hutt Dir e besseren Drot zu den Regierungsparteien a kënnt eis eng Äntwert op dës Froe ginn.
Vill Inconnuen a Variatiounen si vum Staat verursaacht, mä eise Budget ass nun emol zu 70% op Dotatioune vum Staat baséiert. Dofir heescht et, responsabel mam Budget ëmgoe fir dass, wann de Staat d'Gemenge manner dotéiert, mir awer iwwert d'Ronne kommen.
Bei eis zu Diddeleng hu mir awer ee ganz groussen an an eisen Aen en zevill héije Posten, deen eis Manövréierfäegkeet als Gemeng immens aschränkt: Eis Personalfraisen.
"La hausse des dépenses ordinaires du budget 2015 s'explique principalement par l'augmentation substantielle (+ 3,5 millions) de la masse salariale."
Mir hunn 2015 eng Hausse vun der Masse salariale vun 3,5 Millioune missen aschreiwen.
2012 hu Personalfraisen 48,5% vun eisem Gemengebudget ausgemaach, elo si mer op 51%. Aner Gemenge kommen op 32-35%, déi hunn natierlech da 15% méi Sue fir auszeginn.
Mir limitéieren eis Marge de manoeuvre onnéideg selwer!

An 2016 kréie mer nach eng Erhéijung vun 2,83 Millioune vun der Masse salariale.
"A l'instar de leur évolution en 2015, la hausse des dépenses en 2016 s'explique principalement par l'augmentation de la masse salariale de 2,83 millions."
Dovu sinn eleng 1.088.000 Euro u Posten, déi 2016 geschaf solle ginn, a 510.000,- Euro vun de Posten, déi 2015 geschaf goufen!
D'CSV hält sech drun virun dëser Kosten-a-Posten-explosioun ze warnen, mä et gëtt weider monter age-stallt, ewéi wann dat näischt géif Kaschten!
Dës Kommentare sinn net CSV-Commentairë mä déi offiziell Analysen vun eisem Comptabilitéitsservice!
Eis Fachleit schéngen den Eescht vun der Käschten-explosioun bei de Salairë besser ze gesinn ewéi eise Schäfferot, deen nach e Freideg behaapt huet, eis Personalfraisen evoluéieren "am übleche Rahmen".
Wann der schonn d'Warnunge vun der CSV net séri-eux huelt, da lauschtert wéinstens op eis Finanzex-perten an eisem Comptabilitéitsservice.
Da kommen ech zum Budget 2016.
Ech schwätzen do zu 3 Punkten:
Den éischte Punkt betrëfft d'Personalpolitik an den Impakt op de Budget 2016, beim zweete Punkt geet et ëm d'ökonomesch Entwécklung vun Diddeleng an deen drëtte Punkt behandelt den Impakt vun de Syn-dikater op den Diddelenger Budget.
Éischte Punkt: Personalpolitik an den Impakt op de Budget 2016: Och do maachen eis Gemengerespon-sabel genee esou weider wéi virdrun, wat d'Explosioun vun de Gehälter ubelaangt. Wéi gesot: no 3,5 Milliounen Hausse 2015 geet eis Masse salariale nach eemol ëm 2,83 Milliounen an d'Luucht. An 2 Joer hu mer ze-summen eng Hausse fäerdeg bruecht vun 6,35 Milliounen Euro Personalfraisen.
2016 kënnt an der zweeter Halschent vum Joer eng Index-Tranche, dat kascht eis 750.000,- Euro. D'Biennallë kaschten eis 225.000,- Euro.
An hei eng Fro: Firwat kréien eis Aarbechter, wéi am Dokument virgestallt, eng Prime unique, déi 83.500,- Euro ausmécht? De Poste Personalfraise bleift jo net nëmmen esou héich, mä klëmmt nach weider. Am pluri-annuelle Budget huet et esouguer geheescht, dass mer 2017 esouguer op 57% vun eisem Budget kom-men. Och wa mer géifen e Moratoire op den Ustel-lunge maachen, alleng duerch d'Evolutioun vun de Car-rièrë kënnt jo awer onweigerlech eng Hausse all Joer op eis duer.
Aner Gemengen hu sech getraut a fir 1-2 Joer e Moratoire fir d'Créatioun vun neie Poste gemaach. Firwat maacht Dir dat net, Här Buergermeeschter? Dir musst op d'Brems drécken.
Mir hu schonn oft drop higewisen, dass mer eis Ge-mengeservicer sollen screenen, Synergien schafen a straffen a besser kontrolléieren, wat wie mécht. Här Buergermeeschter, ech sot schonn d'lescht Joer: Dir sidd de Patron! Dir musst de Leit am Betrib soen, wéi Dir gären hätt, dass soll geschafft ginn. Dir musst Décisiounen huelen, zum Wuel vun eiser Stad, an eisem Portemonnie. Dir musst historesch gewuesse Bequemlechkeeten an Irregularitéiten an Ugrëff huelen a Verbesserungen virschloen!
Vill Leit aus de Gemengeservicer gesinn Irregularitéi-ten a wäre frou wann Dir se géift mat strammer Hand ënnerbannen. Wa mir bei 8 Portiersposten am Service Sports fënnef Leit hunn, déi, aus wéi engem Grond och ëmmer, hir Portiersaarbecht net méi maache kënnen, da musse mer e Reclassement interne maachen, an net sechs nei Poste schafe fir deenen aneren ze hëllefen, hir Aarbecht ze maachen!
A wéi engem Betrib geschitt dat dann?
Oder beim Botzpersonal: Ech widderhuele meng Be-mierkungen vun eiser Gemengerotssëtzung vum Sep-tember, mä et ass e ganz wichtege Punkt, deen de Leit dobaussen och weist firwat mir hei zu Diddeleng esou een extrem héijen Taux vu Personalkäschten hunn: Eist Botzpersonal besteet aus 2 Équipen: déi eng Équipe ass de "Service nettoyage bâtiments" an déi aner ass de "Service nettoyage sports". An-scheinend ass et net méiglech, déi zwee Servicer zesummenzeschloe fir dass, wat jo logesch wär, een deen anere kéint ergänzen an ersetzen. Wou op der Welt gëtt et dat dann?
Eist Botzpersonal botzt mat enger Kadenz vu 95 Meter carré an der Stonn. Firmae wéi Dussmann oder Nettoservice mat 250-300 Meter carré an der Stonn. Da kommt mer sinn e feine Patron, a soen eise Leit, se solle just mat 190 Meter carré an der Stonn botzen. Dat ass duebel esou schnell ewéi bis elo an awer nach weit ewech vun der Kadenz vun de Fir-maen. Mir spueren d'Halschent vum Botzpersonal an. Mir brauchen net, wéi annoncéiert, 14 nei Botzfraen anzestellen, déi anscheinend néideg si fir deen neien Hartmann ze botzen, mä emol d'Halschent!
D'Posten am Budget, do steet op Säit 66 "Rémunéra-tion de personnel temporaire" an an der Remarque steet "Agents de nettoyage supplémentaires Centre sportif René Hartmann", eng Hausse vun 377.235,- Euro am Initial 2015 op 611.700,- Euro, am Rectifié 2015 ( plus 250.000,- Euro) an 2016 gi mer elo op 747.512,- Euro, nach emol e Plus vun 130.000,- Euro. Dat ass awer schonn hefteg!

A jäitzt elo net, d'CSV wëll alles outsourcen un déi béis Botzfirmaen. Ech hunn am Budget gesinn, dass mer am Centre culturel jo och d'Firma Dussmann botze loossen. Dat ass jo och sënnvoll, et si grouss Surfacen, déi Firmaen hunn déi néideg Apparater a garantéieren e gudde Service.
Iwweregens, maacht elo net ewéi wann Dir net selwer och bei aner Aarbechte géift outsourcen: Do hunn ech och e puer Froen derzou.
Nettoyage Vitres an de Gemengenhaiser – 5.000,- Euro, Gréngt Haus – 1.000,- Euro, Club Senior onverständlecherweis 12.500,- Euro, Crèchen, wéi eng Crèchen? – 3.500,- Euro, Maison-relais – 9.000,- Euro. Firwat maache mer dat dann net selwer? Dat ass awer wierklech nun eppes, wat mer net aliicht. Firwat botze mer d'Fënstere vun eise Gebaier net selwer? Mir hunn 23 Botzfraen am Service Sports, 56 Botzfraen am Nettoyage Bâtiments. Dobäi kafe mer Gemengenautoe mat enger Benn? Oder sinn déi just fir d'Krëschtbeliichtung opzehänken an d'Kuebennäschter ewechzehuelen? Firwat sinn dat esou enorm Präisënnerscheeder, zum Beispill bei engem Posten "Nettoyage vitres Club Senior" 12.500,- Euro a vis-à-vis vun de Gemengenhaiser, déi "nëmme" 5.000,- Euro kaschten. Wéi eng Firma mécht dat?
En anere Posten: Travaux d'entretien des chemins du parc Le'h – 50.000,- Euro.
Firwat maache mir dat net selwer? De CIGL oder eise Service Voirie oder Jardinage? Den Här Friedrich hat de leschte Kéier jo schonn drop higewisen, dass hien eng Firma, déi net vun Diddeleng war, am Parc wuddere gesinn huet. Dir sot deemools, Dir kënnt och net alles wësse wat an der Le'h geschitt. Abee dach! Dir musst dat wëssen, et ass schliisslech e Posten am Budget!
En anere Posten: Mise à disposition de main d'oeuvre du secteur privé. Do gi 6 Leit nei agestallt, et ass en neie Posten, deen et 2015 nach net gouf. Dee kascht eis 141.000,- Euro. Wie sinn déi Leit a wat maachen déi Leit?
Iwwer déi iwwerflësseg Posten oder Poste sur-Mesure déi hei zu Diddeleng geschaf ginn ewéi den Directeur adjoint vun der Musekschoul, den eenzegen sou Posten am Land, vun deem schwätzen ech elo net weider.
Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV huet nach all Posten, z.B. am Beräich Maison-relais oder wann et novollzéibar war, dass e Service huet missen verstäerkt ginn, matgestëmmt. Mir hunn och Propose gemaach fir sënnvoll Posten ze schafen, zum Beispill Psychomotoriker oder Sonderpädagogen oder Orthophonistë fir an eise Schoulen dem Échec scolaire entgéintzewierken. Dës Propose goufen natierlech net zréckbehalen.
Mä déi blann Astellungswut mat fadescheinegen Argumenter vun eisem Schäfferot kënne mer net acceptéieren! Här Buergermeeschter, huelt Iech emol Zäit a vergläicht emol mat aner Gemengen- oder nach besser - mat aner Betriber. Mir sinn hei zu Diddeleng deen zweetgréisste Betrib, frot emol dee gréisste Betrib, wei ee Personal motivéiert, strukturéiert a méi eng héich Effizienz kritt ouni an de Personalfraisen ze erstécken.
Personal dat d'Gemeng astellt, ass eng schwéier Laascht fir eise Budget. An déi Laascht wiisst zu enger Iwwerlaascht, wann Dir net ëmdenkt.
Mir kréie manner Suen vum Staat, dat ass gewosst. Zum Beispill kréie mer dëst Joer och näischt méi iwwert de Pacte Logement. Mir wëllen eng gutt Qualitéit vu Servicer ubidden. Dat wëlle mer all! Et ass awer net d'Quantitéit vum Personal datt dat definéiert. Qualitéit, jo, mä awer net zu egal wei engem Präis.
Da kommen ech zum zweete Punkt, zu deem ech wëll Stellung huelen, dat ass d'ökonomesch Entwécklung vun der Stad Diddeleng:
Dass mir och dëst Joer an de Budget bei de Recettes ordinaires 500.000,- Euro manner asetzen ewéi vun der ministerieller Circulaire virgesinn, well mer souwéisou wëssen, dass mer iwwert eng niddereg Dotatioun vum Impôt commercial communal manner vum Staat kréien, ass eng novollzéibar Moossnam.
Mä mir mussen ophalen, eis ze beschwéieren, dass mir als Gemeng mat regionalen Aufgaben schlecht dotéiert gi vum Staat, wuel wëssend, dass och den LSAP-Inneminister keng Wonner wäert vollbréngen, doru gleeft hei jo souwéisou keen, mä och hie wäert déi räich Gemengen net derzou bréngen, e Stéck vum Kuch mat allen anere Gemengen ze deelen.
Mir mussen eis och vill méi beméien, interessant Betriber op Diddeleng ze kréien. Eng floréierend Activité commerciale géif eis och méi Suen direkt an eis Keese spullen.
Méi Industriezonen, Handelszonen, Zone d'activité mixte bedeit méi en héije Revenu pro Kapp an eiser Gemeng, bedeit méi eng héich Dotatioun iwwert den Impôt commercial. Mä do huet eise Schäfferot bis elo net genuch gemaach: well vun 166,14 Euro Revenu pro Awunner am Joer 2013 si mer op 116,- Euro am Joer 2014 erofgaang bei der Bewäertung duerch den Inneminister. Sécher ass deen duerno ugewannte Peréquatiounsmodus net gerecht, mä mir musse proaktiv handelen an eist Schicksal selwer an d'Hand huelen.

Bei dem Opstellen vum neie PAG fir eis Gemeng, d'CSV huet et schonn oft gesot, musse mir Zonë virgesi fir eis Betriber an och fir nei Betriber. Dat bedeit net nëmmen Aarbechtsplazen, mä dat spullt eis och duerch den Impôt commercial direkt Suen an eis Kees. D'Zon Helper soll endlech an Ugrëff geholl ginn! Endlech! Da maache mer elo do mol Neel mat Käpp! Zënter 2009 hu mer schonn "Élaboration d'un plan directeur Zone Helper" am Budget stoen! De Plan directeur huet eis bis haut summa summarum 100.000,- Euro kascht.
Am Budget goufen 2013 fir d'éischt 55.000,- Euro fir de PAP Zone Helper ze développéieren ageschriwwen, reportéiert op 2014, reportéiert op 2015, reportéiert... Et ass näischt geschitt, de Poste gouf elo op 2016 reportéiert an elo stinn 140.000,- Euro dran. Hoffentlech geschitt dann elo eppes!
Op de Frichë gouf gesot, dass mir deen hënneschten Deel, ganz um Wupp, am Projet Nei Schmelz eventuell fir Betriber kéinten ëmklasséieren. Da kommt mir maachen dat! Elo schonn! Kommt, mir maachen do eng Zone mixte! Well wa mir waarde bis mir dee ganze Site bebauen, dat dauert jo bedauerlecherweis nach laang, wéinst der Decontaminatioun vum Terrain, gëtt gesot. Jo, mä wann ARCELOR näischt mécht, da kommt mir sichen aner Weeër fir weider ze kommen. Kommt mir verhandelen aktiv mat ARCELOR fir eis d'Erlaabnis ze ginn, deen hënneschten Deel vum Site direkt ze notzen. ARCELOR huet jo och den Terrain fir d'Flüchtlingscontainer libéréiert. Da sinn se vläit och prett eis deen Terrain schonns elo ze ginn, wou et jo geheescht huet, dee wier net esou contaminéiert wéi de Rescht.

Här Buergermeeschter, Dir sidd gefuerdert! Dir hat jo viru kuerzem eng Entrevue mat Entrepreneuren an Handwierksleit fir mat hinnen iwwert hiert Uleies bei dem Ausschaffen vum PAG ze schwëtzen. D'Nofro ass do, fir sech hei zu Diddeleng ze etabléieren oder de Betrib ze vergréisseren. Mä et ass momentan keng Plaz zu Diddeleng fir d'Betriber. Notamment zwee Entrepreneuren, déi hire Betrib am noen Ausland ugesidelt hunn, well mir hei zu Diddeleng keng appropriéiert Zon ausgewisen hunn, géife gären zréck kommen. Mir däerfen net verpassen, eis Handwierksbetriber hei zu Diddeleng ze halen an hinnen eng gutt Opportunitéit unzebidden, sech hei ze vergréisseren an Aarbechtsplazen ze garantéieren.
D'CSV widderhëlt dës Ried all Joer, mä et geschitt näischt. Genau sou musse mer proaktiv an der Zone Koibestrachen ginn. Mir hunn als Gemeng jo do och schonn Terraine leien. Wéini kommen dann déi vum viregten a jëtzege Buergermeeschter ugekënnegt Betriber dohinner? Et ass eng national ausgewise Zone spécialisée réservée aux technologies de la santé, also fir de Gesondheetssekteur. Ech hunn et bestëmmt hei schonn honnert mol gesot. Mir mussen eis begannen an zum Beispill d'Strooss laanscht de Staatslabo bis op Näerzénger-Strooss verlängeren. Mir musse Reklamm maache fir eise Site, dee jo nieft dem Staatslabo bestëmmt attraktiv op verschidde spezialiséiert Betriber wierkt. Mä säit Joere geschitt do näischt.
Am Budget 2016 sinn Null Euro, ganz genau Null Euro, agesat fir Koibestrachen weider ze entwéckelen. Dat seet alles iwwert de politesche Wëlle vun eisem Schäfferot, op Koibestrachen eppes Seriöses op d'Been ze stellen.
Wa mir net eis Privatpromoteuren hätten, déi de Parking Post-Projet an de Projet Lenkeschléi géife virundreiwen, da stéinge mer mam Fanger am Mond hei. Da géif et zu Diddeleng näischt ginn. Näischt fir ze wuessen. An dobäi ginn et flott Iddien.
Hei e Beispill: Wéi wär et wa mir als Gemeng Wunnenge géife bauen, déi duerno zu moderate Präisser u jonk Leit, déi grad eng Ausbildung fäerdeg hunn, ufänken ze schaffen a sech wëllen op eege Féiss stellen, verlount ginn? Fir 3 Joer kënnen se vun esou enger "Start-Up Wunneng" profitéiere bis se esou suedelfest am Beruff si fir um fräie Maart eppes ze fannen.
Bei de Biergerversammlungen iwwert de PAG hunn déi Diddelenger Leit gesot, dass et u Wunnraum fir déi jonk Leit feelt. Virun allem déi jonk Diddelenger, déi hei verwuerzelt sinn, déi wëllen hei bleiwen, déi kënne sech um fräie Maart zu Diddeleng keng Wunneng leeschten. Kommt, mir probéieren emol, hinnen eng Locatioun unzebidden, déi abordabel ass.
Da kommen ech op main 3. Punkt, den Impakt vun de Syndikater op eisen Diddelenger Budget vun 2016:
Schon am Dezember 2012, also virun 3 Joer, sot den Alex Bodry: "Wat eis Suerge mécht, ass, dass d'Syndikatsfraisen innerhalb vu 5 Joer vun 3 op 5 Millioune gestige sinn". 2015 hunn eis d'Memberschaft an de Syndikater 5,5 Millioune kascht. Ech hunn den Office social do eraus geholl. 2016 bezuele mer bal 6 Milliounen. D'Noutwennegkeet vun engem STEP, SIDOR a MINETTKOMPOST ass net a Fro gestallt. D'Präisentwécklung bei dëse Syndikater ass och novollzéibar.

Beim SIGI ass et schonn anescht. Sécher ass et gutt, dass d'Informatik a bal alle Gemengen harmoni-

séiert gouf. Mä eng Monopoliséierung vun engem Service léisst d'Leit oft e bëssen iwwermüteg ginn. Dass d'Offeren och gutt sinn, ass gewosst, mä et gouf an de Gemenge wat Zesummenaarbecht mam SIGI ubelaangt, d'leschte Joer vill Onzefriddenheet. De Service après-vente war net ëmmer tipptopp. Ech hoffen dass dat sech gebessert huet. Mä ech wollt awer och erwänen, dass d'Fraisen vum SIGI vu 483.000,- Euro op 534.500,- Euro eropgaang si vun 2015 op 2016. Mir kruten erkläert, dass de SIGI plënnert, et ass kloer, dass dat eppes kascht, mä mir mussen awer virun allem kucken, dass dës dach substantiell Hausse vun iwwer 12% net all Joer kënnt an dass de Service zu eiser Zefriddenheet hei zu Diddeleng erleedegt gëtt.
Da kommen ech awer zu engem Syndikat, dem seng Fraisen enorm an d'Lut gaange sinn.
Dat steet souguer och an de Commentairen vun eisem Gestiounsservice zu der Hausse vun eisen ordinären Dépensen. Et ass also net nëmmen d'CSV, déi dat bemierkt, mä och eis Experten aus eisem Gemengeservice.
Den TICE: Eleng 2016 bezuele mir 300.000,- Euro méi fir de Citybus an den TICE!
Ech weess, den TICE ass hei am Süden eng helleg Kou, historesch gewuess, an et traut kee sech, dëse Syndikat kritesch ze duerchliichten.
D'Frais-d'exploitationë vum TICE nëmmen alleng fir eis Diddelenger Gemeng: 1,38 Milliounen Euro fir 2013, 1,42 Milliounen Euro fir 2014, 2015 an 1,52 Milliounen Euro fir 2016.
Part dans les investissements du TICE: 85.000,- Euro fir 2014, 359.000,- Euro fir 2015 an, et kënnt nach besser, 539.000,- Euro fir 2016
CITYBUS: Participation aux frais fir eis Gemeng: 563.000-, Euro fir 2014, 600.000,- Euro fir 2015 an 800.000,- Euro fir 2016.
Mir hunn och Diddelenger Vertrieder an dësem Syndikat: Mir hunn nach ni en Dekont virgestallt kritt, ni erkläert kritt, firwat dëse Syndikat esou deier ass. Dat ass ëmmerhin eng Deierescht vun iwwert enger halwer Millioun, dat ass jo awer kee Peanuts. Ok, mir fueren elo e bësse méi Linnen, sécher keng besser Linnen, mä erkläert dat esou eng grouss Hausse?
En plus muss jo op Drock vun der Bevëlkerung nogebessert ginn. Déi Fraisen, déi Ëmstrukturéierungen, déi am September solle gefuer ginn, dat kascht jo erëm, déi komme jo sécher hei nach derbäi. Meng Fro: Wéi eng Zomm musse mer dann do nach nobezuelen? A kréie mer dat dann och kloer an däitlech matgedeelt?
D'Gemengen am Land, net am Süde mam Rescht vum Land, déi un den RGTR ugeschloss sinn, bezuelen näischt fir hire Bus, well den RGTR integral vum Staat bezuelt gëtt.
Den TICE kritt vum Staat och en RGTR – Subsid pro gefuere Kilometer.
Den TICE gouf als Syndikat gegrënnt fir de Busservice vun de Gemengen, déi Member sinn, hei am Süden also, ze assuréieren.
Den RGTR hätt dat och gemaach, mä deemools hunn d'Südgemenge gemengt, si kënnten dat och an Eegeregie ubidden. All Minettsuertschaften sinn dunn ënnereneen an ëmmer mat Esch verbonne ginn. Sécher och well am Zäitalter vu Stol an Eisen, de Besoin och do war fir déi verschidden Südgemenge mateneen ze vernetzen.
Firwat ass den TICE dann elo sou deier? Well si mussen d'Material kafen, Hangare bauen a Buschauffere bezuelen. En TICE-Buschauffer verdéngt bal 50% méi ewéi RGTR-Chaufferen oder Chauffere vu Privatfirmaen. Firwat och ëmmer.
Diddeleng bezilt an ënnerhält dësen deiere Syndikat mat. Mir hu just 2 regional Linnen déi eis mat deenen aneren TICE-Gemengen verbannen. Eise Citybus bezuele mir integral un den TICE.
Wär et net emol derwäert, auszerechnen, wat d'Ëmklammen op den RGTR an eventuell d'Vergab vum Citybus un een aneren Operateur géif kaschten oder wat dat géif aspueren? Well, wann ech kucke wéi onflexibel den TICE ass, zum Beispill fiert nach ëmmer kee Bus an der rue de la Vallée, wéi deier den TICE ass, da wär et vläit awer emol derwäert, den Exercice ze maachen. Et ass eng Propos, historesch gewuesse Gegebenheete kann ee jo wuel och emol eng Kéier hannerfroen.
Dann nach e Wuert zum PRO-SUD, iwweregens vum Här Buergermeeschter mat kengem Wuert erwänt. 2003 gouf de PRO-SUD gegrënnt fir d'Promotion touristique vum Süden haaptsächlech ze förderen a fir d'Entwécklung vum Süden ze begleeden. Am Juli 2015 huet de PRO-SUD mam Ministère eng nei Konventioun ofgeschloss. Fro: Muss déi nei Konventioun dann net vum Gemengerot approuvéiert ginn?
De PRO-SUD hat elo eng "Zukunftswerkstatt Sud 2015" organiséiert. Ech war do, als eenzege Conseiller vun Diddeleng. Och den Här Buergermeeschter war vum Schäfferot do. Et huet esou ausgesinn, ewéi wa PRO-SUD sech misst nei Aufgabegebitter sichen, wat dach e bësse befriemend ass. Muss, wann e Syndikat seng initial Aufgab ënnerwee ännert, dann net emol an de Gemengeréit gekuckt ginn, ob mir als Gemeng eis do nach erëm fannen an deem Syndikat?

Dann zum Thema Night-Rider: dat gëtt ëmmer als Succès dohi gestallt, mä Fakt ass: Vente de tickets Nightcard Sud: Et goufe 5.500,- Euro fir 2014 an eis Kees gespullt, 2.100,- Euro fir 2015 an 3.000,- Euro fir 2016 agesat, wat optimistesch ass.
D'Fraise, par contre, belafe sech op 33.780,- Euro fir 2014, 41.000,- Euro fir 2014-2015 an 53.000,- Euro fir 2016. Do kann ee sech d'Fro stellen, ob deen Night-Rider wierklech sënnvoll ass.
Mä et schéngt ewéi wann eis Gemengeresponsabel awer agesinn hätten, dass et aner Modeller gi fir eise Nachtschwärmer e flotten Service unzebidden.
De Late-Night-Bus steet am Budget, dat gouf vun der CSV laang gefrot, 2012 war eis éischt Ufro. E gouf elo am Budget awer just mat 9.000,- festgehal. Mir kruten erkläert, e géif zweemol am Mount fueren. Wat soll dat dann? Wann, da maacht Neel mat Käpp: zweemol no zwielef Auer owes freides a samschdes vu Lëtzebuerg op Diddeleng, dat ass eis Propose an dat géif eisen Nuetseilen eppes bréngen.
Mir bieden Iech, der CSV hier Motioun matzestëmmen, de Late Night Bus auszebauen an die zousätzlech Fraisen an de Budget fixéieren. Am Numm vun der CSV soen ech Iech scho Merci.
Da wollt ech am Numm vun der CSV awer zum Schluss nach e puer Remarquen allgemeng zum Budget maachen:
Mir sinn net ëmmer zefridde mam Stil, wéi de Schäfferot seng Aarbecht erleedegt.
Beispill: De Projet Shared Space am Duerf, ëmmerhin e groussen Invest vu 6 Milliounen Euro, dee wollt Dir einfach duerch wénken am Gemengerot, ouni eis de Projet am Detail virzestellen, ouni dass den Architekt an den Urbanist op eis Froen äntweren.
Wéi d'Oppositioun sech net averstane gewisen huet, hutt der eis versprach, dass mer de Projet virum Vote nach eemol virgestallt kréien, dat hätt dach awer misse vu vireran esou geplangt sinn.
Beispill: Dépassementer vun Devisen: passt w.e.g. besser op a frot no fir dass mer wa méiglech manner Iwwerraschunge kréien, wéi dat am September de Fall war, wou mer hu misse bal eng Millioun no stëmme musse fir Dépassementer.
Beispill Lenkeschléier Schoul: an deem Quartier sinn d'Baugenehmegunge fir d'Haiser eraus, mä vun der Schoul, oder, wéi et elo heescht, vum Bildungshaus, do feelt nach de Konzept, mir hu keng Pläng, d'Struktur ass nach net definéiert, den Avant-projet ass nach net um Ministère ugefrot, etc.
Do mussen awer och elo mol Neel mat Käpp gemaach ginn. Et si fir 2016 just 100.000,- Euro am Budget virgesinn. Domat lafe mer awer och net wäit. Domat gëtt déi Schoul da weder 2017 nach 2018 fäerdeg. Soss wëssen d'Leit net, wou se hir Kanner an d'Schoul schécken a mir wëssen och net, wou mer déi Kanner sollen ophuelen.
Beispill Crèche an der Parkstrooss: Dat ass eng never ending story. Säit 2012 schwätze mer dervun, eng kommunal Crèche, wou Lëtzebuergesch geschwat gëtt a wou flexibel Öffnungszäiten ugebuede ginn. 68 Kanner sollen dohinner kommen, dat sinn 7-9 Gruppen. Wou ass dann do d'Prozedur drun? Wéi ass d'Konzept? Wien ass den Träger? Wei sinn d'Öffnungszäiten? Firwat sinn 2015 scho 444.000,- Euro am Budget ageschriwwen? Dëst Joer sti 600.000,- Euro dran. Wat ass da bis elo scho gelaf? Firwat kréie mir de Projet nett am Gemengerot presentéiert?
Beispill Hartmann: Bis elo krute mer nach keng präzis Angabe wat den Ënnerhalt eis kascht. Dir hutt zwar opgezielt, dass mer 200.000,- Euro vum LNB an 133.000,- Euro vun der Beetebuerger Gemeng kréien. Mir "spueren" 200.000,- Euro Locatioun vun anere Schwemmen, mä Dir musst dach ee Gesamtchiffer kënne benennen, wat dat Ganzt eis, déi Diddelenger Leit, elo all Joer kascht. Am Dossier vum Dialogue compétitif geet riets vun Ënnerhaltskäschte vun ongeféier 1,3 Milliounen Euro. Ech hunn dës Zomm awer net esou am Budget erëm fonnt. Vläit kënnt Dir mir do eng Erklärung ginn?
Beispill Postekreatioun: Ech hunn et virdrun scho gesot, mä ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen: Mir schafe Posten sur mesure, déi oft net ausgeschriwwe ginn, mol net intern. An der selwechter Sitzung, wou mer e Posten schafen, gëtt schonn e Kandidat "Ärer" Wahl dropgesat, dat mécht een net.
Beispill schlampeg Presentatioun vum City-Bus-Konzept am Gemengerot: voller Feeler, déi virun allem der Oppositioun opgefall sinn, an dann awer maache mer, wéi wann dat net schlëmm wier. Dach, dat ass schlëmm. Bei wichtege Reglementer, déi un de Ministère ginn, däerf kee Feeler dra sinn.
Beispill Subside fir d'Veräiner: Do ass eng extrem Intransparenz beim Verdeelungsschlëssel, an dann awer beleidegt sinn, wann d'Oppositioun dat kritiséiert, dat mécht een net.
Da ginn et awer och gutt Beispiller: Schäffen René Manderscheid, ech muss Iech awer och emol eng Kéier e Kompliment maachen. Dir hutt är Ressorten e Freideg an Ärer Interventioun ausféierlech an informativ virgestallt. Dir waart deen eenzege Schäffen, deen alles, awer och alles mat konkreten Zuele beluegt

huet, dofir hu mir och keng weider Froen, wat Är Ressorten ubelaangt. Merci dofir. Mir ginn Iech och Recht, wann der sot, am Domaine Soziales a Solidaritéit brauch Diddeleng sech näischt ze reprochéieren. D'CSV huet jo och all d'Sozialprojete matgedroen, notamment hu mir scho virun e puer Joer suggéréiert, dass den Office social soll d'Gestioun vun eise soziale Wunnengen iwwerhuelen. Dat ass jo och elo esou décidéiert. An notamment war et och d'CSV, déi ëmmer rëm gefrot huet, och am Projet Parking-Post-Am Duerf déi eng oder aner Sozialwunneng ze kafen. Bravo! Dat ass jo elo geplangt fir 2016 realiséiert ze ginn.
Just eng Suggestioun: De Gemengerot ass och prett, um Sozialsommet deelzehuelen an 2 Joer. An de CIGL kéint jo eventuell am Wanter bei Privatleit, déi net doheem sinn, de Schnéi schëppe goen. Dat ass eng Iddi. Leideleng mécht dat, géint en Obolus vu 15 Euro d'Stonn.
An eng Fro: wou si mer mat de Charta - Famillje-frëndlech Gemeng - drun? Do sollt jo nach en zweeten Audit gemaach ginn, do wollt ech nach eng Kéier nofroen.
Dann nach e puer Detailfroen.

- Loyer CHEM, fréier 21.857,- Euro, ab 2016 awer nëmmen 3.902,- Euro. Firwat?

An ech wëll nach emol drop opmierksam maachen, dass an eisen Ënnerlagen och steet “suivant convention échéant en 2017”. Wat geschitt dann duerno mam Spidol?
All Joer soen ech et: Indemnité secrétaire commission scolaire 4.843,- Euro säit 1995, elo hu mer jo awer een haaptbeamtleche Chef vum Schoulservice. Ech mengen, dee Posten huet sech awer selwer ofgeschaf an dat muss ee redresséieren.
Dann nach eppes, wat mer wierklech uewe läit:
Local de nettoyage an der Schoul Baltzeng: 85.000,- Euro. Wei ass dat dann elo? Ass do eng Botzfra pro Schoul all Dag do? Well um Däich sinn an de Schoulzäiten keng Botzfrae sur place. Déi kommen eréischt um véier Auer botzen. Well, firwat brauche mer esou e Local de nettoyage wa keen dran ass? Wann een da seet, mer wëllen de Leit entgéint kommen an dezent Aarbechtsconditioune bidde wëllt Dir dann elo an all Schoulgebai, mir hunn der 10, esou ee Raum fir Material an Openthaltsméiglechkeet fir Botzpersonal virgesinn? Wat kascht dat?
Véier Klassesäll an der Gaffelt ginn nieft engem "Local de nettoyage" méi grouss ewéi geplangt.
Meng Fro: den definitive Projet gëtt vill méi deier. Bei déi 1.260.000,- Euro kommen der nach 555.000,- derbäi, da si mer bei 1.820.000,- Euro. Meng Fro: De Subsid vum Staat ass op deen ale Präis berechent, kréie mer dann elo méi oder ass hei och gedeckelt, wat mer kréien? Normalerweis sinn et jo 40,6% vum Gesamtpräis, mä et heescht ëmmer maximal 325.000,- Euro pro Klassesall. Wéivill musse mir dann elo méi bezuelen? Am Budget si 513.590,- Euro agesat. Et bleift eis awer do nach en décke Batz op der Box, ënnert anerem de Local de nettoyage.
Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen a Gemengerot: D'CSV stëmmt ville Projeten zou wann se sënnvoll si fir Diddeleng a seng Leit no vir ze bréngen.

- All Invest an eist Schoulpersonal, Schoulmaterial, Schoulgebaier, ausser deier Locaux de nettoyage fir 85.000,- Euro,
- All Invest an eis Maison-relaisen an hiert Personal,
- All Invest vum soziale Wunnengsbau,
- Investissementer fir sozial Kohesioun - Office social, CIGL, Service emploi,
- Spillplazen, Stroossebau, Jugendhaus, Jugendsummer, Studentewunnengen, Studentesubsiden,
- Sport a Fräizäit Investissementer, déi an engem akzeptabele Kader sinn,
- PAGe fir gutt Projeten, déi gutt fir Diddeleng sinn,
- ökologesch Projeten,
- kulturell Projeten,

mir géife vill Décisioune matdroen an derfir stëmmen, zum Beispill fir d'Aféiere vun engem Call-Bus (Ruff-Bus) fir e kloert Tourismuskonzept fir Diddeleng, fir d'Schafe vu vereenzelte sënnvolle Posten, déi effikass Servicer stäerken. Projete fir kommunale Wunnengsbau, deen deene jonke Leit eng Chance fir een autonomt Wunne gëtt.
Mir géife mat investéieren an eng Bësch-Crèche, an den Ausbau vu Précoce-Maison-relais-Offeren, an den Ausbau vun der Zone Koibestrachen, an d'Créatioun vun enger Zone mixte am neie PAG, an e kloert Zukunftskonzept fir eist Spidol.
Mir géife matschaffe beim Iwwerdenke vun eisen Engagementer an de Syndikater, notamment am TICE, mir wären derbäi beim Moratoire, oder zumindest engem däitlechen Zeréckschrauwe beim Neischafe vu Poste beim Gemengepersonal.



Mä well mir eis awer an dësem Budget net genuch erëm fannen, well vill Sue feel investéiert ginn, well Visioune feelen, dofir stëmmt d'CSV dëse Budget dann och net mat.

Romy Rech (LSAP): Ech hu wéi all déi aner Kollegen a Kolleginne ganz interesséiert nogelauschtert wat d'Michèle Kayser vun der CSV hei gesot huet. Fänke mer vir u mat der Dokumentatioun. Mir soe selbstverständlech eisem Finanzservice och Merci fir déi flott dokumentéiert Dokumenter. Et fält der Oppositioun och keen Zack aus der Kroun fir dës Majoritéit ze luewe well schliisslech liwwert dës Majoritéit alleguerten déi Donnéeën do, a léisst Abléck ginn an all eenzel Facettë vun de Politberäicher a vun de finanziellen Engagementer, déi mer hei an der Gemeng ginn, éischtens.
Zweetens ass et esou, dass mer säit Joren dorop halen.
Drëttens, dës Majoritéit huet absolut guer näischt ze verstoppen, si leet hir Kaarten offen op den Dësch, wou mir selwer als LSAP-Fraktioun drop halen, an dat och scho säit Joeren esou duerchzéien. Merci de Kollegen am Finanzservice fir déi ënnerstëtzend Aarbecht vun den Dokumenter an ech mengen, et erlaabt Iech dann och fir propper an anstänneg op deem ze schaffe wat d'Politik an dëser Gemeng an deene leschte Joren an an deenen nächste Jore wäert hierginn.
Kuerz zum Budget rectifié: D'Madame Kayser huet mat Recht gesot an den Här Buergermeeschter huet dat och a senger Virstellung gesot, d'Zuelen sinn e bësselchen no ënne variéiert, si hu geschwächelt, eben aus deene Grënn, op déi Dir mat Recht drop higewisen hutt, also wat d'Gewerbesteier, also d'Einname vun der Gewerbesteier an d'Dotatioune vum Staat ubelaangt.
Ech kommen dorop zeréck.
Dat mécht natierlech e bësse Gedanken, et mécht och Gedanke virun allem mam Plan pluriannuel financier well, dat hu mer jo och an der Finanzkommissioun geschwat, et hypothekéiert e bëssen d'Viraussiichten, déi ee wëllt hu fir esou exakt wéi méiglech an der Zukunft ze plangen.
Ech hunn e puer allgemeng Remarquen. De Budget rectifié fir eis Fraktioun leeft an deem Kader an deem Fënnef-Sechs-Joresplang, dee mer eis ginn hun. Mer schléissen nach ëmmer of mat engem Boni. Et kann een doriwwer diskutéiere wéi dee Boni ass. En ass net héich genuch, do si mer eis alleguerten eens mä et ass net fir an Défaitismus a Panik ze verfalen. D'Zuele ginn elo dat hier wat eben deemools och geplangt war an där méi optimistescher a vläit e bësselchen euphorescher Circulaire ministérielle an, an dat mécht dann elo och déi Variatioun aus, mat där mer konfrontéiert sinn.
Ech wëll iwwergoen an de Budget initial 2016: Mat deem wat ech all Kéier hei soen an ech mengen, wat awer trotzdem vu ville Leit do baussen an och heiansdo heibannen total ënnerschätzt gëtt, nämlech dat wat eigentlech schonn alles an der Gemeng existéiert a finanzéiert gëtt a wou de Finanzement och assuréiert ass a wou en och iwwer laang Jore kann assuréiert bleiwen, nämlech dat formidabelt Déngschtleeschtungsugebuet, dat mer hei an der Gemeng de Bierger(innen) zur Verfügung stellen.
Dat huet e Präis, jo, dat huet e Präis an dat garantéiere mer an déi Prioritéit, dat ass fir mech a fir eis Fraktioun hei déi éischt Prioritéit, déi et iwwerhaapt vu Budget zu Budget gëtt, niewent deem, wat mer dann nach alles drop setzen. Déi Kiischten, déi mer nach op de Kuch setze fir d'Attraktivitéit vun dëser Stad fir eis Bierger(innen) esou flott an esou wäertvoll ze gestalten, wéi mer dat all déi Jore bis elo gemeet hunn, an och bei Anhale vun all deem, wat mer an der Schäfferotserklärung engagéiert a versprach hunn, an dënnen nächste Jore wäerte maachen.
Also, éischt Prioritéit ass a bleift de Finanzement an d'Garantie vun eisem formidabele Déngschtleeschtungsugebuet. Ech si frou, dass d'Spriecherin vun der CSV endlech op deen offensive Wee geet a mech bestätegt doran, datt mir an eiser Investitiounspolitik an all eise Projeten iwwer déi lescht Joer ni an déi defensiv Bremspolitik eragefall si wéi si. Ech sinn also frou, dass d'Kollegin vun der CSV endlech mat op den offensive Wee geet an ech huelen un, dass dat da fir hir Kollege vun der Fraktioun dat selwecht wäert sinn. Ech muss awer soen, wann een esou een Déngschtleeschtungsapparat huet ewéi d'Gemeng Diddeleng, da muss een awer fairerweis soen, dass deen net mat Roboteren a Computere funktionéiert. Dee funktionéiert mat Leit, mat Personal, a mer brauchen dat Personal a mer kucken alleguer zesummen an dat hu mer all Joer hei gesot, dass mer Mooss hale wat d'Zuel vun deem Personal ubelaangt. Déi lescht Wochen, déi lescht Deeg hunn ech genau an de Zeitunge verfollegt wéi et an de Gemenge ronderëm, vergläichbare Gemengen, manner vergläichbaren a méi vergläichbare Gemengen, d'Entwécklung vum Personal ass. Et deet mer schrecklech Leed, ech hunn och keen Trick an der Täsch an ech menge si och alleguer net, mer leien do, ech géing esou soen, méi

wéi an der Moyenne, ech betounen dat well ech hu mer extra d'Méi gemaach fir dat iwwerall ze kucken, bei nach anere Parameteren, déi hei zu Diddeleng vill méi favorabel sinn ewéi an anere Gemengen. Déi zwar op deem selwechte Prozentsaz leien, wat d'Personal ubelaangt, wat d'Personalkäschte betrëfft, wéi Diddeleng, mä déi awer bei anere Parametere vill méi schlecht sinn. Ech brauch lech jo net ze soen, dass d'Stad Lëtzebuerg bei 64% läit. Dovu si mer awer nach wäit ewech. Maache mer eis do och näischt vir.
Dës Majoritéit, dës LSAP-Fraktioun steet zu deem Personal. Dat Personal hëlleft eis extrem vill a gutt fir all eis Realisatiounen an eis Engagementer an eis Projeten, déi mer eis vis-à-vis vun der Populatioun ginn hunn, wierklech a konkret Musek ëmzesetzen, Dag fir Dag, Stonn fir Stonn, a mir stinn zu deem Personal, honnert Prozent, an, ech widderhuelen dat, wat de Buergermeeschter de lësche Freideg ganz kloer gesot huet: Mat eis fënnt dee Generalugrëff op d'Personal net statt. A fir et méi kloer an däitlech ze soen, d'Privatiséierung, besonnesch dann och an deem Beräich wou der lech jo ageschoss hutt, nämlech wat d'Botzpersonal betrëfft, dat fënnt mat der LSAP-Fraktioun net statt.
Froen, déi ee sech all Kéier stellt, och kritesch Froen, an ech stelle mer déi natierlech och, ech lauschtere jo no wat gesot gëtt an ech liesen, wat ronderëm mech geschitt an ech interesséiere mech jo och fir d'Entwécklung vun de Finanze vun eiser Gemeng: Wéi sinn déi Parameteren opgestallt, hale mer d'Strooss mat eiser Finanzpolitik? Sinn eis Parametere gutt, sinn se extrem schlecht, hale mer d'Strooss domat? Ech hunn elo déi lescht Joeren, ech si jo nach net laang derbäi, souwuel an der Finanzkommissioun wéi och hei am Gemengerot festgestallt, dass vill Prognosen, déi vun hei a vun do gemeet gi sinn, net agetratt sinn.
Dass mer esouguer a schwierege finanziellen oder wirtschaftlechen Zäiten Dank eiser virsiichteger, wäitsichteger Finanzpolitik an awer trotzdem offensiver Finanzpolitik mat dem groussem Versuch fir équilibréiert an alle politescher Beräicher virzegoen, équilibréiert an net nëmmen all Kéier déi Korënten aus dem Kuch erausgepickt hunn, déi eis dee Moment just geschmaacht hunn. Équilibréiert heescht, d'Voirie, d'Schoulen, eis Gebaier a Stand halen, eise Fuerpark a Stand halen, eis Déngschtleeschtungen op engem héijen Niveau halen, eis sozial Engagementer op engem héijen Niveau halen.
All dat hu mer all déi Jore mat Bravour fäerdeg bruecht a mer stinn, wat eis Finanzen ubelaangt, scholdeméisseg exzellent do, reserveméisseg exzellent do.
Jo, mer schwächele strukturell am ordinäre Budget, dat ass richteg. Ouni elo viru vill aner Diere wëlle kieren ze goen, muss ech awer och soen, dass national awer scho säit e puer Joren op e puer Hiewelwénk géif waarde fir vläit op där enger oder anerer Säit besser ënnert d'Ärem gegraff ze kréien.
Ech géif dat och net ënnerschätzen, dass déi regional Aufgab eng grouss Roll spillt well déi bréngt och fir eis vill Flichte mat sech an si bréngt och eng ganz Rei vun Onannehmlechkeete mat sech. Mer brauche jo nëmmen ze kucken, wa mer d'Mobilitéit huelen, also den Transport an dat ronderëm, dass d'Stad jo awer zimlech accaparéiert gëtt zu ganz präzisen Zäiten am Dag, respektiv an der Woch, an all dat si Saachen, déi aner Lokalitéiten, wann se net déi regional grouss Unzéiungskraaft hunn, wéi dat fir Diddeleng de Fall huet, déi aner Qualitéiten an där Form net hunn an eben dann op déi aner Zentren ofstoussen. Et ass den Haaptproblem, do si mer eis eens, et ass awer ee vun de Problemen an et beweist, dass weder Lëtzebuerg op enger Insel lieft, nach Diddeleng an et ass och net schlecht wann d'Beetebuerger an d'Téitenger an d'Remelénger an d'Suessemer Kollegen sech och alleguerte bewosst ginn, dass mer zesummen héchstwahrscheinlech méi staark sinn, och an der Zukunft, wéi een alleng, onofhängeg vun de Majoritéiten an dat wëll ech betounen. Well et geet hei ëm d'Leit an et geet ëm d'Saach.
Iwwer de Verdeelungsschlëssel hu mer schonn oft hei geschwat. Watt mech am meeschte stéiert am Moment, ass, dass mer och keng Brems no uewen hunn. Et geet jo net dorëms fir deem engen oder deem aneren iergendwéi eppes dramatesch ewech ze huelen, mä wat mech einfach stéiert, ass, dass eng Rei vu Gemenge mat voll geféllte Reserven a mat wierklech grousse finanzielle Mëttelen, dass déi Standarden entwéckelen, déi keng aner Gemeng an dësem Land jee eng Kéier wäert oder kann erreechen an dass et politesch héchstwahrscheinlech wierklech guer net raisonnabel ass fir net op d'mannst Plafongen anzeféieren an ze soen, 745dass de Bierger vu Schéffleng a vu Péiteng a vun Diddeleng awer op d'mannst an der Forschette grad esou vill wäert ass wéi dee vu Betzder, Sandweiler oder Lëtzebuerg. Och dat ass mol net nëmme méi eng politesch Geschicht mä eng Geschicht, déi vill mat gesondem Mënscheverstand a Vernunft ze dinn huet. Och an der Zukunft.

Et kéint ee sech froen: Gëtt et nei Ressourcë fir d'Gemengen? Jo, natierlech gëtt et der, wann ee kéint eng Bauschuttdeponie maachen. Mir hate jo d'Beispill hei zu Diddeleng. Jo, da kritt ee substantiell Entréeën. Wann awer d'Plaz an den Terrain dofir feelt an och d'Méiglechkeete fir op den Terrain ze kommen, méi Schwieregkeete schafe wéi se herno schlussendlech u Liewensqualitéit an un Einnamen oder Mehreinname bedeiten, dann ass dat och keng sënnvoll Ressource. Komme mer zu der Ressource Impôt foncier. Ech hu meng Rechnung matbruecht vum Impôt foncier. Déi beleeft sech op 43,60 Euro. Ech mengen, heibanne sinn der, déi wëssen, wat se am Ausland am Moment bezuelen oder wat se géingen am Ausland bezuelen. Minimum dat Zéngfacht, ech ginn zum Beispill aus vun engem klenge, léiwen Appartement, do ass et labber dat Zéngfacht. Wann een nach op aner Saachen zeréck geet, ech hunn dat mat franséisch Kollege beschwat, déi bezuelen dat Zwanzegfacht.
Ech wëll net soen, dass dat elo d'Allheilmittel ass fir eis Finanzen ze sanéieren, mä et muss ee sech awer emol eng Kéier virun Aen hale bei 745.000,- Euro, déi mer den Ament era kréien. Alleng schonn eng Verdueblung, déi fir kee Propriétaire vill géif bedeiten, dat géif eis dee Moment 745.000,- Euro méi an den Ordinaire erabréngen. Dat do ass och eng vun eise strukturelle Schwächten, d'autant plus wou et wierklech déi eenzeg richteg Gemengesteier ass, déi et gëtt.
Ech ginn net méi wäit, ech wëll just hei soen, et gëtt Méiglechkeeten, och an der Zukunft, mä déi Méiglechkeeten sinn och heiansdo, besonnesch bei mannerbemëttelte Leit, kleng Bumerangen, déi ee fort schéisst an déi dann erëm kommen an awer och wéi doen. Bei deenen, déi Propriétaire sinn, ginn ech dervun aus, dass et vill manner géif wéi doen. Dat ass zum Beispill eng vun de Ressourcen.
De Pacte Logement, et ass hei ugeklongen, mär kréien dëst Joer näischt, mer wëssen awer ganz genau, d'accord, mer iwwersprangen eng Etapp an dann déi Etapp 2017 kënne mer ganz sécher e Batz Pacte Logement an de Budget initial asetzen. An do wäerte mer dann d'Friichten droe vun deene Lotissementer, respektiv vun deene Leit, déi dann an déi Wunnenge ginn, déi am Ament amgaang si gebaut ze ginn.

Fir eis alleguer ass et wichteg fir éierlech an den Aschätzungen ze bleiwen, net nëmmen an den Aschätzungen, ech fannen, dass eng ganz Rei vu Saachen ëmmer derwäert si fir a Fro gestallt ze ginn an dat ass och iwwerparteilech esou. Iwweregens gëtt dat jo och hei an der Gemeng vum Schäfferot scho laang Jore gemeet an et ginn eng ganz Rei vun Haussen am Budget, lénks a riets gedréint, an och vun dëser Majoritéit a vun Iech a Fro gestallt. Ech fannen, dass dat eng gutt Approche ass, ech hunn absolut kee Problem domat, mä déi Aschätzunge mussen éierlech bleiwen. Well, et geet net duer fir ze soen, dat doten an dat dote baue mer of oder dat doten an dat doten, dozou engagéiere mer eis net méi, an dat dote wëlle mer net, dass dat esou soll ëmgesat gesat ginn, op där anerer Säit fuerdert een an op där drëtter Säit seet een och net, mat wat ee soll ophalen, wéi een déi Sue soll erakréie fir déi nei Fuerderungen ze erfëllen a wéi een et soll maache fir dat ze garantéiere wat mer de Moment alleguer zesummen hei fäerdeg bréngen mat eiser léiwer, flotter Gemeng fir den Diddelenger Bierger(innen) u Liewensqualitéit unzebidden. An dat schéngt mer e wichtege Faktor ze si bei der éierlecher Aschätzung vun den de Recetten a virun allem awer och vun den Dépensen. Fuerderen ass déi eng Säit vun der Médaille, awer iwwert laang Zäit muss een och soe wéi een dat alles finanzéiert an dat ass eben dann déi aner Säit vun der Médaille, well dat muss ee jo och oprecht kënnen erhalen an der Zukunft.
Iwwer d'Eckwäerter maachen ech elo net dat selwecht wat schonn hei éischtens an der Dokumentatioun steet an och wat d'Kollegen an d'Kollegin vum Schäfferot a virdrun d'Kollegin vun der CSV hei nach eng Kéier opgefouert huet. Déi Eckwäerter schléissen och am Initial mat engem definitive Boni vun 2,1 Milliounen Euro of.
D'CSV huet hei geschwat vun der wirtschaftlecher Entwécklung vun Diddeleng. Jo, dat ass e ganz wichtege Punkt fir eis an dat bleift och esou well mer jo net nëmmen hei wëlle wirtschaftlech Entwécklung hunn. Mir wëllen Aarbechtsplazen ubidden, mir wëllen, dass vill Leit op Diddeleng kommen, dat bleift fir eis och an der Zukunft eng wichteg Komponent fir eng lieweg Stad ze sinn an ze bleiwen.
Ech wëll eise Leit hei zu Diddeleng Aarbechtsplazen ubidden, ech wëll awer och do betounen, dass mer, wa mer dee ganzen Apparillo, dee ganze sozialen Apparillo scho säit Joren a Joren net esou do stoen hätten, wéi mer dat bis elo gemeet hunn, a mer awer trotzdem zimlech stabil bleiwen, wat zum Beispill de Chômage ubelaangt, wat zum Beispill d'Aktivitéiten och an der Stad ubelaangt, an och wat d'Prekaritéit vun eenzelne Leit ubelaangt, musse virsiichteg bleiwe well och do investéiere mer enorm vill dran.
Mer kënnen net nëmme mat Seefeblose schaffen, och do ass d'ëffentlech Hand déi, déi am Moment im-

mens vill korrigéiert an och immens vill ausgläicht, wat mer eigentlech net aus dem Handgelenk eraus kënnen einfach esou ubidden a wat mer och an der Zukunft wäerte mussen op engem héijen Niveau halen ouni elo mol nach vum Office social ze schwätzen, dat nach e Volet à part ass.
Ech fannen awer, dass d'Entwécklung hei zu Diddeleng am Schrëtt geet mat de Méiglechkeeten, déi mer hunn. Mer musse vigilant bleiwen, dat hunn ech och schonn déi lescht Kéiere gesot, mer entwéckelen eis net schlecht vun Norden no Süden. Am Süden deelen ech Är Aschätzung am Moment net well do aner Acteuren eigentlech déi richteg Kaarten am Grapp hunn an eigentlech endlech eng Kéier mussen eens ginn, wiem wat gehéiert, wie wat mécht a wie wat bezilt well deen eenzegen Acteur, deen immens aktiv, an do deelen ech Är Aschätzung net, deen immens aktiv war an deem dote Beräich, dat ass d'Gemeng Diddeleng.
De Schäfferot brauch sech do keng Virwërf maachen ze loossen. Mir mussen um Ball bleiwen, dat ass ganz kloer eng Linn. Diddeleng Süd ass e wichtege Beräich och fir d'Zukunft, mä mer wäerten deen net an engem Joer realiséieren. Ganz sécher net. A mer mussen eis och e bësselchen Zäit ginn a Gedold hunn a kucken, dass déi néideg Mixitéit och an der Zukunft garantéiert bleift, dass och Betriber an Aktivitéiten, déi hei zu Diddeleng stattfannen an déi wëllen expandéieren. Dass déi hei zu Diddeleng Plaz fannen. Dat geet net an zwou Minutten. Mer mussen eis eens sinn dodriwwer, dass mer dat doten net aus dem Aarm rëselen.
Och Diddeleng Nord sinn ech der Meenung, dass mer ganz vill, an dat zu Recht, investéiert hunn. Mer kennen do deen nevralgesche Punkt, mir mussen och do zu eise Responsabilitéite stoen an dat wäerte mer och maachen. Mer fannen awer, dass deen Entwécklungsplang och net schlecht ausgesäit. Wat eis alleguer do natierlech Suerge mécht, dat ass de Verkéiersfloss an och all Méiglechkeeten auszenotzen, wat nëmme machbar ass fir de Verkéiersfloss esou gutt a beschtméiglech fir Diddeleng ze organiséiren

Da kommen ech zum Zentrum: Ech fannen, dass dës Majoritéit dat eenzeg richtegt gemaach huet, wat ze maache war, nämlech dem Zentrum eng nei Nues ze ginn, eng nei Attraktivitéit ze ginn. Mer sinn amgaang, dat ëmzesetzen, ech muss soen, dass d'Plaz ronderëm dee flotte Patrimoine architectural, dee mer mat der Kierch hunn, hei zu Diddeleng, dass déi Plaz extrem gutt gelongen ass. Dat muss ech soen. Dat ass och ganz flott an Diddeleng wäert hei- no wierklech u grousser Attraktivitéit gewannen.
De Shared Space ass a mengen Aen absolut eng Verstäerkung vun deem neie Stadbild. Wann do d'Leit wunnen an och nei Geschäftsfläche geschafe ginn, lieft selbstverständlech dee Stadkär erëm nei op, e kritt eng nei Dynamik an an där Hisiicht fannen ech, dass mer och do déi richteg Jalone gesat hunn.
Ech wollt nach zu de Syndikater soen, ech fannen, dass och d'Diskussioun ëmmer erëm wichteg ass an dass een ëmmer erëm muss oppassen, wat an deene Syndikater engagéiert gëtt a wat mer do maachen, wëll awer elo net op Froen agoen, déi der dem Schäfferot op dem Plateau zerwéiert hutt a wou mer als sozialistesch Fraktioun hannert deem stinn, wat mer do an deene Syndikater als Comités- oder Bürosmemberen engagéieren an och wat de Schäfferot an deene Syndikater fir Diddeleng wëllt bewegen. Do kënnen si an do wäerten si och schonns drop agoen.
De Centre sportif René Hartmann, dozou wëll ech just ganz kuerz soen, dass ech et impressionant fannen, wat hei zu Diddeleng an deene eenzelne Sportsveräiner geleescht gëtt a mir hu jo elo erëm eng Kéier e groussen Diddelenger Veräin, deen erëm eppes gewonnen huet, eng Coupe, nämlech den Dëschtennis. Schonn alleng wéinst der Aktivitéit an deenen eenzelne Veräiner fannen, ech, dass de Centre sportif René Hartmann nieft der immenser Quantitéit vu Jugendlechen, déi en an deenen nächste Jorzéngte wäert opsaugen, en neien Élan, eng nei Dynamik an déi Sportswelt, an déi assoziativ Welt hei zu Diddeleng erabréngt an dass en sech domat, fir et a finanziellen Termen auszedrécken, méi wéi amortiséiert.
Ech wollt nach op de Volet zeréck kommen, ech war ugeschwat ginn an ech hat och gesot, ech géif Opschloss ginn iwwer déi Initiativ vum SICONA, den Ëmweltsyndikat, an deem ech Member vum Comité sinn, ubelaangt vun "Natur genéissen – Mir iesse bio, regional a fair". Ech wollt nach eng Kéier betounen, dass dat um Lafen ass, dass de SICONA do e Leitfaden wäert erausginn am Ufank vum Joer, am Fréijoer, iwwert de Liewensmëttelakaf fir d'Maisonrelaisen. Ech weess, dass meng Kollegin d'Madame Kutten an och mäin Erniererkolleg am Schäfferot, den Här René Manderscheid beim SICONA nogehaakt hunn, ech hunn dat natierlech och gemeet.
Dat gesäit net schlecht aus, ech krut vun der Madame Ewen Informatiounen an nach eng Kéier bestätegt, dass de Recommandatioune fir d'Cahier-de-chargë vun de Maison-relaisen am Ufank vum Joer 2016 wäerten eraus kommen, dass si zwar nach net op Diddeleng komm war, dat awer wäert a kierzester



Zäit maachen. Dat ass wichteg well dee Moment déi spezifesch Diddelenger Situatioun och kann herno an dee Cahier de charges era fléisse fir bei der Soumissioun eng Roll ze spillen. Also, dat leeft, an et leeft net schlecht, vu dass am Moment 11 Produzenten no ëmweltschounende Critèren ausgewielt gi si vum SICONA fir mat deenen do zesummen ze schaffen.
Ech hunn och mam Romain Zuang nach eng Kéier Récksprooch gehale gehat a weess och, dass sech ënnert de Gemengen hei am Süden déi Responsabel vun de Maison-relaise concertéieren an och wäerten op déi doten zeréck gräifen, wann et nëmme méiglech ass. De Problem ass jo ëmmer d'Quantitéiten an deem dote Fall, do wäert d'Madame Di Bartolomeo méi genee drop agoen.
Am Moment, ech soen dat just nach, d'Madame Ewen huet mer gesot, dass et e Problem bei der Bestellung vum Fleesch gëtt, dat versichen se elo, am Gespréich mat deenen eenzelne Maison-relaisen an de Käch an deene, déi betraff si fir d'Iessen an de Maison-relaisen ze organiséieren, fir déi Problematik genau ze beschwätzen an déi néideg Recommandatiounen da kënnen ze ginn.
Voilà, ech géif Iech nach just soen, dass ech mat menger Asbl SOS-LRS a mat der Ënnerstëtzung vun der Gemengeverwaltung, wou ech Iech alleguerte Merci soen, dat ass jo eise Kampf géint den Échec scolaire bei Kanner, déi Lies- Rechtschreifschwiereg-keeten hunn, dass mer do nach ëmmer leider musse viru fuere well Problemer ginn et ëmmer erëm an ëmmer weider virun an dass mer elo ufanks des Joers wäerten, vu dass d'Finanzinspektioun vun de Gemengen dat jo och verlaangt, eng Conventioun wäerten zesummen ausschaffe fir déi Diddelenger Kanner, déi un esou Stützcoursen deel huelen, fir deenen hiren Deel kënnen ze rembourséieren. Wat mer elo all Kéier mat Ärem graziéisen Averständnis ouni Conventioun gemeet hunn. Elo gëtt dat dann e bësselche méi formalistesch.
Ech soe Merci fir d'Nolauschteren, ech menge mat Sécherheet kënnen ze behaapten, dass mer esouwuel de Rectifié 2015 als LSAP-Fraktioun wéi och den Initial 2016 mat all senge gudden Elementer wäerte stëmmen.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Am Numm vun deene Grénge vun Diddeleng géing ech gär Merci soe fir all déi Dokumenter vum Budget, déi mer hei virleien hunn, den Häre Poull a Lopes fir d'Opstellung vum Budget an d'Grafiken. Merci dem Här Poull och fir de Bericht vun der Finanzkommissioun. Bei anere Kommissioune gi mer net esou mat Rapporte verwinnt. Merci awer och, dass mer tëschent der Virstellung vum Budget duerch de Schäfferot eng Woch Zäit hate fir déi Presentatioun sacken ze loossen an ze iwwerdenken.
Ech sinn dann zoustänneg fir den Iwwerbléck iwwer d'Finanzsituatioun aus gréngen Siicht. Ech géif da mol mam Budget rectifié vun 2015 ufänken. Am Vergläich zum Budget initial, wéi mer en am Gemengerot d'lescht Joer gestëmmt hunn, si mer bei den uerdentlechen Einname ganz no bei de Previsiounen, während d'Ausgabe liicht an d'Luucht gaange si par rapport zum Budget initial. Dobäi stieche keng Poste besonnesch ervir an et bleift beim Budget rectifié Boni vun ongeféier 5 Milliounen am Service ordinaire, wat knapp 1 Millioun méi ass wéi virgesi war.
Wat den ausseruerdentleche Budget betrëfft, sou gëtt et do gréisser Ofwäichungen. Par rapport zum Budget, dee mer ursprénglech gestëmmt hunn, sinn et 6 Millioune méi Recetten a 6 Millioune méi Dépensen. An der Zweschenzäit waren awer Upassunge komm, esou dass elo d'Recette ordinaire mat 23,9 Milliounen als initial verbucht an de Budget rectifié 19,4 Milliounen virgesäit. De Gros vun den Einname betreffe Subventioune fir d'Sportshal mat 14,4 Milliounen, en Emprunt vun 2 Milliounen, sou wéi Subside fir eis Sozialwunnengen a Maison-relaisen.
Déi Subside variéiere natierlech mat den Ausgaben an esou ass nach net déi ganz Zomm erakomm, weder fir den Hartmann nach fir d'Sozialwunnengen an der Fontaine- an an der Commerce-Strooss, grad esou wéineg wéi fir d'Renovatioun vun der Kierchefassad.
Op der anerer Säit sinn déi ausseruerdentlech Ausgaben am Laf vum Joer op 29,9 Milliounen eropgesat ginn duerch zousätzlech Kreditter, déi mer am Gemengerot no gestëmmt hunn. Elo sti bei den ausseruerdentlechen Ausgaben am Budget rectifié vun 30,5 Milliounen, déi sech gréisstendeels erklären duerch Ausgabe fir d'Sportshal, déi vun 7,7 op 8,3 Milliounen erop ginn.
Et ginn och zousätzlech Ausgabe fir Klassesäll an der Gaffelt a fir eis Maison sociale an der Rue du Commerce. Esou bleift um Enn am Service extraordinaire e Minus vu ronn 11 Milliounen, deen duerch de Boni aus dem uerdentlechen Haushalt 2015 an 2014 gedeckt ka ginn.
Domatter si mer erstaunlecherweis guer net esou wäit ewech vun deem wat de Budget initial virgesinn hat, mat engem Mali vun 11 Millioune just dass d'Zuelen total anerer waren, wéi et ugaangen ass.
Trotzdem kann ee soen, dass déi Ofännerungen,

déi am Laf vum Joer virgeholl gi sinn, sech erkläre gelooss hunn duerch Imprévuen.
Mer haten eis vun de Méiausgabe iwwerzeege gelooss a sinn och elo nach d'Accord domat. Dofir enthale mer eis och bei der Ofstëmmung vum Budget rectifié. Wa mer och net mam Budget initial d'Accord waren, sou sinn Dépassementer duerch Devisën a Crédit-supplémentairë beluet ginn an de Budget ass am Respekt vun de Reglementer ausgefouert ginn.
Ech géif dann elo iwwergoen zu der Aschätzung vun der allgemenger Finanzsituatioun. Och wann dat, wat am Budget extraordinaire steet meeschtens méi interessant ass wéi de Budget ordinaire, déi déi lafend Käschte vun enger Gemeng enthält, sou ass d'Evolutioun vum ordinären Deel awer ausschlaggebend. Do stellt sech eraus wéi grouss de Spillraum vun der Gemeng ass fir Investitiounen ouni Scholden ze maachen. Schon d'lescht Joer hate mer drop higewisen, dass déi uerdentlech Einnamen stagnéieren, wat sech och dëst Joer bestätegt, quitte datt de Schäfferot décidéiert huet, d'Gewerbesteier virsiichteg anzeschätzen.
Déi kommunal Gewerbesteier ass ofhängeg vun der Konjunktur a riskéiert, net esou héich auszefale wéi erhofft. Dat war d'lescht Joer de Fall an dofir huet de Schäfferot se och dëst Joer eng hallef Millioun méi niddereg agesat wéi vum Ministère erlaabt.
Et kann een lech also net virgeheien, d'finanziell Situatioun wëllen ze bescheinegen an dobäi hätt der awer all Grond dofir. Sou wéi se sech am Budget initial 2016 presentéiert, ass se net nëmmen net roseg, mä esouguer scho beängschtegend. Déi uerdentlech Ausgabe weisen nämlech en däitlechen Trend no uewen op a maachen den Écart zu den Einnamen immens kleng. Et ass kloer, dass mer an Zukunft méi oft op Emprunte wäerte mussen zeréck gräifen, wa mer weiderhin eng dynamesch sozial Stad wëlle bleiwen a wa mer och am Ëmweltberäich méi staark Akzenter wëlle setzen.
Och dëst Joer ass en Emprunt virgesi vu 4 Millioune fir d'Sportshal woubäi sech dann de Gesamtemprunt fir de partiellen Neibau vun der Sportshal op 13 Millioune wäert belafen. Bis elo sinn d'Annuitéite vun den Emprunte kleng an och d'Pro-Kapp-Verscholdung, mä dat ka sech awer an deenen nächste Jore séier änneren.
Wat déi nächst Joren op eis zoukënnt, misst een theoretesch am Pluriannuelle Finanzéierungsplang kënnen noliesen. Ech zéien awer vir, mech net zevill dorop ze verloossen, well mer nämlech déi Zuele vun de Previsiounen vun de Recette-ordinairë vun 2016 eraus gräifen, sou leien déi gutt 3 Milliounen ze héich. Dat wär jo ze verzeie wann ee weess, wéi ofhängeg mer do vun dem Fonds de dotations a vun der Gewerbesteier sinn. Méi bedenklech ass, dass och d'Dépensë schlecht ageschat gi sinn an zwar 2,5 Millioune méi niddereg ewéi elo am Budget initial. Do missten d'Previsiounen awer méi no bei der Realitéit sinn. Et freet ee sech natierlech, wisou eis Dépensen esou steteg an d'Luucht ginn. Ouni Zweiwel fält do och eis nei gebaute Sportshal an d'Gewiicht, wouduerch all déi Käschten, déi duerch d'Vergréisserung vun der Fläch sech bemierkbar maachen.
Glécklecherweis ass se esou funktionell an energiesspuerend konzipéiert, dass sech d'Folgekäschten a Grenzen halen, anescht wéi beim Kulturzentrum, wou net esou dorop opgepasst gouf a wou mer grouss Energierechnungen ze bezuelen hunn.
Wie schonn an eiser Schwemm war, huet sécher gemierkt, datt se ausser e puer Schéinheetsfeeler, déi sécher nach kënnen ausgebessert ginn, ganz flott ass. Et huet mer awer besonnesch gutt gefall, dass elo awer eng Zort Cafeteria funktionéiert an dat ass, oh Wunder, och absolut kompatibel mam Asatz de Weekend vun de Bénévolen, déi fir d'Sportsveräiner Paangecher, Kuch a Kaffi a Schocki verkafen.
Den Ustieg vun den Ausgabe léisst sech natierlech och erklären duerch d'Opstocke vu Personal, besonnesch am Zesummenhang mat der Sportshal. Am Joer 2015 hunn nei Posten am Budget eng hallef Millioun ausgemat, fir 2016 maachen se iwwert eng Millioun aus. Déi wäerten dann och déi nächste Jore weider usteige mat der Evolutioun vun de Salairen, besonnesch duerch d'Biennallen, déi jo automatesch kommen. Et wäert schwiereg ginn, nei Einnamen ze fanne fir déi Ausgaben do auszegläichen. Och wa mer ëmmer erëm de regionale Charakter vun eisem Kulturzentrum, der Museksschoul, eiser Bibliothéik an eiser Sportshal ervir sträichen, ass am Ament keng Reform an Aussicht, déi deem géif Rechnung droen,
Beim Impôt foncier ass och net vill ze huelen, éiert eng Gesamtreform duerchgefouert gëtt, ausser vläit eng Steier op net verlounte Wunnengen. Et bleift eis also näischt anescht iwwereg wéi bei eise Gemengentaxe méiglechst no bei dem reelle Käschtepunkt ze bleiwen an ze versichen, dass d'Personalkäschten net zevill aus dem Rudder lafen.
Ech géif mer awer eng Fro erlaben zu der multimodaler Plattform, déi ee jo fërmlech wuesse gesäit. Wéi grouss gëtt dann de finanziellen Impakt dovu fir eise Budget?

Gëtt et Berechnungen, wéivill déi nei Installatiounen eis u Gewerbesteier kënnen abréngen?
Da wéilt ech nach zu e puer Punkte kommen, zu deene mer eis Gedanke gemaach hunn am Zesummenhang mam Budget initial vun dësem Joer,
Do wier fir d'alleréischt emol d'Kultur.
Den Här Spina ass sech et wuel bewosst an huet dofir och gläich virgebaut a gemengt, d'Kultur hätt hire Präis. Et ass effektiv wouer, dass d'Käschte wuel méi oder wéineger stabel bleiwen an e gudde Programm ugebuede gëtt awer d'Einnamen vum Ticketsverkaf sinn an engem ganz ongënschtege Verhältnis zu den Ausgaben. Mir sinn och gewuer ginn, dass d'Zuel vun de Besicher vun de Concerten an der Moyenne erof gaangen ass vun 180 Leit d'virlescht Joer op 120 Leit dëst Joer. Hutt Dir Erklärungen dofir?
Prinzipiell ass de Programm jo méi villfälteg ginn, Theaterstécker schéinen och gutt unzekommen, grad esou wéi World Music. Eis Jazz-Programmatioun ass ganz ënnerschiddlech besicht. Et ass eis opgefall, dass déi grouss Nimm vum Jazz ëmmer fir groussen Undrang suergen, déi manner bekannt awer virun e puer Leit musse spillen.
Wat awer op jiddwer Fall feelt, ass en Ugebuet fir méi jonk Leit. De Kulturzentrum gëtt kaum vun hinne besicht a schéngt hinnen och net vill ze bidden ze hunn. Et gëtt wuel sporadesch Zesummenaarbechte mat de Rotonden an och Opféierungen. Wär do net méi Jugendaarbecht ubruet?
Et ass jo kloer, dass d'Diskussiounen zur Programmatioun net kënne am Gemengerot gefouert kënne ginn. Et wier awer gutt, wann se an eiser Kulturkommissioun stattfannen, Et wier flott, wann déi Leit kéinten de Programm an de Konzept derhannert duergeleugt kréien.
Well mer eis jo als Stad vun der Kultur a vun de Kulture gesinn, wéilt ech dann och nach bei aneren Aspekter dervu bleiwen, nämlech bei eise Muséeën. Et hätt ee kéinte mengen, en Neiufank vun eisem lokale Musée misst en awer an e bessert Liicht setzen. Deem ass net esou. D'Fundstécker vun den Ausgruewungen vum Gehaansbierg sinn nëmmen nach zum Deel exposéiert an dat an engem vill ze klenge Raum. Altertum a Mëttelalter si raimlech net méi getrennt. E gudden Deel vun de Fundstécker läit agepaakt an der Butschebuerger Schoul. De lokale Musée huet misse plënnere well en huet misse Plaz maache fir de Musée vun den Enrôlés de force, déi hirersäits hu missen aus dem Gebai vun der Krankekeess eraus. Wären do net aner Méiglechkeete gewiescht?
Jiddwerfalls ass an der fréierer Galerie Gaasch näischt ze gesi vun engem neie Konzept. Den Ëmpfang ass wuel frëndlech an och d'Begleedtexter vun der Ausstellung si kompetent an iwwersiichtlech verfaasst. Am Bliedchen hunn déi Diddelenger och elo eng Telefonsnummer kritt fir Visitë vun deem Musée, mir si just ganz wäit ewech vun uspriechender a liewerger Geschicht, déi mer och deene jonke Generatioune kéinte vermëttelen. Eng museumspädagogesch Opbereedung huet net stattfonnt.
Dat wär ëm sou méi noutwenneg wéi mer hei zu Diddeleng zweemol am Joer modern Virstellunge vum Mëttelalter inszenéieren, um Butschebuerger Buergfest an op eisem Chrëschtmaart. Do kéint een usetzen a kloer maachen, d'Liewen am Mëttelalter war anescht an déi Fundstécker vum Gehaansbierg sinn d'Beweiser derfir. Si kënnen hëllefen, sech virzestellen, wéi et wierklech war.
An natierlech geet et net duer, Saachen uspriechend auszestellen. Dozou muss et och e Rahmeprogramm ginn, deen Aktivitéite dozou ubitt an dofir muss dann och eng Persoun zoustänneg sinn. Wéi wichteg a gewënnbréngend dat ka sinn, kann ee feststelle beim Escher Resistenz-Musée, wou eng Dynamik entstanen ass, déi déi Zäit vum zweete Weltkrich erëm méi no an d'Bewosstsinn vun de Leit geréckelt huet an och vun der Jugend vun haut. Am Moment schéngt, zumindest wat den Ëmgang mat eiser Geschicht betrëfft, awer grousse Stëllstand ze sinn.
Mer hunn eis gefrot, wéi een en Neiufank mat generellen Iwwerleeungen iwwert d'Opschaffung vun eiser Geschicht kéint starten.
Am Budget initial 2016 sti 50.000,- Euro fir eng Étude a Richtung museologescht Konzept fir eise lokale Musée. Vläit kënnt da Bewegung an den Dossier. Mir géifen dann och begréissen, wann e Genre Ad-hoc-Kommissioun den Dossier kéint begleede mat Leit aus dem Gemengerot, Experten an Diddelenger Leit. An deem Zesummenhang wéilt ech och nach op aner verpasste Chancen am Beräich Geschicht hiweisen. Op anere Plazen, wéi zum Beispill zu Rëmeléng ginn et Schëlder, déi op d'Vergaangenheet hiweisen. Dir hutt bestëmmt och schonn där Schëlder viru Gebailechkeete gesinn, déi kuerz hire Kontext erklären. Dat wier hei zu Diddeleng och interessant, besonnesch well d'Viraarbecht beim Ausschaffe vun de Visite-guidéeë scho geleescht ass. Erklärunge wiere virun allem och do batter néideg, wou wichteg Zeien aus eiser Industrievergaangenheet stinn, nämlech virun der fréierer Wolkeschdaller Schoul an der Rue Nic Biever. Do steet nieft Walzen och deen

éischte Konverter vun der Diddelenger Schmelz.
Wa mer Chance hunn, da sinn déi jonk Leit, déi dolaanscht an d'Schoul oder an der Sportshal ginn e bësse beandrockt vun der Gréisst vun dësem Behälter awer eng Bedeitung wäert hinnen net bekannt sinn an och éiweg bléien, wann do keng Informatiounstafelen hikommen.
Déi genannte Virschléi zilen natierlech drop, d'Vergaangenheet fir eis Diddelenger lieweg ze halen an ze hëllefen, sech domat auserneen ze setzen. Si hunn awer och méi Potential. Eenzel zitt wuel ausser der Ausstellung vum Waassertuerm näischt Touristen op Diddeleng, mä e puer Site kéinten an eng Industriekultur-Route agebonne ginn, zesumme mat der Haard als fréiert Tagebaugebitt an Naturschutzgebitt.
Och eise Gehaansbierg mam Lokalmusée kéint en Deel vun engem Package iwwer Spueren aus dem Mëttelalter sinn an de Musée vun den Zwangsrekrutéierte passt bei de Resistenz-Musée.
Ech zweiwelen net drun, dass dat schonns aneren opgefall ass an datt scho Beméiungen an déi Richtung stattfonnt hunn. Allerdéngs konnt ech dozou op regionalem Plang näischt Konkretes fannen.
An eisem Budget rectifié ass de Chiffer vun eise Visite-guidéeë vun 250,- Euro op 50,- Euro erof gesat ginn. Doropshin hunn ech mer mol den Tourismus-Internetsite vun der Südregioun, dee mer schonn zweemol beim Budget hei ugeprise kritt hunn, ugekuckt. Ausser dem Numm vum Site, dee flott a peppeg mat Redrock kléngt, ass de Site eng eenzeg Enttäuschung. Vu guidéierten Toure ginn zu Diddeleng just d'Ausstellung "The bitter years" ugebueden an d'Haard.
Et gëtt op guidéiert Touren higewisen, et steet awer néierens, wou ee sech zousätzlech Informatioune soll siche goen. Datt de Site och net ganz à jour ass, beweist eng Rubrik, déi zur Découverte vun der Regioun a 24 Stonnen usporne wëll an dobäi zu eiser Freed eng Visite vum Waassertuerm mat Ausstellung zu Diddeleng proposéiert, allerdéngs soll een duerno an der Beetebuerger Schwemm relaxen. Dës weidere gëtt proposéiert, déi schéi Kollektioun vu paläontologeschen Objeten am Diddelenger Lokalmusée kucken ze goen, déi längst net méi do ass.
Ofgesi vun deenen dote Panne ginn och keng vernetzten Tier ugebueden an e potentiellen Tourist vun eiser Géigend gëtt heivunner weder ugezunn nach op flott Pistë gesat. Dobäi hate mer dach emol den Ufank vun engem regionalen Tourismuskonzept virgestallt kritt. Wat leeft da schlussendlech op deem Gebitt?

Vum regionalen Tourismus bis zum regionale Bussystem ass et nëmmen e klenge Sprong. Ofgesi vun der Diddelenger Partizipatioun um TICE vun 1,5 Milliounen, déi fir déi regional Linne sinn, sti fir 2016 850.000,- Euro Käschte fir de Citybus am Budget amplaz vu 600.000,- Euro am Virjoer.
Am November-Gemengerot hate mir duergeluegt firwat mir mengen, dass déi nei Busorganisatioun d'Geleeënheet verpasst huet, déi wesentlech Verbesserungen am Diddelenger Réseau ze bréngen. Ech wëll net nach eng Kéier drop zeréck kommen, wëll awer nach eng Kéier ervirsträichen, dass déi staark Frequenz op Esch an och op de Belval net noutwenneg sinn. Viru kuerzem eréischt sinn ech mat ville Schüler a Studente vu Belval mam Zuch op Diddeleng zeréck gefuer. Fir si ass eng lues Busverbindung keen Thema.
Dës weideren ass bei der Rubrik Bussen ze vermierken, dass de System Night Rider vu PRO-SUD am Budget rectifié 2015 e Réckgang vun Einnamen vu 5.500,- op 2.100,- Euro uweist. Dat heescht wuel, dass de System net méi zitt. Mir fannen et dann och ubruecht, dat zur Kenntnis ze huelen an sech no engem anere System ëmzekucken. Eis Jugend wënscht sech Bussen, déi se de Weekend zu fréie Moiesstonne vun der Stad heembréngen, sou wéi hir Kollegen aus dem Beetebuerger Raum.
Am Budget 2016 stinn elo effektiv Ausgabe fir de Late-Night-Bus, zwee Weekender am Mount. Et kéint ee jo soen, tipptopp, d'Halschent ass gemat, mä wat bréngt e Late-Night-Bus d'Halschent vun der Zäit? Dat ass jo ze kompliziéiert fir ze wëssen, wéini en dann elo fiert a wéini net. Elo sinn 9.000,- Euro virgesinn, e ganze Late-Night-Bus kascht d'Beetebuerger Gemeng 25.000,- Euro, esou dass dat fir Diddeleng bestëmmt net vill méi géif ginn. Mir sinn der Meenung, déi misste mer awer nach zousätzlech ausgi fir eppes Ganzes ze hunn.
Mir ënnerstëtzen dofir och d'Motioun vun der CSV fir de Late-Night-Bus all Weekend fueren ze loossen. An zum Schluss vu mengen Ausféierungen am Numm vun deene Grénge kommen ech nach zu eisem Zentrum.
Endlech ass et esou wäit, en éischten Deel vun der Niddeschgaass soll zur Zone de rencontre ëmgestallt ginn, woubäi d'Devisen virgesinn 3,5 Milliounen, 6,5 Millioune mat der Kanalisatioun.
No an no soll déi ganz Niddeschgaass kënnen harmonesch genotzt gi vu Foussgänger(innen) a Vëlosfuerer(innen), fir déi nieft den Autosparkplazen och Stellplaze virgesi sinn, an och nach fir d'Autoen a Bussen, an esou weider.



Eng Zone de rencontre ass eng méi oder manner nei Trouvaille vun Urbaniste fir alles ënnert een Hut ze kréien. Zefridde Foussgänger a Clienten an och zefridde Geschäftsleit well d'Leit nach mat hirem Auto virun de Geschäfter eppes ofhuele kënnen. D'Parke während den Ëffnungszäite wier eventuell gratis mat engem System, wat dem Pechert géing erlaben, no dem Iwwerschreide vun der festgeluegter Zäit e Protokoll ze maachen.
D'Parken op deene wéinege Parkplaze kéint ausserhalb vun den Ëffnungszäite genotzt gi vun de Bewunner(innen) a géif verhënneren, dass déi Bewunner lues a lues fort zéien an eng steril onbewunnt Zon zeréck bleift. Dat klénkt ganz gutt, an dem Schäfferot an dem Architekt seng Argumenter iwwerschneide sech mat Erfahrungsberichter aus dem Ausland. De Projet gesäit ganz flott aus mat dem Stroossebelag, dee gläichzäiteg uspriechend a praktesch ass, mat de Luuchten un de Beem, de Bänken an dem Bushaischen. Mer kéinten eis och virstellen, dass d'Autoe lues duerchfueren, awer richteg iwwerzeegt si mer net vun deem Shared Space.
Et ginn nämlech och Argumenter dergéint. D'Autoe fueren elo scho lues duerch d'Niddeschgaass a bal keng Autoe mat bal kengen Ofgasen sinn awer nach ëmmer Autoen an Ofgasen. Dat stéiert och déi Leit op den Terrassen. Et ass eben net flott, duerch eng Strooss ze goen, an där een dauernd réckele muss wéinst Autoen, déi derduerch fueren a wa méiglech ëmständlech do parken. Vu de momentane Mangel u Selbstdisziplin vun den Diddelenger Trëttoirsparkerten aus der Niddeschgaass kann ech mer virstellen, dass sech déi Leit och hei un näischt halen.
Et ass och erausfonnt ginn, dass Leit, déi net méi esou forsch duerch d'Géigend ginn, wéi zum Beispill eeler Leit, sech net wuel spieren am Shared Space. Leit, déi net gutt gesinn oder Blanner ginn net eens an der Zort Stroossen an hunn op verschiddene Plaze schonn extra Zone laanscht d'Geschäfter ausgewise kritt. Och Leit, déi net gutt ze Fouss oder gehbehënnert sinn, profitéiere manner vun dem Espace ouni Ofsätz duerch Trëttoire wéi ee menge géif. Si fille sech onsécher. Oft sinn déi Zones de rencontre am Ausland keng Duerchgangsstroossen, wéi dat an der Niddeschgaass de Fall ass, a ginn dofir och éischter évitéiert, wéi an der Stad tëschent Knuedler a Palais. An der Niddeschgaass ass dat net de Fall a besonnesch zu Spëtzestonnen ass ze befäerten, dass d'Autofuerer Meeschter ginn am Shared Space.
Dofir bleiwe mer bei eiser Fuerderung vun enger Foussgängerzon, déi jo och an déi Workshops zu der Ofännerung vum PAG vu villen Diddelenger Bierger(innen) gewënscht gouf. Mer mengen, dass d'Parkplazen net esou wäit ewech sinn an anere Stied mussen d'Leit och e Stéck mat hire Päck ze Fouss goen. Mir fannen, dass een ongestéiert an enger Akafsstrooss soll trëppele kënnen, ongestéiert ausser duerch e Bus, dënn do en Halt huet.
Vläit musse mer awer just optimistesch sinn an hoffen, dass déi Begéinungszone eréischt déi éischt Etapp a Richtung richteg Foussgängerzon ass. Déi jëtzeg Aménagementer si jiddefalls keen Hinderniss derfir. Mir mengen also, dass dëse Budget initial net eise Prioritéiten entsprécht, d'Madame Kutten wäert Iech dozou nach zousätzlech Argumenter bréngen. Mir wäerten als Gréng dëse Budget net matstëmmen.

Josiane Di Bartolomeo – Ries (LSAP): Et ass ëmmer flott wa schonn e puer Leit virdru geschwat hunn, da kann ee sech duerno riichten. Den Här Rech huet jo och scho ganz global iwwer d'Finanzsituatioun vun der Gemeng Diddeleng geschwat.
Ech wäert e bësse méi op déi Detaildépensen agoen, déi am Ordinaire stinn an natierlech och déi, déi am Extraordinaire sinn. Dir wësst jo alleguer, dass ech mech ëmmer ganz staark fir d'Familljepolitik interesséiert hunn an natierlech och fir d'Sozialpolitik.
Ech ginn elo op e puer Posten an, déi am Budget stinn, well ech hunn e bëssen d'Impressioun, et gëtt ëmmer gefuerdert, maacht hei méi a maacht do méi an da kucke mer dann zum Schluss, da kéint ee jo dann décidéieren, wat mer sträichen a wat net.
Ech fänken emol u mat der Maison-relais: Do war d'Fuerderung iwwer Joren, also iwwer Joren, mir däerfe keng Liste d'attente hunn, mer däerfen net Leit mussen doheem loossen. Ech wëll soen, dass mer de Moment scho bei bal 1 000 Demandë leie fir d'Maison-relais. Mir bidden de Moment un en Accueil vu moies siwe bis owes halwer siwen, d'Kantin all Dag, mer hu méindes, mëttwochs a freides 700 Kanner an der Kantin. Déi Deeg wéi dënschdes an donneschdes sinn et der 540. Am Foyer hu mer all Dag tëschent 400 a 430 Kanner, mir bidde Vakanzenaktivitéiten un, och do komme 622 Kanner.
Jo, mir hunn eng Liste d'attente, dat ass net falsch, ech muss awer soen, wann een déi Liste d'attente kuckt, ass se eigentlech relativ minimal. Et ass net esou, dass dat net iwwersiichtlech wier, dat kréie mer hin. Mir bauen d'Gaffelt aus, do kréie mer 55 Plaze bäi an ech muss soen, dat huet natierlech dann och

erëm en Impakt op d'Liste d'attente, déi da geschwë bal keng Liste d'attente méi gëtt. Wann eng Liste d'attente besteet, da gëtt do ganz genau gekuckt, wee kann an de Foyer, wee kann an d'Kantin a wien net. Do gëtt opgepasst bei de Monoparentallen, dat déi sécher eng Plaz an der Kantin an an der Crèche hunn an natierlech gëtt opgepasst, wann se zu zwee schaffen. Also, et gëtt op vill Facteuren opgepasst. Ech wëll elo soen, dat kascht och alles eng Partie, mer hunn de Moment schonn 104 Leit do schaffen, 95% vum Personal si qualifizéiert, dat hieft och ganz vill d'Qualitéit vun deene Maison-relaisen.
Ech ka mech erënneren, dass iwwer Joren ëmmer gefuerdert ginn ass, mir mussen hei qualifizéiert Personal hunn, dat kënnt de Kanner zegutt, déi schaffen dann och besser. Dat waren ëmmer d'Fuerderungen.
Wat d'Crèchen ugeet, mir investéieren natierlech elo och an d'Crèche an der Parkstrooss, wat ech jo och alles nëmme ka begréissen. Mer hunn zwar och mat de Minettsdäpp, déi op der Nuddelsfabrik sëtzen, schonn eng gutt Partie.
Wat d'Bësch-Crèche ugeet, ech si sécher net deen, dee géint eng Bësch-Crèche ass, mä wa mer eng Bësch-Crèche maachen, da brauche mer em méi Personal, da brauche mer een, deen do botzt. Also, alles dat ass ëmmer schéin, mä iergendwou si mer och eng Kéier un der Grenz ukomm.
Wann een de Budget dann esou kuckt, wat déi ganz Maison-relaisen eis kaschten, déi sinn erop gaangen. Mir waren 2013 nach bei 3,9 Milliounen, mir leien elo bei 4,7 Milliounen. Et gëtt eng Participatioun vum Staat, dat ass richteg, mä trotzdem mengen ech awer, datt mer an deene leschte Joer probéiert hunn, jiddwerengem gerecht ze ginn, jiddereen unzehuele, qualitéitsméisseg an dann esou Gadgete wéi Bësch-Crèche, da muss de Budget dat awer och hierginn an de Sputt am Ordinaire, wéi der et selwer e puer mol gesot hutt, dee gëtt ëmmer méi kleng.
Da kommen ech un d'Restauratioun scolaire, do wëll ech als Presidentin soen, de Menu kascht eis de Moment 6,33 Euro. Do ass ganz vill dran, ech wëll och eng Kéier dee Chiffer nennen: Mer zerwéiere mëttlerweil 115 900 Menüen hei zu Diddeleng. Dat ass enorm, dat kann ee sech einfach bal net méi virstellen. Ouni elo iwwert de Chiffer vun deenen 857.000,- Euro, wat dat kascht fir déi Kantin, ze schwätzen, do schwätzen ech selbstverständlech net vum Budget, wat et eis och nach kascht fir d'Betreiung, de Bau vu der Kantin, den Ënnerhalt vun der Kantin, d'Uschafe vu Kichen an, an an, esou dass do ganz vill dran ass.
Zu deene 6,33 Euro wëll ech e puer Saache soen.
Dat ass eng Soumissioun, dat gëtt ausgeschriwwen an do setze mir natierlech och d'Critèrë fest. Critère wéi biologesch Produkter dran ze verschaffen, saisonal Produkter dran ze verschaffen, lokal Produkter sollen dra sinn, et soll op Produzente vun eis am Duerf zeréck gegraff ginn.
Ofwiesselung an de Menuen, nach ëmmer fir déi 6,33 Euro, gëtt opgepasst, dass ëmmer Uebst, Mëllechprodukter, Fleesch, Fësch a Geméis an esou virun dran ass. An deene 6,33 Euro, nach eng Kéier muss ech soen, muss och deen, deen dann d'Soumissioun kritt oder d'Kantinne beliwwert, esouvill Conditiounen erfëllen. Dee muss oppassen op d'Vegetarier, op d'Veganer, op déi, déi kee Schwéngefleesch iessen, op déi, déi Allergien hunn, alles dat ass an deem Präis mat dran.
Mir schreiwen hinne vir, wat wéi ee Personal se mussen hunn, wat dat Personal ze verdéngen huet, mir schreiwen hinnen d'Konditioune vun der Hygiène vir an e ganze Koup weider Saachen. Dat alles ass enorm. Mir kënnen natierlech ëmmer soen, mir verbesseren nach. Natierlech kann een nach méi Bioprodukter huelen, mä da musse mer och bereet sinn, dat ze bezuelen an dat fält alles an den ordinaire.
Ech kommen dann zu de Schoulgebaier. Do hu mer all déi Joren investéiert, mer maachen och dëst Joer Balzeng, Brill, Butschebuerg an d'Turnhal, um Däich, de Sanitaire. Mer plangen och schonn an der Lenkeschléi, wann do gemengt gëtt, mir wären esou wäit hannendran, dat ass um Lafen. Do gëtt och Viraarbecht vum Léierpersonal a vun den Éducateure geleescht fir dat direkt vun Ufank u richteg ze plangen.
Mir läit um Häerz wat ech zur Lenkeschléi ka soen, mir sollen eng gutt Mixitéit dra kréie fir datt dat eng flott Schoul gëtt.
Ech hunn awer och eng Kéier nogerechent bei de Schoulgebaier. Do kann ee soen, mir maachen net genuch, mer hunn am Budget 2015 2,5 Millioune stoen, do war awer d'Extensioun Gaffelt dran. Wann ech déi elo eraus huelen, dann investéiere mer dëst Joer 270.000,- Euro méi an eis Gebaier.
Zum Schoulhaff, do sollte mer d'lescht Joer d'Gaffelt maachen, mä wéinst der Extensioun konnte mer dat net maachen, do hu mer profitéiert fir verschidden Aarbechten zu Butschebuerg ze maache wéi zum Beispill de Belag, deen net gutt war well wann d'Kanner gefall sinn, haten se ëmmer kleng Steng an de Wonnen. Deen hu mer frësch gemaach.
Fir 2016 plange mer mat e bësse Verzug, well deen Här, dee sech drëm këmmert, am Krankeschäin ass an nach net erëm ass. Um Strutzbierg wäerte mer

Spiller bäisetzen, an dee grousse Schoulhaff kommen der derbäi an niewent der Spillschoul soll eng Picknicksplaz hi kommen. Déi kréien och en Héichbeet, dat ass och ganz flott fir d'Kanner. Dat stëft Gaart an Heem an ech soen hinnen elo schonns Merci fir déi Zesummenaarbecht.
Wat d'Spillplazen ugeet, do gëtt an der Soibelkaul d'Sandkaul ersat an och déi vu Balzeng, am Boujel hu mer dat an enger éischter Phas dat lescht Joer gemaach, do hu mer eng Seelbunn hi gemaach an do soll elo den zweeten Deel gemaach ginn, den ënneschten Deel gëtt dobäi erneiert. Mir maachen déi Aarbechten an zwou Phase fir datt d'Spillplaz déi ganz Zäit op ka bleiwen.
Ech wëll awer zu der Raschtplaz zu Butschebuerg soen, do hate mer jo eigentlech versprach, mer géifen do eng Wipp setzen. Dat ass och net vergiess, déi Plaz bei der Quell soll awer esou bleiwen, et soll eng flott, historesch Plaz bleiwen, dofir setze mer do keng Wipp hin, mir setzen allerdéngs d'Bänken erop fir datt een do ka sëtze wann een op de Gehaansbierg erop geet. D'Wippe maache mer och a mer setzen eis mam Interesseveräin zesummen, fir ze kucke wou mer dat eent oder dat anert kënne setzen ouni elo bei der Quell dat ze maachen.
De Budget vun 8.000,- Euro vu Luxcontrol, déi kontrolléieren ëmmer all eis Spillplazen, eis Schoulhäff, esou bal mer eppes nei maachen. Ech kann do mat Stolz soen, datt mer zu 100% ofgeholl sinn, mer hu sécher Spillplazen an all déi, déi elo nach bäikommen oder nei gemaach ginn, ginn och nach kontrolléiert.
Eppes, wat mer e bëssen um Häerz läit, dat ass de Vandalismus. Mir schreiwen an de Budget an, mir maache Saachen nei, ech denken do ganz kuerz un déi Këscht an Italien, dat alles kascht Suen, dat onnéidegt Futtimaachen an do wëll ech och vun hei aus en Opruff maachen, dat kascht just Geld. Dat ass kengem genotzt, dat ass schuet, mir probéieren d'Saache gutt ze maachen a wann se da futti gemaach ginn, dat deet mer leed.
Transport scolaire, do kascht de Bus eis 205.000,- Euro an dozou wëll ech soen, do war och erëm an der Schoulkommissioun d'Fuerderung vum Pedibus um Däich, mir hunn eis scho vill Gedanke gemaach a geäntwert an der Schoulkommissioun. Dee Pedibus bleift nun emol eben ëmmer hänken un der Responsabilitéit. Et wëllt keen d'Responsabilitéit iwwerhuelen, Da kann ee soen, mir stelle Personal an, mä da si mer erëm bei der Fro, wéi maache mer dat am Ordinairen, deen ëmmer méi kleng gëtt, soll ëmmer da Personal bäihuelen. Fuerderunge si gutt a flott mä et huet ëmmer Konsequenzen.

Ech wëll awer zum Pedibus soen, mir hunn awer do eng Formule, déi net esou schlecht ass. Dat sinn esou symbolesch Haltestellen, vu wou aus d'Kanner kënnen zesumme an d'Schoul goen, ouni eng Begleetpersoun, et ass einfach e symbolesche Geste. Ech mengen, d'Madame Schlussnuss erzielt eis nach iwwert d'Sécherheet dovun a si wäert dat mat hirer Kommissioun maachen.
Fir de Mäerchebësch hu mer e Budget vun 12.000,- Euro, do si 700 Kanner derduerch gaangen dëst Joer. Duerch d'Cité jardinière sinn extrem vill Kanner derduerch gaangen. De ganze Strutzbierg wunnt geschwënn an der Cité jardinière, si si begeeschtert, si kruten eng flott Kichen, si verkafe Saachen um Maart, um Schoulfest an et ass alles selwer gemaach.
Am Mäerchebësch gouf et e klenge Changement andeems sech d'Maison-relais am Fong där ganzer Saach ugeholl huet. Si hunn och en Hörspill mat de Kanner gemaach, et kënnt elo och e Geocache dohinner. Also alles dat ass en enormen Invest an déi 12.000,- Euro si wierklech gutt investéiert.
D'Eltereschoul huet just e klenge Budget mä trotzdem, do hu mer all Joer Reunioune mat eise Partner, dat si Schoulen, Crèchen, Profamilia, all méiglech Partner an Elterevertrieder, Elterevereenegungen. Mir hate 54 verschidde Leit, déi mer ugeschriwwen haten. Wat d'Resonanz ugeet, et kommen der, mir hätte jo och gär, datt se alleguerte kéimen, mä dat ass leider net esou. Et lafen ëmmer fortwährend Konferenzen, d'Diddelfamill, Ribeschpont an esou gräifen ëmmer drop zréck. Mir probéieren nach eng Kéier 2016 fir nei Partner derbäi ze kréien, et ass eppes, wat konsequent genotzt gëtt a mir wäerten och weider dru schaffe fir datt mer konsequent Partner bäi kréien.
Baby+ geet erop op 42.000,- Euro, déi maache flott Projeten, mir hate gëschter eng Réunioun an ech muss soen, déi si ganz zefridden. Si kommen zwar net un all d'Leit, déi e Bëbee kréien, mä si kommen un e groussen Deel a wëlle sech nach méi investéieren an dofir ass dee Budget ganz an der Rei.
Art à l'école, 10.000,- Euro, dat scheitert heiansdo drun, datt d'Léierpersonal net esou bereet ass, matzeschaffen oder datt dat zäitlech e groussen Invest ass fir d'Léierpersonal. Et wier schuet, wann et net géing funktionéieren. De Loris Spina bleift do drun an da misst dat klappen. Mer hu mëttlerweil en Art à la Maison-relais, do maache se kreativ Atelieren zweemol d'Woch an och dat ass am Fong Art à l'école.

De Kannergemengerot, dat ass eng flott Initiative, déi net ofgeschaf soll ginn. E groussen Deel vun eis war do, si schaffe vill, si maache vill, si probéieren och elo e Guide ze maache fir Kanner. Si sinn déi, déi am beschte wësse wat Kanner brauche fir duerch Diddeleng ze kommen.
De Budget fir d'Subside vun de Studenten, do si mer gläich bliwwen. Nach eng Kéier Merci der Kommissioun an dem Sekretär. Mir haten elo schonn een, dee gemengt huet, e misst eis nei Formule ëmgeheien, dee studéiert Medezin, kritt weder ECTS-Punkten nach kritt hien en Ziedel, datt en d'Joer gepackt huet. Et ass awer kee Problem an ech hunn him gesot, mir géifen eis dann un de CEDIES halen, well hie jo do e Subsid kritt. Wann en eis dat ka beweisen, da kritt e selbstverständlech och eppes bei eis.
Zur Familljekommissioun wëll ech kuerz soen, dass mer 9.000,- Euro Budget hunn, dass mer déi Suen net all gebraucht hunn. Firwat? Well mer déi lescht zwee Joer un engem Guide geschafft hunn, dee super komplett ginn ass. Mer waren domat an eise Service Relations publiques an hunn deen do iwwerreecht well mer si jo konsultativ. Do ass ganz vill dran, do ka jiddereen dervu profitéieren. Mer hunn eis immens vill Méi ginn. All de Memberen aus der Kommissioun dofir Merci. Wat hu mer wëlles 2016? Mir schaffen elo un engem Familljendag, deen awer net soll 2016 stattfannen, mer wëllen dee kuerz am Ufank vun 2017 maachen a vu datt mer net wëllen en zweete Summer, Spill & Spaass maachen, loosse mer eis Zäit fir datt mer déi richteg Partner hu fir datt dat eppes ganz Flottes gëtt a fir jiddereen zougänglech ass.
De soziale Budget mat 8,7 Milliounen, do komme mer erëm zur Fro: wat sträiche mer?
D'Allocation de vie chère geet erop vun 2014 ëm 50.000,- Euro.
Den Cent Buttek kascht eis 18.000,- Euro.
De Repas sur roues kascht eis mat de Recettë, déi mer kréien, ronn 30.000,- Euro.
De Poste Mesures de Réemploi kascht eis och eng Partie Geld: 70.000,- Euro.
De CIGL, do si mer bei 19 Leit, mir hu 5 Persounen, déi Chef d'équipe sinn an déi aner schaffen um Terrain. Ech wëll dozou soen, wa mer awer elo nach solle Schnéi schëppen, d'Fënstere botzen, da géif ech och mengen, datt mer och do de Budget mussen an d'Lut setzen. Dat fält alt erëm an den Ordinaire an da wëll ech nach eng Kéier soen, dass ech et begréissen, dass déi zwou Sozialwunnengen am Duerf kaf gi sinn. Mir gi vu 6 bis 35 Wunnengen erop a mer kafen der nach zwou derbäi. Mer maachen de Moment och Locatiounen, dat ass och en Invest. Si mer bereet, deen ze maachen oder si mer net bereet, deen ze maachen?
Dann eng Hëllef, déi sech am Fong geholl net chiffréiere léisst, déi een net erëm fënnt am Budget, och dat kascht Personal, dat betrëfft natierlech d'Flüchtlingen, déi elo am Februar op Diddeleng kommen. Mir stellen den Terrain zur Verfügung, mä déi ganz Koordinatioun fir ze kucken, wéi dat mat de Bierger zesumme gemaacht gëtt.
De Club Senior, de Service à l'égalité des chances... Alles dat fält an dee soziale Budget eran.
Mir hunn dat all jorelaang gefuerdert, all déi Déngschtleeschtungen, déi mir um Bierger maachen. Mir kënnen och elo sträichen, mä ech fannen et e bësse schuet wann ëmmer gesot gëtt, maacht dat besser, maacht dat besser an dat och nach an da kréie mer ëmmer de Reproche gemaach, Dir géréiert net gutt. Also, et kann een net nëmme fuerderen, et muss een och heiansdo soen, da sträiche mer elo dat eent oder dat anert.
E lescht Wuert iwwert eppes, wat net onbedéngt mäi Beräich ass mä mer ëmmer vill Suerge mécht, dat ass natierlech dee Parking payant, de Bus, deen zevill kascht an eigentlech kascht jo ëmmer alles zevill.
Effektiv, mir hunn de Parking payant agefouert a mir breeden elo de Parking résidentiel, mir kafe Parkautomaten a mir brauchen neit Personal fir all déi Stroossen ze kontrolléieren an all dat kascht, dat ass richteg. Mä, ech muss lech awer elo mol eppes soen. Wann ech elo donneschdes mat mengem Auto erof kommen an ech ginn op de Maart an ech kréien hei um Match-Parking eng Parkplaz an dat Ganzt kascht mech 10 Cent, da sinn ech frou. Et soll ee mol eng Kéier déi ganz Mesurë kucken, déi do geholl ginn an déi zur Qualitéit vum Bierger vun Diddeleng bäidroen. Ech weess net, ob ee frou ass, wann en de ganzen Dag Autoe viru senger Dir stoen huet an deen, deem den Auto gehéiert, ass mam Zuch an d'Stad gefuer an do wëllt hien net parke goe well an der Stad kascht et zwee Euro d'Stonn. Ech fannen, dat ass wierklech fir d'Qualitéit vun eisem Diddelenger Bierger ganz wichteg.
Wat de Bus ugeet, do ass vill geschwat ginn. Deen een ass frou an deen aneren ass manner frou. Mä alles, wat do geschitt ass an deem Busplang, dat war fir dem Diddelenger Bierger eng Optimiséierung vum Bus ze bréngen. Natierlech si Saache falsch gelaf, mä ech wëll awer soen, an der Stad sinn och Saache falsch gemaach ginn an op d'Reklamatioune vum Bierger hin ass dat ganz bestëmmt net réck-



gängeg gemaach ginn. Mir hu wierklech probéiert, an d'Claudia Dall'Agnol huet dat ganz gutt gemaach, hat huet alleguer d'Doléancen opgeholl, et huet probéiert, eng Verbesserung ze maachen, also ech wëll do soen, mir probéiere wierklech d'Saache richteg ze maachen. Mir maachen zwar Parking payant, mä mir breeden de Bus aus, mir hunn e-Bike-Statiounen dohi gesat a verschiddene Quartieren, den Zuch fiert vu Biereng an Italien an all dat kënnt den Diddelenger zegutt. Natierlech, wann ee sicht, da fënnt een ëmmer d'Kromm an der Heck.
Dat war dat, wat ech ze soen hunn, ech hoffen, ech war net ze laang an ech wëll just nach eng Kéier soen: Wann Dir d'Léisung wësst, wat mer solle stráichen, da soen ech Iech Merci.

Nathalie Haas (Déi Lénk): Un éischter Stell wëll ech dann haut hei am Numm vun Déi Lénk dem Service de comptabilité Merci soe fir déi Aarbecht, déi sécherlech relativ vill Zäit an Usproch hëlt, vill Nerve kascht. Och e grousse Merci fir d'lescht Woch, wou mer eng iwwersiichtlech an och eng verständlech Presentatioun virgeluegt kruten. An zu gudder Lescht dann och nach e Merci dofir, datt mer erëm wéi déi lescht zwee Joer eng Woch Zäit hate fir eis op déi Diskussiounen hei kënne virzebereeden.
Kuerz zum Budget rectifié 2015: Mat engem Boni définitif vun 2,63 Millioune leie mer zwar definitiv net ënnert dem Budget initial vun 2015, mä dach kann ech awer fir Déi Lénk schwätzen a soen, datt mer frou sinn datt mer awer nach eng Situatioun hunn, déi zwar net brilliant mä OK a passabel ass.
Eis Pro-Kapp-Verscholdung läit bei ronn 814,- Euro. Domat leie mer par rapport zu anere Gemenge relativ gutt am Schnëtt.
Och an Ubetruecht vum Fonds de réserve stelle mer fest, a mir si frou doriwwer, datt Diddeleng eng stabil Situatioun zum Enn vun dësem Joer 2015 ka virweisen.
Schuet fanne mer allerdéngs, wéi och d'Madame Kayser scho sot, déi ganz Situatioun mam Impôt commercial, wou mer dach awer relativ manner era krute wéi am Ufank am Initial geschätzt ginn ass. An och mécht et eis relativ grouss Suerge wat d'Dotatioune vum Staat fir eis Gemeng Diddeleng uginn. Wéi mer et och schonns héieren hunn, maachen déi de gréissten Deel vun eisen Einnamen aus.
Da schnell zum Budget 2016, do gouf scho ganz vill Interessantes gesot vun de Kollege vun der CSV an déi Gréng. D'Thema Transport hate mir och, mir sinn och ganz grouss an d'Grübele verfal wéi mer déi Chiffere vum TICE gesinn hunn. Mir hunn eis déi Fro och gestallt: Wat geschitt dann elo? Mer kënne jo net all Joer méi bezuelen. Dofir d'Fro vun Déi Lénk: Wéi soll een do elo virgoen a wat kann een als konsequent Léisung fanne fir datt déi Käschten net weider an d'Luucht ginn?
E beléift Thema bei eis sinn d'Taxen, mir si sécher ni dofir wann d'Taxen an d'Luucht gesat ginn. Cool ass et jo ni, wann eppes méi deier gëtt, besonnesch am Beräich vun de Ressources humaines.
Mir haten déi lescht Woch d'Diskussioun iwwert d'Waasser a mir sinn eis eens, datt et schwéier ass, de passende Schlëssel ze fannen. Mir kréien et jo och ëmmer mat wann d'Subside verdeelt ginn. Mer sinn awer der Meenung, dass et wichteg ass, dat Thema vun der Erhéijung vum Waasserpräis op den Dësch ze bréngen, virun allem well Rieds war fir ze kucken, ob een hei zu Diddeleng net e gestaffelte Präis kéint aféieren. Dat ass virun zwee Joer eng Kéier gesot ginn an ech hunn ni méi eppes dervun héieren a krut och keng Renseignementer méi aus eiser Kommissioun.
Mir hate jo och déi lescht Woch d'Propose gemaach, wat dogéint géing schwätzen, e gestaffelte Präis ze maache mat engem éischten Deel Fräibetrag wat d'Waasser ugeet. Natierlech gi mer och de Grénge Recht mam Argument, mer mussen op d'Waasserverschwendung oppassen. Kee Problem, et ass just traureg, datt een dee Wee muss goe fir de Leit kloer ze maachen, passt einfach op wat der verbraucht par rapport zu deem wat der néideg huet.
Dofir och nach eng Kéier hei: Mir si fir e Staffelpräis wat de Waasserpräis ugeet an deen éischten Deel Fräibetrag an dat war och deemools an der Kommissioun e bësse falsch eriwwer komm wéi eis Vertriederin, d'Madame Erpelding, doriwwer geschwat huet. Et war net geduecht fir pro Stot e Fräibetrag ze maache mä pro Kapp, esou datt Leit mat ville Kanner deen Ament net benodeelegt ginn.
D'lescht Woch ass gesot ginn, datt dat eng Directive européenne war, da stellen ech allerdéngs d'Fro wéi Monnerech et mécht, wou virun enger Rei Joer e sozialistesche Buergermeeschter eng Staffelpräisféierung agefouert huet an och aner europäesch Länner laang iwwer dee Wee gefuer sinn, Waasser zu engem Deel gratis unzebidden. Da froen ech mech awer wou déi europäesch Directive esou streng ka sinn, schliisslech ass et jo eng Richtlinn, un déi ee sech net per force muss halen an och net alles ëmmer käschtendeckend muss sinn.

Da kommen ech zu engem Punkt, deen elo bei sämtleche Stellungnahmen erwänt ginn ass, dat ass eisen Impôt foncier, deen zënter gefillten honnert Joren net geännert huet. Wann ech d'Ziedele vu mengen Eltere kucken a gesinn, wat se am Endeffekt bezuelen, denken ech, en Honnerter méi géing net schueden a géif kengem wéi doen. Jo, mir sinn och emol eng Kéier fir eng kleng Erhéijung, mä schliisslech géing kee sech dobäi d'Been ausrappen, ganz am Géigendeel, et geet hei ëm de Bien commun, dee mer duerchsetze wëllen.
Dann zum Thema Shared Space, e mega flotte Projet, d'Ënnerstëtzung vun Déi Lénk hutt der och an där Hisiicht. Natierlech sinn d'Bedenke ganz grouss, wat dann elo mam Traffic geschitt. Mer sinn awer do optimistesch an denken, datt dat och wéi virdrun erwänt ginn ass, datt dat deen éischte Schratt ass fir eng Foussgängerzon kënnen ze schafen. Et ass e grousse Schratt fir Diddeleng e gutt Stéck méi attraktiv ze maachen an et ass wierklech e Projet, dee luewenswäert ass an dee mir wäerten ënnerstëtzen.
Diddeleng attraktiv maache war e grousst Thema hei. Da muss ech natierlech passe beim Thema Logement. D'Wunnengssituatioun ass kritesch wéi nach ni an Aussiichten op eng steteg Besserung sinn och net wierklech gutt wann ech mer dat esou ukucken.
Net nëmmen datt et schwéier ass, eppes ze fannen, mä et ass och schwéier, eppes ze finanzéieren, dat an enger liewenswäerter Gréisst a mënschegerecht ass. Net ze lescht droen zu deene Präiserhéijungen eidel stoend Wunnengen an Haiser bäi an esouguer bebaubar Terrainen, déi net bebaut sinn, droen zu dëser Explosioun vun de Präisser zou.
Dofir hu mir als Déi Lénk eng Propose hei, mir wëssen et ass schwéier a mir wëssen och, dass dat definitiv näischt ass, wat vun haut op muer geschitt mä op alle Fall si mir derfir, sech ze iwwerleeën, Taxen anzeféieren – jo, et ass historesch datt mir mol eng Kéier fir Taxë sinn – wou op eidel stoend Haiser a Wunnengen a bebaubar Terrainen, déi net bebaut sinn opgehuewe ginn. Well wann ech kucken, wei schwéier et ass, eppes ze fannen, a wéivill Wunnengen eidel sti well d'Leit se horten an denken, an dräi Joer kann ech se verkafe well dann ass de Präis méi héich. Mir kréien awer keng Leit heihinner, dat kënne mer vergiessen, wa keng Wunnengen hei sinn. Virun allem jonk Leit heihinner ze kréien. Wa mer esou Wucherpräisser hunn.
Et muss een deem entgéint wierken a mir denken, datt mir dat kënnen e bëssen erof drécken, wat eidel Wunnengen ugeet. Schéi wier et wann et eng Steier géing ginn, mä dat ass d'Ugeleeënheet vum Staat.
De Staat kéint do déi néideg Basis schafen, datt mer e gemeinsame Projet kënne starte fir enger sozialer Ongerechtegkeet, enger sozialer Schéier entgéint ze wierken. Ech fannen et schlëmm, datt ech perséinlech mat 23 Joer Existenzängschte muss hunn, dass ech herno keng Wunneng ka kréien, well et net ze finanzéieren ass a well keng Plazen do sinn.
Mir krute virdrun eng ganz gutt Iddi proposéiert vun der Madame Kayser, dee Genre Start-up ze lancéieren. Dat ass eng Iddi, déi definitiv derwäert ass, doriwwer ze diskutéieren an e Konzept ze entwéckelen. Well et einfach jonk Leit sinn, déi grad am Berufflsiewe sinn, déi grad ufänken an nach Scholden ze bezuelen hu fir d'Unisausbildung an esou weider an eng eegen Existenz opbauen. Do kritt der ganz sécher d'Ënnerstëtzung vun Déi Lénk.
Wann ech un Diddeleng denken, denken ech u meng Stad mat ganz vill Charme, ganz vill Potential, dee ganzen Industrieberäich, déi Zone de rencontre, de Shared Space a wéi se nach genannt ka ginn. Am Jugendjargon soe mer haut Hashtag On dirait le Sud. Ganz flott Projete stinn un, wouriwwer mer och erfreet sinn, mir sinn och frou doriwwer, datt uewen am Quartier Italien Saachen erweidert gi fir grouss Raim ze schafen, wou Leit sech kënnen treffen, wou Clibb ënner komme kënnen. Mir si frou driwwer, datt de Centre Hartmann endlech ageweit ass, datt et eng ganz flott Plaz ass. Ech krut vill Luef fir de 24-Stonnen Handball, et war just schuet, dass d'Buvette net direkt geklappt huet, mä Feeler geschéien eben am Ufank.
Wa mer an deem Bild wëlle bleiwen, datt mer Diddeleng wëllen attraktiv gestalten an nei Betriber heihinner kréien. Mer wëlle gär jonk Leit heihinner kréien. Da musse mer wierklech un der Wunnengspolitik schaffen, well dat ass d'Basis, déi mer mussen hu fir déi Leit heihinner ze kréien, déi dann och vum Centre sportif René Hartmann kënne profitéieren.
Erstaunt sinn ech och doriwwer, a frou, datt virdru vun de Gréngen den Tourismus an eis Kultur erwänt ginn ass well dat awer ëmmer eng kleng Häerzensugeleeënheet ass. Ech mengen, datt mir am Kulturberäich relativ vill unzebidden hunn. Ech fannen et och schuet, datt am Budget net vill virgesinn ass wat dee ganzen Tourismus ugeet a begréissen et dohier och, datt déi Gréng och derhannert stinn, datt do nei Projeten, Konzeptentwécklungen op museumspädagogescher Basis geschaf solle gi fir dat Ganzt einfach historesch méi attraktiv ze maachen.
D'Thema Kultur heescht awer och hei zu Diddeleng Concerten, vill Concerten, mir hunn d'Fête de la



musique, den Zeltik, de Plus-Festival, mir hunn immens vill flott Concerten am Centre culturel.
Firwat wéineg Leit? Dat ass mir och opgefall. Et komme relativ wéineg Jonker well et relativ deier ass a wann ech kucken, den Zeltik war relativ deier. Den Zeltik war 20,-Euro an et gouf kee Studentepräis an et ass net déi éischte Kéier, datt ech vu jonke Leit gesot krut, et wier ze deier fir Studenten, déi jo dann och nach de Béier musse bezuelen. Dat sinn esou kleng Saachen, wou et vläit flott wier wa mer esou Concerte maachen, wou Tickete verkaf ginn, ech weess selwer datt Gruppe kaschten an déi sinn och méi wéi frou wann se eng gutt Gage kréien, mä et muss een oppassen, wann esou Fester wéi den Zeltik sinn, wou dëst Joer wéineg jonk Leit do waren, well awer vill Leit a mengem Alter ëmmer dohinner gaange sinn an et eng Begéinungszon fir eis war. Wann ech vun deene gesot kréien, ech bezuele keng 20,- Euro dofir, da stelle mir eis d'Fro ob een net awer soll iwwer e Studententarif nodenken. Besonnesch well mer jo mat eise Studentewunnenge wëlle Studenten heihinner kréien, da muss dat och e bëssen ugepasst ginn.
Fir de Rescht ënnerstëtze mir ganz vill Projeten, déi mir déi lescht Woch hei virgestallt kruten a mir si frou, datt vill Saache besser geklappt hunn.
Mir enthalen eis allerdéngs dëst Joer bei dësem Budget aus de genannte Grënn, wat eis Taxen uginn an eis Suergen, déi mir als Déi Lénk och mat der CSV an Déi Gréng deelweis deelen.

Bob Claude (LSAP): Am Ufank zu menger Interventioun an dëse Budgetsdebatte wëll ech meng Zefriddenheet zu folgender Saach ausdrécken. Virun zwielef Méint hat ech gefrot fir de Budget am PDF-Format zougeschéckt ze kréien. Dat ass dëst Joer de Fall an dat huet de Virdeel um Computer mat der Sichmaschinn ganz liicht e Begrëff erëm ze fannen a sech net d'Fangere beim Duerchbliedere vum Budgetsdokument kromm ze maachen. Elo dierft näischt méi am Wee stoen, wéi zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg an zu Déifferdeng, de Budget am PDF op d'Internetsäit vun eiser Gemeng gesat ze kréien. Jiddefalls huet den Här Pascal Poull mer dat bestätegt an ass prett fir dee Budget 2016 online ze setzen.
Dat erméiglecht dem Bierger dobaussen a voller Transparenz déi eenzel Posten am Budget nozesichen an esou en däitlechen Abléck a quasi all Beräicher vum Fonctionnéiere vun eiser Stad ze kréien. An dësem Zesummenhank begréissen ech, datt mer an Zukunft all Dokument vun der Gemengesëtzung an enger Cloud online geschéckt kréien an esou op dee ville Pabeier, fir déi vun eis heibanne, déi dat wëllen, verzichte kënnen.
18.000,- Euro si fir den Akaf vun Tablets virgesinn. Fir mech ass dat vläit e wéineg zevill well déi meescht vun eis hunn hir eegen Tablets schonn derbäi. Sou wäit dozou.
An elo e puer Bemierkungen zum Beräich Sport. Am Virdergrond vum Joer 2015 ass d'Ouverture vun eisem Centre Hartmann. Déi éischt Echoe vun deene ville Visiteuren an deenen éischten Deeg waren am grousse Ganzen äusserst positiv.
Ech zitéieren Auszich aus dem Artikel vum Kolleg Fernand Schott, e Kolleg aus der Sportskommissioun an der Tageblatt-Editioun vum leschte Méinden: "Die neue Halle des Centre René Hartmann hat ihre erste Belastungsprobe glänzend bestanden. Für die neue Handballhalle waren die Sportler voll des Lobes. Auch die Arbeitsbedingungen für die Presse sind völlig in Ordnung. Stromanschlüsse und ISDN-Leitungen sind vorhanden. Das Einzige was noch fehlt, ist ein WIFI-Netz, doch dies wird man wohl in naher Zukunft beheben können. Die zahlreichen Besucher am Samstag waren sich einig, die neue Halle ist ein wahres Schmuckstück."
Fairerweis muss een awer och en Auszuch aus dem Komentar vum Marc Biever am selwechten Tageblatt zitéieren: "Die kahlen Betonwände versprühen wenig Sportlust. Liebe Düdelinger Gemeindemütter und –väter, bitte bringt doch ein wenig Farbe und Freude in eure neues Schmuckkästchen. Lasst das Centre Hartmann zum Spaßbad avancieren und nicht zum trostlosen Betonbunker brandmarken." Sou wäit sou gutt.
Ech sinn iwwerzeegt, datt versicht wäert ginn, an der fonkelneier Schwemm, wou iwwer de Weekend 13 Landesrekorde gebrach goufen, mat wéineg Moyene méi Fuerf eranzebréngen.
Eng kritesch Bemierkung muss een awer zum sougenannte Cup-System maachen. Ursprénglech war dat am Sënn vum Ëmweltschutz eng gutt Iddi awer no den éischten Erfahrunge stellt sech awer eraus, datt enger normaler Besicherzuel, ech schwätze vun 100 bis 400 Zuschauer d'Drénken aus Plastiksbechere sech net rentéiert an d'Glieser dee selwechten Déngscht leeschten, zemools d'Spulle vu Plastiksbechere vill méi problematesch ass an a punkto Ëmweltschutz näischt bréngt. Bei enger Finale bis zu 1500 Spectateuren ass esou e Pfandsystem awer sënnvoll.
De Service des sports huet déi 7. Editioun vun der traditioneller Nuit du sport de 16. Mee fir déi 2. Kéier

op engem eenzege Site an zwar am Hall Fondoucq vun der fréierer Arcelor organiséiert. Besonnesch alternativ Sportaarten an nach aner Attraktioune bis zu engem Concert hu vill Leit, jonk a manner jonk, vu 17 Auer bis an d'Nuecht ugezunn.
Am Budget sti 15.000,- Euro, sou dass der 8. Editioun vun der Nuit du sport de Samschden, de 4. Juni 2016 näischt méi am Wee ka stoen.
D'Sportskommissioun versicht weider bescheiden Impulser am Schoulsport ze ginn. Si hat en Opruff bei den Enseignanten an der Grondschoul gemaach, hire Schüler eng sportlech Aktivitéit an enger einfacher Form fir all Kand unzebidden. Zum Beispill en Dauerlaf mat oder ouni Hindernisser am Schoulhaff. Logistesch Ënnerstëtzung souwéi Gadgeten huet d'Gemeng offréiert. Déi meeschte Schoulen hu matgemaach an dat Ganzt mat engem Don un eng karitativ Associatioun verbonnen.
Och 2015 huet d'Sportskommissioun e Fussballsturnéier um Stade Barozzi fir déi 6 Grondschoule vun Diddeleng fir déi 4. Kéier organiséiert. Déi traditionell Sportswoch an der Ribeschponter Schoul kuerz virun der grousser Vakanz fir all d'Spillschoulsklassen a Précoceklassen ass eng Organisatioun vun der lokaler LASEP-Sektioun mat Bedeelegung vum Turnveräin, dem HB Diddeleng an dem T71, dat Ganzt koordinéiert vun eisem Schouldéngscht.
Iwweregens bleiwe mir a permanentem Kontakt mat der lokaler LASEP-Sektioun, déi aktuell mat 5 Léierpersounen an enger Chargée 6 Course fir eng 126 Kanner aus der Grondschoul ubitt.
Zum Thema Sportleréierung – Enn November am Kulturzentrum hat dëst Joer am Virfeld fir vill Gespréichsstoff gesuergt. 18 Veräiner mat 340 Sportler an Trainer aus 18 Sportaarte goufe fir hir Leeschtunge geéiert. Rendez-vous elo schonn dat nächst Joer an zwar den Donneschdeg, de 24. November 2016.
D'Sportsveräiner ginn och dat kommend Joer vun der Gemeng infrastrukturell, materiell a finanziell staark ënnerstëtzt mat ronn 4,3 Milliounen Euro. Dat ass och erëm vill Geld am ordinäre Budget 2016 fir d'Sportsinfrastrukturen an d'Personalkäschten.
Am Extraordinäre Budget falen déi 215.000,- Euro fir dee batter néidegen neie Belag an der Sportshal Grimler op.
Och déi 46.000,- Euro, déi fir d'Kältebad, e sougenannte CRYO-Spa ageschriwwe sinn.
Gespaant kann een op d'Christmas-Schwamme sinn, fir dat 20.000,- Euro am Budget stinn. Do wäert den Herr Spina eis nach vläit verschidden Opklärunge ginn.
Genuch zum Sport, ech kommen elo kuerz op de Schoulbudget ze schwätzen. Nëmme kuerz, net well et kee wichtege Budget ass. Et ass wéi all Budget awer et ass en immens wichtege Budget. Mä well quasi keng Ännerung par rapport zum Joer virdru festzestellen ass.
Zum gréissten Deel gëtt de Budget fir déi 6 Diddelenger Schoulen am Schoulservice ofgesprach a Récksprooch mat deene 6 Schoulpresidenten a Schoulkomiteeën. D'Geld gëtt dann no der Zuel vun de Schüler an der Gréisst vun de Gebaier opgedeelt.
Am ordinäre Budget ass praktesch keng Ännerung par rapport zum Joer virdru festzestellen. De Gesamtmontant par rapport zum Budget initial 2015 geet esouguer ëm ronn 250.000,- Euro zeréck.
Dat lescht Joer hat ech gesot, dass eng méi autonom Gestioun vum Budget an deene verschiddene Schoulen nach an de Kannerschung stéing. En éischte Schrëtt war scho beim Akaf vun de Schoulbicher gemaach ginn. Fir eng besser Notzung vum disponibele Geld wéi zum Beispill zu deene sougenannte Sorties pédagogiques sollten d'Schoule sech méi eegestänneg ëm d'Opstellen an d'Gestioun vun deene Budgetsartikele bekëmmeren. Dat schéngt ab dësem Joer awer schonn de Fall ze sinn.
Wat d'Infrastrukturen ugeet, stellt ee fest, datt nieft deene permanente Reparatur- a Renovatiounsaarbechten och gréisser Montanten am extraordinäre Budget stinn, sou zum Beispill 240.000,- Euro an enger éischter Phase fir d'Erneiere vun de Fënsteren an der Schoul Brill an zesummen 190.000,- Euro fir d'Erneiere vun den Toiletten an de Gebaier Gaffelt an Däich.
Ech begréissen, datt am Sous-sol vum Gebai Brill, do wou bis elo d'Aktivitéite vum CAD-Power waren, den Informatikssall installéiert gëtt.
Wéi der gesitt, gëtt Joer fir Joer vill Geld an déi schoulesch Infrastrukture gestach an dat zum Wuel vun eise Kanner.
Zum Schluss wëll ech op eng Bemierkung vum Claudia Dall'Agnol zeréck kommen am Zesummenhang mat enger Iddi vun der Integratiounskommissioun fir eventuell d'Associatioune mat anzebauen. Si huet Recht, wa se seet, datt et just an de Veräiner en natierlecht Zesummeliewe mat deene verschiddensten Nationalitéite gëtt.
Dat selwecht gëllt fir d'Kanner an eise Schoulen. Déi Angscht, déi een déi leschten Zäit bei ville Leit aus der Bevëlkerung feststelle kann, ass an de Veräiner an an de Schoulen net erëm ze fannen. An deem Sënn op d'Stéchwuert Veräiner, firwat net en Zesumme-



schaffe vun eise verschiddene Gemengekommissioune ustriewen a gemeinsam en Dag organiséieren, wéi zum Beispill am Frankräich déi sougenannte Journée des associations. Et kéint een sech dat emol duerch de Kapp goe loossen.
Heimat sinn ech fäerdeg mat menger Interventioun zu de Budgetsdebatten, ech wäert dësem Budget zoustëmmen an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Marc Schiffmann (ADR): Am Numm vun onser Fraktioun nach eng Kéier Merci un all déi Persounen, déi bei der Opstellung vum Budget matgewierkt hunn, Si hunn, wéi och schonn an deene vergaangene Joren, eng gutt an efficace Aarbecht geleescht.
Villes ass vu menge Virriedner scho gesot ginn, dofir mécht et wéineg Sënn, nach eng Kéier op all d'Eckdaten anzegoen. Ech konnt mech och net esou op de Budget preparéiere well ech weder an der Finanzkommissioun nach an der leschter Sitzung konnt sinn aus gesondheetleche Grënn.
Beim Budget rectifié 2015 geet de Boni no ënnen, aus deene vun der Madame Kayser scho genannte Grënn, do brauch ech net weider drop anzegoen.
Mä dee Punkt dee mer wichteg ass: Wéi all Joer stelle mer fest, datt den Undeel vun der Masse salariale all Joer méi kritesch gëtt. Eng logesch Schlussfolgerung wier, fir eenzel Servicer ze outsourcen, eppes wou de Schäfferot all Joer widdersprécht, dat géif net a Fro kommen. Mä mir wëssen all, an der Politik gëtt vill versprach a wann et spéider net gehale gëtt, dat ass dann eben esou.
Wa mir eis Servicer net optimiséieren, da wäert dat de Fall an den nächste Jore sinn. Wann ech soen optimiséieren, da mengen ech net datt mer einfach méi Personal astellen.
Huele mer de Service technique, wou d'Personal opgestockt ginn ass an da geschéien esou Saache wéi dat mat de Beem bei der Kierch. Do ass d'Gemeng a mengen Ae mat responsabel.
Oder en einfacht Beispill an der Lentz-Strooss wou op zwou Säiten d'Trëttoire sollten nei gemaach ginn. Op der enger Säit war e private Promoteur de Maître d'oeuvre, do huet et einegermoosse geklappt. Déi aner Säit war d'Gemeng de Maître d'oeuvre. Et war ofgemeet gi mam Entrepreneur, datt déi eng Säit sollt ofgeschloss ginn éier déi aner Säit kéint ugefaange ginn, wat duerchaus logesch ass. Den Entrepreneur huet sech net dru gehalen an et war de Chaos pur.
Do war et gutt, datt de Service de circulation wéinstens derfir gesuergt huet, datt eng adäquat Beschëlderung a Beliichtung dohinner komm ass. Véier Wochen huet de Chantier gedauert ouni datt de Service technique do vill present war a vu Coordinatioun keng Spuer.
En anert ganz banaalt Beispill ass de Proufsall, dee sech am Kiosk an der Le'h befënnt. Op meng Nofro hin huet et Deeg laang gedauert bis emol ee wosst, datt et dee Sall iwwerhaapt gëtt. A bis haut ass et net kloer, wien do entscheet, wien e benotzen däerf a wien net.
En anert Beispill, obwuel ech dat schonn zweemol heibannen ernimmt hunn, ass, dass kee sech an der Zentral ofmellt, wann en net um Bureau ass. Ech krut hei vum Schäfferot gesot, si géifen dat weiderginn. Mä leider Gottes ass dat bis haut net geschitt. Esou vill zum Respekt vun Uweisunge vum Schäfferot. Dat sinn nëmmen e puer Beispiller. Ech wëll och elo net d'Personal ugräifen, mä a mengen Aen ass et ganz kloer de Schäfferot, deen dofir responsabel ass.
Amplaz d'Aen zouzemaachen heescht et handelen oder feelt de Courage fir sech mat eenzelne Servicer unzeleeë fir keng Palastrevolutioun unzeziedelen.
Ech wëll nach op eenzel Punkten zum Deel aus dem Budget 2015 an 2014 zeréck komme fir ze beweise wéi d'Gemeng mat ëffentleche Gelder ëmgeet, déi ënnert anerem Grond genuch si fir dëse Budget net matzestëmmen.
Zum Beispill onsen neie Centre Hartmann, e Projet, dee minutiéis duerchduecht an ausgeschafft ginn ass a kuerzer Hand sinn op eemol nach zeg-dausend Euro Méiausgaben zu Buch geschloen. Do hate mer dann e puer Honnertdausend Euro déi do erëm méi stoungen. Et si méi Käschten, zu Diddeleng ass dat awer kee Problem, et si jo ëffentlech Gelder.
Da komme mer elo zum soziale Volet, do sti mir als ADR voll derhannert. D'Schafe vun esou Zëmmeren, wat gemaach ginn ass wéinst de Cafészëmmeren, wou d'Leit eraus mussen aus hirer prekärer Situatioun ass am Prinzip ze begréissen. D'ADR huet eng Motioun agereecht fir Wunncontainer opzeriichte fir esou méi séier a kuerzfristeg méi Leit mat geréngem Akommes en Ënnerdaach ze bidden, géint e minimale Loyer. Dat ass deemools als Ausspille vun den Asylante géint mannerbemëttelt Leit duergestallt ginn, wat ganz bëlleg Polemik an a mengen Aen och eng Frechheet war. Elo klappt et, an esou hoffen ech, dat et zu kenger Polemik mat de Réfugiéë kënnt.
Beim soziale Wunnengsbau misst zu Diddeleng als Zousaz dat Wuert "extrem deier" viru sozial stoe kommen. E gutt Beispill vun eiser iwwerdeierter

Sozialbaupolitik ass d'Haus op 73, zu Tattebierg. Am Ganze stinn do 187 Meter carré als Wunnfläch zur Verfügung, dat mécht sage und schreibe e Präis vun 6.417,- Euro de Meter carré, mat enger Energieklass F.
D'Erklärung, et wier eng Naasszell an eng Kachgeleeënheet dran, déi rappt hei och näischt méi eraus. Ech war mer dat ukucken an ech hu mech renseignéiert, méi wéi 500,- Euro, an da menge mer et nach gutt, mécht datt u Käschte net aus. Dat wiere 25,- Euro pro Meter carré bei enger Wunnunitéit vun 20 Meter carré. De Präis um fräie Marché an däser Géigend läit bei 4.200,- Euro pro Meter carré.
Kuerz gerechent: 6.417,- Euro wéiniger deen anere Präis, do gi mer dann e Méibetrag aus vun 2.192,- Euro pro Meter carré. Dat ass verréckt, dat ass net virstellbar an et ass och schwéier ze erklären. An en plus et reagéiert keen dodrop an der Gemeng an et gëtt weiderhin esou gebaut wat wäit iwwert dem Marchéspräis leit. Hei si mol einfach 409.000,- Euro zu der Fënster eraus gehäit ginn, mir hunn näischt méi dofir kritt, guer näischt. Dat sinn ëffentlech Gelder.
Ech hat nach keng Geleeënheet fir mer de Präis pro Meter carré vun deenen anere Projeten unzekucken, mä et wäert do net besser sinn.
En anert Beispill, dee faméisen Neibau vun den Toiletten am Park Emile Mayrisch, kombinéiert mat 20 Meter carré Dépôt, am Ganzen 25 Meter carré fir knapp 200.000,- Euro, also 8.000,- Euro de Meter carré an dat Ganzt ouni den Terrain.
Hei hu mer als Gemeng erëm mindestens 110.000,- Euro vun ëffentleche Gelder einfach zur Fënster eraus gehäit. Wann esou Präisser um private Marché Usus wieren, da misste mer fir e klengen Appartement hei vun 80 Meter carré 700.000,- Euro bezuelen.
An d'Vestiairë vun der neier Fussballschoul, dat si 7.000,- Euro de Meter carré, erëm ouni den Terrain. Sinn dës Vestiairë mat Plättercher vu Cotto d'Este oder viktorianesch Buedem- a Wandplättercher oder mat Marber aus Carrara ausgeluecht?
Sinn d'Armature vun Opera moderna oder vu Webert Italian Design? Oder e Wellness-Center mat Whirlpool a Sauna dran, dat mer am Centre Hartmann net kritt hunn? Dat géif de Präis zum Deel rechtfäerdegen.
Dir wësst jo, datt dat net de Fall ass an da kann een och hei soen, ouni ze iwwerdreiwe, datt mer fir banal Vestiairë mat sanitäre Anlage 654.000,- Euro a mengen Ae verplempert hunn.
Ech fannen awer och, datt wann eng Gemeng e Bauterrain vu 7 Ar un e private Promoteur verkaaft huet zu engem Spottpräis vu 20.000,- Euro, dat ass verschierbelt, anescht kann een do net soen. Dat sinn alt erëm eng Kéier 350.000,- Euro, déi eis do verluer gi well den übleche Präis ass 70.000,- Euro pro Ar.
Am Park Le'h gëtt och de Budget erëm séier opgebraucht fir Sandweeër unzeleeën, déi kee wëllt an d'Spazéieregoen net verbessert ausser datt ee komplett d'Schung versifft huet an d'Leit mam Rollator oder mam Rollstull relativ schlecht iwwer déi Weeër kommen.
Den TICE, do ginn ech der Madame Kayser vollkomme Recht a mir wäerten och déi Motioun ënnerstëtzen. Dat ass och e Koup Geld, deen a mengen Aen do net néideg ass. Als Beispill, ech hat viru kuerzem gefrot fir aus der Pasteurstross bis an d'Spidol zu Esch, do brauch ee mam TICE ganz genee, mat dem Ëmklammen 1 Stonn 45 Minutten.
Dat sinn nëmmen e puer Punkten, dräi am Ganzen oder véier, wou ouni e groussen Expert an der Comptabilitéit ze sinn, mä mat e bësse Mënscheverstand, ouni gréisser Ustrengung iwwert 1,5 Millounen Euro agespuert kéinte ginn.
Hei zu Diddeleng huet een den Androck, mir géifen am Geld schwammen.
Och mat de Loyeren, dat gëtt net manner, do leie mer och erëm bei 92.000,- Euro.
Komme mer elo zu onser Zone de rencontre an der Niddeschgaass.
Dat ass eng Moossnam, déi a mengen Aen näischt bréngt esou laang mer den Duerchgangsverkéier net aus dem Zentrum eraus bréngen. D'Kolleginne vun deene Gréngen hu gesot, da kéint ee spéiderhin op eng Foussgängerzon iwwergoen, mä och do ass de Problem, wou gi mer mam Duerchgangsverkéier hin?
Wéivill hu mer schonns iwwert d'Joeren an d'Idée fixe investéiert fir d'Niddeschgaass opzewäerten? Dat wier mol eng Fro fir dem Schäfferot ze stellen, well eng Äntwert hei kréien ech ni. Dat Ganzt allerdéngs ouni Erfolleg a virun allem ouni iergendee Konzept. Dat ass e Beweis, dass d'LSAP, déi elo alleng säit Jorzéngte konnt schalte wéi se wollt, einfach keng Visioun hat an huet.
D'ADR bitt eng Solutioun un, dat soe mer all Joer erëm. Mir stoppen den Zuch op der Gare Zentrum a bauen iwwer de Wee vun de bestoende Gleisen eng Ëmgehungsstrooss, déi beim Match eraus kënnt. De Quartier a Volmerange kënne mat engem Citybus ugefuer gi well et ass relativ minim, déi Leit, déi dohinner fueren, dat ass eemol moies an emol owes a fir de Rescht gesi mer den Zuch mol alleng mol mat een, zwee Leit dra fueren.



Dofir wier et derwäert emol dës Kéier an deem Beräich eng Étude ze maachen.
Bei dëser Geleeënheet wëll ech dervu profitéiere fir ze soen, dass mer och dëst Joer nees 600.000,- Euro fir Études ausginn.
Nodeem Schëffleng seng Problemen elo léist, bleift just nach Diddeleng wou näischt geschitt. Neen, esou ganz stëmmt dat jo net, et gëtt eng Étude vu 50.000,- Euro vun der CFL gemeet fir eng Léisung ze fannen. Da si mer awer mol gespaant.
Ech ginn dervun aus, datt mer elo op d'Iddi vun engem Tram kommen. Da sinn d'Barrièren eng Minutt manner laang zou, wat awer net d'Léisung ass.
Ech muss awer och soen, datt mer am Ordinaire vill Projeten, ënner anerem fir Sanitärberäicher, hunn ouni Études duerchzeféieren.
Dat lescht Joer hate mer jo nach en Aménagement vun engem Buedzëmmer fir eng Portierswunneng an Héicht vun 18.000,- Euro nach eng Étude vu 1.500,- Euro gemaach. Mir sinn also um Wee vun der Besserung.
Den Invest ronderëm d'Kierch, ob engem dat gefält oder net, dat muss jidderee fir sech selwer kucken. Ob et elo awer, wéi ëmmer erëm vum Schäfferot ugekënnegt, eng Opwäertung vun der Niddeschgaass ginn ass, do hunn ech awer och, a vill Leit dobaussen, meng Zweiwel.
Wann ech awer gesinn, datt de Busarrêt bei der Kierch elo esou ugeluecht ass, datt de Bus matten an der Strooss hält an e Stop-and-Go domat verursaacht! Ech hunn doriwwer zwou Étude fonnt, eng vum Thomas Sattelmann deen eis erkläert, ëm wéivill $CO_2$ bei Stop-and-Go an d'Luucht geet. Dat ass enorm, et si 40-50% wou den $CO_2$ an d'Luucht geet.
Dat kascht net nëmmen Zäit mä et ass och eng Belaaschtung fir d'Leit, déi do wunnen. An ech mengen, weess Gott, mir hu genuch Stop-and-Go duerch d'Barrièren.
Dat wëssen se an Däitschland an an der Schwäiz schonn.
An de Contraire mécht, wéi wa mer net scho genuch esou Situatiounen hätten.
Zu de Statioune vum e-Bike, hei geet et net ëm de Präis, mä wéi a wou déi Statioune plazeweis installéiert ginn. Ganz krass ass et zu Butschebuerg um Parking vun der Place Gymnich: Hei hu mer et fäerdeg bruecht, dräi Parkplaze ze eliminéiere fir déi Statioun ze installéieren. Eng Plaz wou zwee Commercë sinn an d'Parkplaze rar sinn, dat ass ideal fir d'Commercen ze ënnerstëtzen. Iwweregens wier et ouni Problem méiglech gewiescht, dës Statiounen esou ze installéieren ouni datt eng Parkplaz dobäi verluer geet.
Zum Schluss nach eppes Positives, dat ass onse Krëschtmaart, dee wéi all Joer wierklech gelongen ass. De Responsabelen e grousse Merci.
Et geet awer net duer, well all déi aner Punkte weisen, datt et u Visioune feelt, déi Diddeleng no vir bréngen a well mir als ADR eis Iddien net dorëm erëm fannen, féiert dat derzou, datt d'ADR dëse Budget net wäert matstëmmen.

Brit Schlussnuss (LSAP): Ech géif gär e puer Wuert zu menge Schwéierpunkten Sécherheet a Gesondheet soen, éier ech mat enger globaler Conclusioun zum Budget ofschléissen.
Zum Thema Sécherheet stoung dëst Joer an der Sécherheetskommissioun deen neie Plan Cattenom um Ordre du jour. D'Membere vun der Kommissioun krute vun eisen Sécherheetsdelegéierten Henri Glesener déi grouss Ännerungen an deem neie Plang virgestallt.
Wichteg fir Diddeleng ass, datt mer eng vun deene zéng Gemengen sinn, déi am Evakuéierungsradius vu 15 Kilometer leien. Eng Ännerung war dunn déi präventiv Verdeelung vun de Jodpëllen, déi virdrun nëmmen am Noutfall erfollegt wär.
Am neie Plang hunn d'Gemengen dräi Aufgaben, nämlech d'Evakuéierung vun de Bierger, d'präventiv Verdeelung vun de Jodpëllen an d'Organisatioun vun Opfangszentren, wou Diddelenger awer dispenséiert ass duerch eis Lokalisatioun an der Evakuéierungszon.
Ech géif elo gär op de Volet Gesondheet kommen, wou meng Haaptinterventioun e klengen Topo iwwer eis Aktivitéiten am Aarbechtsgrupp Gesond Diddeleng ass.
Ech hu mat vill Freed dëst Joer d'Presidentschaft vun dësem Grupp iwwerholl a wëll op dëser Plaz mengem Virgänger Alain Becker fir seng während zéng Joer geleeschten Aarbecht Merci soen.
Eisen Aarbechtsgrupp huet sech iwwert dat ganzt Joer an 9 Réuniounen am Groupe restreint an 3 Sëtzunge mam ganze Grupp zesumme gesat fir all eis Aktivitéiten ze organiséiren.
Dat wieren iwwert d'ganz Joer eise Lafcours fir Ufänger mat 12 Ageschriwwener, eise Laftreff mat 37 Aschreiwungen an 3 Coachen, eisen Nordic Walking Grupp mat 14 Leit, eisen Trëppeltreff mat 12 Leit, de beim Buggy-Fit ware 5 Mammen derbäi, d'progressive Muskelrelaxatioun huet 12 Aschreiwungen a leeft iwwer 12 Wochen.
Absolut Success story ass ouni Zweiwel eise Wibbel mat 26 ageschriwwe Kanner, déi betreit vum Myriam

Keller a Francine Zigliana géint hiert Iwwergewiicht uginn.
Nieft eisem traditionelle Gesondheetsdag, deen dëst Joer a verkierzter Versioun huet misse statt fanne wéinst der Canicule, hate mir nach en extreme Succès mat der Marche gourmande an Zesummenaarbecht mat de Restauranten Amarcord a Loxalis, wou ronn 100 gesond Menüen a Kombinatioun mat Bewegung um Programm stoungen. Op dëser Plaz wëll ech dann och der ganzer Équipe ronderëm eis Gesondheets-beobtragt Francine Zigliana an de Membere vum Aarbechtsgrupp Merci soe fir hiren onermiddlechen Asatz fir eis Gesondheet.
Eng kleng Unerkennung krute mer dunn och bei eiser Entrevue mat der Gesondheetsministesch, déi Diddeleng mat sengem Konzept Gesond Diddeleng, senge Gesondheetswochen a senger Gesondheets-beobtragten als Virreider a Beispill fir aner Gemenge gelueft huet.
En anere grousse Posten an eisem Budget ass verständlecherweis eise Centre d'intervention, deem op dëser Plaz e grousse Merci muss gezollt ginn.
Mat enger Moyenne vu 6 Asätz pro Dag bei enger Équipe vun 80 Leit dovun 10 Haaptberufflecher vu Gemeng a Staat gesäit een, datt d'Volontariat e ganz wichtege Pilier ass, net ze schwätze vun der enormer Jugendaarbecht mat 40 Jugendpompjeeën an der Omnipräsenz vun eisem Center bei grousse Manifestatiounen, wéi d'Fête de la musique, Diddeleng on Wheels, Summer, Spill & Spaass, fir der nëmmen e puer opzezielen.
Net ze schwätze vun der Wichtegkeet vun der Reform vun eise Rettungsdéngschter, déi duerch d'Schafe vun enger Structure unique eng intensive Kooperatioun tëschent Staat a Gemenge wëll erreeche fir sou eng flächendeckend gutt Hëllef ze garantéieren.
No dëser kuerzer Revue vu menge perséinleche Schwéierpunkte kommen ech elo zum Schluss vu menger Interventioun op meng Gesamtanalys vum Budget ze schwätzen.
De Budget rectifié 2015 an de Budget initial 2016 sti fir eng nei Phas a Saache Gemengefinanzplanung. Iwwert déi lescht Jore hu mer grouss Investissementer geleescht. Dës goufen engersäits iwwer eis eege Finanzmëttel beglach, déi mir vun 2009 bis 2012, also a Jore vun der Kris opgebaut hunn. Ab 2014 hu mir missen op Emprunten zeréck gräife wat derzou gefouert huet datt eis Schold ab 2014 ugewuess ass. Tëscht 2011 an elo hu mir erëm 11 Milliounen Eegeleeschtung obgewandt, déi mat weidere 9 Milliounen Emprunt opgestockt goufen.
Dëst ass e Paradebeispill vun enger gudder a responsabeler Finanzgestioun vun de Gemengeresponsabelen iwwer déi lescht Joer.
Duerch eng virausschauend Politik sinn emol an enger éischter Phas finanziell Mëttelen op d'Saït geluecht gi fir des Mëttelen zesumme mat Emprunte bei enger déiwer Verscholdung dann zur Verfügung ze hunn.
Eis Reserv ass awer ferm geschrumpft vun 13,6 Milliounen am Joer 2012 op 2,1 Milliounen, déi nach am Budget 2016 stinn. Och wäert eis Pro-Kapp-Verscholdung sech quasi verduebelen am Joer 2016 am Verglach zu 2014.
Wéi ech hei virdrun erkläert hunn, ass des Situatioun eng logesch Konsequenz vun eiser responsabeler Investitiounspolitik.
Hätte mir dat net esou gemaach, wier soit eis Scholdequote 2016 iwwer dräimol sou héich wéi déi vun 2013 oder awer mir hätte keng nei Infrastrukture kënne bauen.
Mir mussen awer oppassen, dass mer dës responsabel Approche och an Zukunft bäibehalen. An deenen nächste Jore musse mer nees eis Schold drécken andeems mer wa méiglech keng Emprunten ophuelen an esou pro Joer eis Dette ëm ronn 1,3 Milliounen Euro drécken.
2018 leeft och nach e Prêt aus, sou dass wann de makroekonomesche Kontext weiderhi gutt bleift, den Niveau vun der Schold 2019 erëm op den Niveau vun 2013 komme kéint mat ronn 500,- Euro pro Kapp.
Dëst bedeit och, dass 2016 kee weideren Emprunt néideg gëtt.
Am Budget 2016, wéi en elo opgesat ass, ass nach Loft, sief dëst d'Échelle mobile, déi nach mat 2,5% agesat gouf, verschidden Dépensen am Extraordinaire, déi riskéieren, no hannen ze rutschen an awer och d'Recetten, déi mol kéinte méi héich ausfale wéi geplangt
Duerch dës verschidden Incertituden ass et also gerechtfäerdegt, den Emprunt vu 4 Milliounen am Budget 2016 virzegesi fir esou d'Joer mat 2 Millioune Boni ofzeschléissen.
An dësem Sënn stëmmen ech voll a ganz de Budget 2016.



Jean-Paul Gangler (CSV): Et ass jo op alle Bänken ugeklongen, dass d'finanziell Situatioun vun Diddeleng zu dësem Joreswiessel 2015-2016 net méi sou roseg ass wéi virun engem Joer.
Enn 2014 konnte mer nach e stattleche konsolidéierte Bonus vun 11,8 Millioune mat eriwwer an d'Joer 2015 huelen. Dëst Joer bedréit deen nach just e Véirel dovun, 2,6 Milliounen. Dee setzt sech zesummen aus engem Bonus am ordinäre Budget vu 5 Milliounen, dat waren der d'lescht Joer 9, engem Iwwerschoss vun 2014, dat sinn 8,6 Milliounen, eng hallef Millioun méi, awer och engem Malus am extraordinäre Budget rectifié vun 11 Milliounen, 2014 waren et der 5.
Graff ëmrass hate mer an deem statleche Bonus vun 2014 eng Rei vun onerwaarte staatleche Zouwennunge vun 2013, verbonne mat enger Rei Ausgaben, déi 2014 nach net hu misse gemaacht ginn, déi awer elo 2015 reportéiert gi sinn.
An dëst Joer hunn déi Ausgabe misse gemaach ginn a si sinn esouguer 6 Millioune méi héich ausgefall wei virgesinn.
Mer hunn och dëst Joer erëm Recetten un staatlechen Zouwennunge kritt, déi nach vun 20014 hierkommen an déi och 6 Milliounen ausmaachen. Domat ass de Malus am extraordinäre Budget rectifié 2015 11 Millioune vergläichbar mat deem vun eisem Initial 2015, 10,9 Milliounen.
Wann eisem initiale Bonus 2016 am ordinaire Budget mat 2 Milliounen nach éierbar ass, da läit en awer ëmmer op 50% vun deem vun 2015.
An et däerf een net vergiessen, dat ass och schonn e puermol ugeklongen, dass mer an deem ordinaire Budget zu bal 70% vu staatleche Gelder ofhänken. Ech hat schonn d'lescht Joer op dëser Plaz bemierkt, dass déi staatlech Zouwennungen am Kontext vun de Spuermesurë vun der Regierung erof goe kéinten.
Och en Impôt commercial weist eng Tendenz no ënnen. Sou war dee vun 2015 em eng hallef Millioun méi niddereg wéi déi zevill optimistesch Prognose vum Inneminister. An ech wëll heimat eisem Schäfferot e kloere Luef ausdrécken, dass e virsiichteg genuch war, déi Prognosen am Budget initial 2015 ëm eng hallef Millioun no ënnen ze revidéieren an et huet sech jo gewisen, dass dat déi richteg Approche war, well d'Gewerbesteier och wierklech eng hallef Millioun manner abruecht huet.
Wat déi verspriechen a Prognose vun der Regierung ugeet, sou muss een och emol bemierken, dass een an eisem Budget rectifié ganz oft de Posten erëm fënnt wou déi staatlech Zouwennungen schlussendlech méi niddereg ausgefall sinn ewéi eis Erwaardongen, zum Beispill bei de Sozialwunnengen, wou de Meter carré -Präis plafonéiert gouf oder beim Ausbau vun der Gaffelter Schoul.
Den Zukunftspak vun der Regierung bréngt eis ongeféier 1,2 Millioune manner an d'selwecht wéi 2015 geet och 2016 en Deel vun de Recettë vun der erhéichten TVA un déi staatlech Rettungsdéngschter a feelt doduerch de Gemengen.
Mir kréien also 2016 am ordinaire Budget vu staatlecher Säit proportional manner eran, esou guer ze wéineg fir eng CDA-Gemeng. Eis Ausgaben am Ordinaire ginn awer erop duerch déi steigend Lounkäschten.
Am extraordinäre Budget vun 2016 hu mer bei de Recetten déi staatlech Zouwennunge fir déi Projeten, déi 2015 fäerdeg gestallt goufen, wéi de Centre sportif René Hartmann, d'Maison-relais Strutzbierg an d'Sozialwunnengen, mä et bleift nach ëmmer bei bedeitenden Ausgabe fir Projeten, déi fäerdeg gestalt ginn oder nei an Ugrëff geholl ginn.
Wéi sti mer also elo hei un der Schwell vun 2016? Mir hu manner Bénéfice, eng Tendenz vu réckleefeg staatlechen Dotatioune, do dergéint ordinär an extraordinär Ausgaben déi ëmmer méi klammen, also eis Marge de manoeuvre gëtt ëmmer méi kleng.
An de Recetten, fir d'éischt an den ordinäre Recettë fir 2016 do hu mer an de uerdentlechen Einnamen de Poste vun den onbezuelte Rechnungen, dee sougenannten Restanten-Etat wo mer 200.000,- Euro récupéréiert hunn, mä nach ëmmer bleiwen 1,3 Milliounen anzedreiwen, déi der Gemeng feele fir aner wichteg Aufgabe kënnen ze erfëllen.
Méi berouegend ass, dass bis elo keng nei Montanten derbäi komm si vu Rechnungen, déi mer wahrscheinlech ni wäerte récupéréiere kënnen.
E groussen Deel vun den uerdentlechen Einname bedréit d'Subside vum Staat fir de Centre sportif René Hartmann an d'Maison-relais Strutzbierg. Dobäi komme Mehreinname fir d'Sozialwunnengen, déi mer verlounen. Weider wichteg Einnamen sinn déi Einnamen aus dem Verloune vun eisem Gasnetz an dem Staat säi Bäitrag zu der Kultur, déi hei zu Diddeleng jo grouss geschriwwe gëtt.
An dann hu mer an den uerdentleche Recetten nach déi vum Waasser. Do ass geplangt 2016 2,1 Milliounen Euro eran ze kréien, dat ass eng Steigerung am Verglach zu 2015, déi haaptsächlech vun enger Erhéijung ab dem 1. Juli 2016 vum Waasser- an Ofwaasserpräis hier kënnt.
Mir vun der CSV haten dat matgestëmmt well et eis kloer ass, datt et engersäits noutwenneg ass am

Kader vun der EU-Direktive vun der d'Käschtendeckung a well mer anerersäits nom Prinzip vum Pollueur-payeur net derlaanscht kommen, dem Verbraucher déi héich Ausgaben, déi mer an eist Waasser an Ofwaassernetz stiechen, ze verrechnen.
Eis uerdentlech Ausgabe, ouni Lounkäschten, wuel verstanen, bedroen 1,75 Milliounen Euro fir d'Drénkwaasser an 2,2 Milliounen Euro fir d'Ofwaasser. Am ausseruerdentleche Budget stinn nach eng Kéier Ausgabe vu 950,000,- Euro an 1,3 Millioune fir d'Ofwaasser.
Domat kascht eis de Service vum Drénkwaasser 2,7 Milliounen an e bréngt am Ganzen 2,1 Millioune Recetten.
Den Service vum Ofwaasser kascht eis 3,5 Milliounen an e bréngt 2,9 Milliounen an.
Mer sinn also net grad op enger kompletter Käschtendeckung ukomm a wie weess ob dat iwwerhaapt méiglech ass dohinner ze komme mä mer si mat der geplangter Erhéijung vun den Taxen scho no drun.
Et ass och schonn oft hei gesot ginn, dass de Verbraucher d'Waasser erëm als kostbart Allgemenggutt schätze léieren an et esou gutt wéi méiglech probéiert et net ze verbëtzen.
Elo ass et mer awer opgefall, dass am Rectifié 2014 d'Einname vum Waasser 2 Millioune bedroen hunn an déi am Rectifié nëmmen 1,9 Milliounen trotz engem dréchene Summer an enger Bevëlkerung, déi gewuess ass. Soll dat da scho vläit en Hiweis sinn, dass d'Leit do baussen am Allgemengen amgaang sinn, bewosst méi Waasser ze spueren?
Mir vun der CSV stinn hannert der Erhéijung wuel wëssend, dass Stéit, deenen duerch d'Taxenerhéijung eng zousätzlech Belaaschtung entsteet, mat eiser Allocation de vie chère gehollef kréien.
Mir hunn awer mat Freed dem Här Manderscheid seng Ausso opgeholl, dass d'Realitéit weit, dass bis elo am Office social nach keng Leit virstelleg gi sinn, déi eng Hëllef gefrot hu fir hir Waasser- an Ofwaasserrechnunge bezuelt ze kréien.
Bei den extraordinäre Recettë vir 2016, do hu mer 1 Millioun u staatleche Subside fir Maison-relaisen a fir nei geschafe Sozialwunnengen.
Am Kader vum Klimapakt hu mer 2015 260.000,- Euro kritt, déi mer an den ausseruerdentleche Budget eriwwer huelen an dann an e Fonds spécial Pacte climat setzen. An do erlaabt mer vläit eng éischt Fro. Aner vergläichbar Fongen, an déi mer abezuelen, wéi de Fonds de réserves communales oder de Fonds de réserve Pacte climat sinn am Anhang zum Budget eenzel opgelëscht an do kann een och verfollegen, wat do iwwer d'Joren dra gesat oder eraus geholl gëtt. Fir de Fong vum Klimapakt hunn ech awer keen esou een Tableau fonnt. Kënnt der mer villäicht soen, firwat mer dofir keen esou een Tableau hunn a wou ech déi Mouvementer vun deem Fong ka consultéieren.
An dann hu mer nach d'Fotovoltaikanlagen op véier Gemengegebaier installéiert, op d'Schoul Lenkeschléi an op d'Maison-relais Strutzbierg, wat eis 2015 ronn 23.000,- Euro Subside vum Staat bruecht huet, an dann op dem Centre sportif an dem Foyer Diddelfamill wat eis 2016 soll eng 14.000,- Euro u Subside bréngen. Kascht hunn eis déi 4 Installatiounen 273.000,- Euro un Études an Installatioun. Abrénge sollen se eis 2015 an 2016 ronn 37.000,- Euro u Subsiden a 34.000,- Euro u Stroum, dee mer der CREOS verkafen. Dat sinn also am Total 71.000,- Euro Recettë géint 273.000,- Euro Gestehungskäschten. Selbstverständlech ass deen Invest bei esou Installatiounen am Ufank ëmmer immens héich an de Bénéfice weist sech eréischt no e puer Joer. No 10 Joer missten déi Anlagen hei amortiséiert sinn an duerno bréngen se Bénéfice, wann se nach funktionéieren.
Elo heescht et jo an dem Schäfferot senger neiester Campagne "Dudelange, on dirait le Sud", ma da musse mer eis et jo net baang gi loossen, dass mer och genuch Sonnenastrahlung kréie fir déi Anlagen do rentabel ze gebrauchen.
E Gewënn fir den Ëmweltschutz a fir eise Bäitrag zum Klimapakt sinn se op alle Fall.
Eng weider Recette am Extraordinäre si Suen, déi mer vum Service des Sites et monuments nationaux an der Kierchefabrik fir d'Renovatioun vun der Fassad vun der Kierch kréien. Déi Suen huet eis Gemeng virgestreckt an si soll se elo 2016 erëm kréien.
Komme mer bei d'Dépensen.
Bei den ordinären Dépensen hu mer als éischt d'Frais de marketing et de publicité mam Zousaz Rapport analytique. Mir hunn ëmmer gefuerdert, dass et esou e schrëftleche Rapport soll ginn a mir bleiwe bei eiser Meenung. Et ass e wichtegen an onverzichtbare Medium fir Informatioun an Opklärung vum Bierger.
Wuelgemierkt sinn där Posten, déi Marketing a Publicité decken, op e puer Rubriken am Budget verstreet an si maachen en imposanten Total vu 523.000,- Euro fir 2016 aus. Ech kommen nach eng Kéier dodrop zeréck.
Dëse Poste fir den Analytesche schéngt mer awer immens héich ze sinn: 125.000,- Euro. Dee war d'lescht Joer schonn héich an d'Äntwerten deemools op meng Froe ware leider net zefriddestellend. D'Redaktioun vun deem Gemengerotssitzungsrapport gëtt jo

zënter 2015 vun enger Persoun gemaach, déi Expert-Traducteur ass. Domat ass dee fréiere spezielle Poste fir d'Redaktioun ewech gefall an et gëtt nach just en eenzege Poste fir den Analyteschen, dee beinhalt d'Redaktioun an den Drock.
Doduerch, dass den Analyteschen zënter 2015 net méi toutes boîtes verdeelt gëtt, geet d'Zuel vu gedréckten Exemplare vun 72000 - dat sinn 9 Editiounen zu 8 000 Boîten – op 2 700 erof - dat sinn 9 Editiounen zu 300 Boîten -, wat eis 2015 nach eng Kéier 35.000,- Euro agespuert huet.
Am Rectifié 2013 huet dee Posten, Fraisen a Redaktioun zesummen, 153.000,- Euro ausgemaach, am Rectifié 2014 waren et nach 147.500,- Euro an am Rectifié 2015 nach 125.000,- Euro.
Mä wann een elo bedenkt, datt déi 35.000,- Euro Erspuernis do nach ofgezu sinn, dann ass am Fong geholl dee Posten an dräi Joer guer net richteg erof gaangen, trotzdem d'Redaktioun an den Drock sollte vill méi bëlleg ginn.
Erlaabt mer do fir am Sënn vu Kloerheet an Transparenz déi folgend Froen ze stellen:
Éischtens, wat fir een Deel vun deem Chiffer geet un d'Redaktioun?
Zweetens, wat fir een Deel vun deem Chiffer geet un den Drécker?
Drëttens, wat fir een Deel vun deem Chiffer geet nach eventuell un aner Bestëmmungen an u wat fir eng?
Ech wëll awer direkt iergendwelleche Bëssegkeete virgräifen an ënnersträichen, dass et eis net drëm geet, iergendwellech Leit ze diskreditéieren oder blouss ze stelle mä just dorëms, ze verstoen, wat déi Zuelen a sech hunn.
An ech wollt och nach viru ginn ouni dass dat eis engagéiert, dass vill Bierger fannen, dass sechs Wochen nom Gemengerot ze laang si fir den Analyteschen erauszebréngen. Mëttlerweil kann een d'Sitzunge vum Gemengerot jo a vill méi kuerzen Délaien um Video nokucken.
Da kommen ech an den uerdentlechen Dépensen un, de Gas, deen an de Gemengebaier verbraucht gëtt. Wann een déi vill Gebaier analyséiert, da fält engem op, datt d'Gemengenhaus de Gasverbrauch vun 2014 op 2'15 ëm 31% erop gaangen ass. Dat ass immens vill an dat trotz enger neier dräifacher Fënsterverglasung an enger neier Heizungsregulatioun. Keen anert Gebai huet esou en Zouwuess u Gasverbrauch, mol net de Centre Opderschmelz deen ënnert Gänseféissercher nëmme 25% méi deier an de Gaskäschte gouf.
Meng Fro ass elo déi hei: Wéi ass déi Hausse ze erklären? Dee Gaspräis ass laut STATEC vum 2. Semester 2014 bis zum 1. Semester 2015 jiddefalls net erop mä ëm 3% erof gaangen. Ech fannen, do misst een d'Ursaach nosichen schonn nëmmen an der Logik vun eise Klimapaktefforten.
Dann hu mer EducDesign, eng Informatikfirma, déi sech ëm den Accès vun de Schoulkanner zum Internet an den informatesche Medie këmmert. Niewebäi sinn et och si, déi Filteren an all Schoulgebai abauen, fir dass den Internetzougang streng kontrolléiert ka ginn. Do fanne sech elo am Budget 60.000,- Euro erëm an zwar sinn déi aus dem ausseruerdentlechen an den uerdentlechen Deel eriwwer geholl gi well déi Zesummenaarbecht elo duerch e Kontrakt geregelt gëtt an net méi eng aussergewéinlech Aktioun duerstellt. Mir fannen, dass déi Sue gutt investéiert sinn.
An de Bussyndikat TICE bezuele mer mëttlerweil 2 Milliounen an et muss ee sech froen, ob déi Leeschtung, déi mer dofir kréien och deementspriechend gewuess ass. Mä do drop gi jo aner Leit och schonn an.
Dann hu mer elo de System Vël'OK agefouert, an deem Bierger sech elektrobedriwwe Véloen, oder e-Biken oder Pedelecen op e puer Plazen zu Diddeleng ausléine kënne fir sech fortzebeweegen. Wéi dat eis am Gemengerot vum 18. September 2015 virgestallt ginn ass, hate mer eis fir dee Projet agesat. Et ass eng sënnvoll Ënnerstëtzung vum CIGL, eng wäertvoll Initiative um Aarbechtsmaart, et ass ëmweltfrëndlech a schlussendlech fördert et och nach d'Gesondheet vun de Benotzer, virausgesat et kann ee sech op séchere Stroossen a Weeër bewegen.
Anscheinend wëll eis Regierung dee Projet iwwert dat ganzt Land ausdehnen. Mir waren deemools awer guer net frou, dass eis am Virfeld vun der Diskussioun guer keng Zuele genannt gi ware vun de Käschten, déi do op eis zoukommen. D'Gemeng muss bekanntlech déi 5 Statioune mat jeeweils 5 Bornen opriichte während den Escher CIGL d'Véloe stellt, déi mer bei hinne kafen. D'Gemeng ass zousätzlech responsabel fir déi Bornen a muss fir hiren Ënnerhalt opkommen.
Nodeems mer Detailer iwwer déi ongewëss Käschten nogefrot hunn, war d'Madame Schäffin Dall'Agnol dann esou léif fir domat erauszerécken. Déi 25 Véloe hunn en Akafspräis vun insgesamt 71.600,- Euro, dat sinn d'Präisser mat der TVA dran. Mer mussen dem CIGL Esch déi Véloen ofkafen an dofir bezuele mer 200.000,- Euro an do ass schonn deen éischten Hoken. Wann déi Véloen 71.600,- Euro kaschten, firwat bezuele mer dann 200.000,- Euro dofir? Oder sinn an deenen 200.000,- Euro da vläit 100.000,- Euro fir de CIGL fir d'Véloen ze kafen an dann nach eng Kéier

100.000,- Euro fir d'Statiounen opzeriichten? Well dee Poste steet jo ënnert den ausseruerdentlechen Ausgabe ënnert Infrastructures publiques sur sol propre. Ma da geet d'Rechnung nach net op well d'Installatioun vun de 5 Statioune kascht 42.000,- Euro an déi vun de 25 Bornë kascht 35.000,- Euro, dat mécht dann en Total vu 77.000,- Euro a keng 100.000,- Euro. Elo wäert der eis soen, dat ass fir dat de CIGL ka funktionéieren, ma gutt, dann ass et alt eng generéis Beschäftegungsmoossnam, déi mer do ënnerstëtzen.
Am Budget stinn awer 22.000,- Euro fir 2015 a 25.000,- Euro fir 2016 als Participation au projet Vël'OK – Convention avec le CIGL Esch. Wann dat do also dann de Bäitrag zu der Beschäftegungsmoossnam ass, firwat sinn dann déi vill Sue vun der Installatioun?
An da kommen nach d'Folgekäschten derbäi, do hat d'Madame Dall'Agnoll eis e Chiffer vu 27.495,- Euro pro Joer genannt. Elo funktionéiert dee System jo eréischt knapps e Mount an et sinn eréischt 3 vu 5 Statioune fäerdeg montéiert, Butschebuerg, Gare a Gemeng. Déi 2 aner beim Centre sportif Hartmann a bei der Le'h ware virun 2 Deeg, wéi ech dohinner kucke gaange sinn, nach am Bau. Da kéint ee jo vläit unhuelen, dass fir déi Ufanksphas, also fir dëst Joer, nach keng Folgekäschten ufale wäerten. Ech hunn effektiv am Budget néierens déi Folgekäschte fir de Projet fonnt, wann ech gutt gekuckt hunn natierlech, weder bei 2015 nach bei 2016. Ma falen déi dann elo guer net un oder wéi?
A schlussendlech fanne mer am Budget initial 2016 eng Kéier 100.000,- Euro fir d'Installatioun. Wat ass dat dann elo? Riichte mer nach zousätzlech Statiounen op?
Also, an dësem Punkt herrscht absolut keng Kloerheet an Transparenz. Ech weess net ob ech deen eenzege sinn, deen näischt verstanen huet, mä ech géif awer vläit wann ech gelift froen, fir dass nach een eis dee Käschtepunkt an dee Projet do kéint eng Kéier anstänneg kloer leeën.
An da wéilt ech och nach eng Kéier meng Bedenken aus dem Gemengerot zum 18. September 2015 rappeléieren.
Ass dee System technesch ausgeräift genuch? Experte soen, déi aktuell Technologie wier nach an de Kannerschung an et géif nach e puer Generatioune vun esou Vëloe brauchen, bis se fiabel wieren.
An dann nach eng Fro: Wann elo d'Gemenge Kayl, Téiteng a Rëmeleng sech deem Südprojet uschléissen, ass da mat enger Reduktioun oder mat enger Erhéijung vun eise Partizipatiounskäschten um CIGL ze rechnen?
Mir ware vun Ufank u vun deem Projet iwwerzeegt a mir sinn et och elo nach. Trotzdem bleift ausser der Ongewëssheet vun de Käschten nach ofzewaarden, wéi d'Akzeptanz vun der Bevëlkerung ass. Setzt dee Projet sech wierklech duerch oder kritt e vläit esou en trauregt Enn wéi dat vun eisem virege Vëlosverléinsystem?
Sécher, Dir kënnt dat elo nach net viraus gesinn, mir och net, mä esoulaang mer keng Indizien hunn, dass dee System aschléit wéi eng Bomm, esou laang wéilte mer mam Ausbau vun der Statioun vläit besser e bësse waarden. Mer wëlle jo net, dass et eis geet wéi der Nordstadgemeng mat engem ähnleche Projet. No dräi Joer Proufzäit ass de Pedelec-Projet do einfach agestallt a begruewe gi wéinst onerwaarte Käschten an ongenügender Akzeptanz vun der Bevëlkerung.
A vum Vëlo komme mer da bei déi Leit, déi léiwer mam Auto an d'Duerf kommen an domat bei de Parking an déi horribel an horrent deier Horodateueren, also Parkaueren op lëtzebuergesch gesot.
De Parking an Diddeleng kascht eis am ordinäre Budget 250.500,- Euro un Ënnerhalt an Études an am extraordinäre Budget kommen nach eng Kéier 400.000,- Euro fir nei Parkauere fir de Parking résidentiell derbäi.
650.000,- Euro fir d'Infrastrukturen ouni d'Lounkäschte fir déi 5 geplangte Agent-municipauxen, am Volleksmond Pecherte genannt.
Deem entgéint sti geplangte Recettë vu 425.000,- Euro fir déi Leit, déi bezuelen, 2014 waren et der nach 222.000,- an 2015 waren et 380.000,- Euro.
E Gléck, dass mer och nach déi zousätzlech 125.000,- Euro vun den Avertissement-taxéen akasséiere wëlle vun deene Leit, déi mengen, d'Gemeng géif nach genuch akasséiere fir dee Parkraum, deen se ubitt, da komme mer op 650.000,- Euro Ausgabe géint 650.000,- Euro Einnamen, eng Nullronn op héchstem Niveau.
Weider komme mer an dem uerdentlechen Einnahmebudget bei d'Energie.
Erausplécke wéilt ech do déi 64.500,- Euro, déi d'Ville des sports sech alleng d'Beliichtung vun hire Sportsterraine kaschte léisst. E stramme Chiffer wann ee bedenkt, datt e gudden Deel dovun onnëtz verbëtzten Energie ass well eidel Terraine beliicht gi wa scho laang kee méi drop spillt. Do wier mol fir d'alleréischt méi e responsabelt Verhale vun de Sportsveräiner oder och vläit esouguer eng méi grouss Kontroll vun de Gemengeverantwortlechen néideg.

Ech hat virun zwee Joer mol gefrot wat fir eng Leeschtung déi Stadionsbeliichtungen hunn, dat ass en Total vun 250 Kilowatt. Vläit erkläert dat, dass Cattenom ëmmer owes dämpt wa Fussball gespillt gëtt.
Ech hat deemools och nogefrot, ob de Schäfferot gedenke géif, op de Wee vun enger méi spuersamer LED-Beliichtung ze goen, wéi en dat jo am Rescht vun Diddeleng konsequent duerchzitt. D'Äntwert war deemools Neen. Wann also keen an deem Beräich kann oder wëll Verantwortung iwwerhuelen, da wäerte mer op deem dote Poste wuel kaum kënne spueren.
Dass op den Terrainen och ganz vill Waasser verbraucht gëtt vu 45.000,- Euro fir 2014 op 81.000,- Euro fir 2016 schéngt plausibel, do muss jo vill geduscht ginn an och genetzt wann et en dréchene Summer ass.
Da komme mer elo bei déi extraordinär Dépensen.
Mer begréissen et ausdrécklech, dass de Schäfferot mat senger virsiichteger Finanzpolitik wëll virufuere fir an d'Attraktivitéit vun der Stad an d'Liewensqualitéit vun hire Bierger weiderhin ze investéieren.
A mer fannen dat gutt, dass de Schäfferot wëllt Ustrengunge maache fir dass de Wuesstem vun Diddeleng soll reell awer kontrolléiert sinn.
A mer bégléckwënschen eis Finanzéquipe, dass si et mat dëser virsiichteger Finanzpolitik nach fäerdeg bréngt, dass Diddeléng mat enger raisonnabeler Verscholdung do steet, mat enger niddereger Pro-Kapp-Verscholdung, déi sech am Vergläich mat anere Gemenge duerchaus weise léisst.
Dobäi kënnt, das mer nach ëmmer eng déck Réserve am Fonds de réserve budgétaire hunn, déi mer nach net untaaschte mussen.
Et sief awer och vläit erlaabt, dass ee sech Gedanke mécht ob een déi héich Ausgaben am Extraordinäre net vläit misst am A behalen a probéieren, se an de Grëff ze kréien andeems ee kuckt, wat fir eng gréisser Ausgaben een am Budget extraordinaire kéint limitéieren.
Dozou folgend Bemierkung: et fält op, dass an den extraordinären Ausgabe fir 2016 15 Millioune manner stinn ewéi am Rectifié 2015. Allerdéngs stinn do bei 2015 Ausgaben, déi 2015 awer nach net gemaach gi sinn an déi eréischt 2016 gemaach gi wäerten, zum Beispill fir de Kiosk, d'oppe Schwemm, d'Vestiairë vum Stade Meyer oder déi 4 Schoulsäll an der Gaffelt.
Dann hätt ech an dësem Zesummenhang dës Fro un de Schäfferot: Ass dat eng normal Budgetsprozedur, dass nach net ausgeféiert Posten am Budget rectifié stinn?
Ähnlech Fro fir deen Occasiounsfligel fir 70.000,- Euro fir d'Museksschoul, dee beim Rectifié 2015 steet. Ass dee schonns kaf ginn oder ass dee Kaf eréischt fir 2016 virgesinn?
Wa mer also wëlle kucken, wéi mer deen extraordinäre Budget reduzéiere kéinten, dann ass d'Fro elo déi heiten: Ass am ausseruerdentleche Budget Spueren ugesot an ass do iwwerhaapt nach Spuerpotenzial?
Am Grupp 1 - Services généraux des administrations publiques hu mer Investissementer vun 1,8 Milliounen Euro geplangt, 979.000,- Euro ginn an d'Affaires générales fir d'Annexe Policegebai, d'Gemengenhaus, de Pompjeesbau an 112.000,- Euro an d'Informatik. Dat sinn alles noutwenneg Ausgabe, fanne mer.
Och dee geplangten Ticketingservice, mat deem d'Visiteure vum Gemengenhaus méi schnell a méi einfach virugeleet ginn un dee Service, deen se am Fong besiche wëllen, ass ze begréissen.
Et héiert ee vill ze oft Kloe vun eise Matbierger, déi an deem Beräich oft zimlech verluer do stinn.
Am selwechte Grupp hu mer den Urbanismus vu 545.000,- Euro u geplangten Ausgaben. Do musse mer ënner anerem un eisem PAG schaffen, dee mer bis 2018 solle fäerdeg hunn. Verschidde PAPe falen un, sou wéi Étuden iwwer zukënfteg gréisser Projete wéi d'Begéinungszon Niddeschgaass, Shared Space genannt. Do schéinen all d'Ausgaben, déi 2016 virgesi sinn, noutwenneg. D'CSV hat de Shared Space scho laang gefuerdert, also sti mer elo och derhannert, bedaueren allerdéngs, datt et kee Subsid vum Staat wäert ginn. Et ass eng eventuell Hëllef vun europäescher Säit an Aussiicht gestallt ginn awer nach net garantéiert.
Mir fanne just, dass déi Virgoensweis vum leschte Gemengerot, wou eis eppes zum Ofstëmme virgeluecht gouf wat mer mol nach guer net ze gesi kritt haten, net ganz demokratesch a kollegial war an hoffen, dass dat an Zukunft besser geet.
Fir d'Schoul am neie Quartier Lenkeschléi fanne mer eng Étude de faisabilité pour la Construction am Rectifié 2015. Ass déi schonn ugefaang? Wann net, da géif et awer esou lues Zäit gi well déi éischt Baugenehmegunge fir d'Haiser si schonn eraus. Ass lech do net vläicht e bëssen zevill Zäit gelooss ginn? Dann hoffe mer, dass déi Étude séier zu engem Resultat kënnt well dee Quartier soll 2017 opgoen.
Am Grupp 2 - Protection sociale fanne mer wichteg Poste wéi Gemengecrèche an der Parkstrooss an dann op d'mannst grad esou wichteg Projeten, déi deelweis an der Fäerdegstellung sinn ewéi d'Maison sociale an der Commerce-Strooss an d'Vergréisserung vun der

Maison-relais Strutzbierg a vun der Gaffelter Schoul. Déi Projete sinn eis virgeluecht an expliziéiert ginn an hunn eisen Accord kritt. Och wa mer bei der Maison sociale awer eis Zweiwelen haten, ob all déi Zousazausgaben, déi en cours de route noutwenneg gi si wéinst der Sécherheet an der Statik net awer vläicht beim éischten Devis hätte kéinte virausgesi ginn. Da muss ech allerdéngs gestoen, dass ech néierens iergend eng Ausgab an eisem Budget fir dee geplangte Flüchtlingssite fonnt hunn. Ass dat vergiess ginn oder hunn ech dat net gutt gekuckt? Dat ass dann eng Fro un de Schäfferot.
Am Grupp 4 – Affaires économiques hu mer als éischt de Gas, do sinn all Ausgaben 940.000,- Euro gerechtfäerdegt, mir mussen ebe regelméisseg an eist Gasnetz investéieren.
Erlaabt mer elo just dës Fro: Ënner dem Posten 222100/16058 steet eng Ausgab vun 100.000,- Euro fir Implementatioun vum Code de distribution de gaz. Do schéint et mer wéi wann an Äre villen Erklärungen, déi mer bis elo kritt hunn, keng derbäi gewiescht wier, déi mir hëllefe kann ze verstoe wat et domadder op sech huet. Vläicht hunn ech se och net matkritt. Abee, ech géif lech wann ech gelift bieden, mer ze erklären, wat dat fir eppes ass.
An da maache mer alt erëm eng Étude an zwar iwwert d'Machbaarkeet vun der Wandenergie, eng ganz gutt Saach, déi eisem geplangten energieaarme Pilotprojet Neischmelz gutt zu Gesiicht géif stoen. Elo muss den Ëmweltminister nach just eng Plaz fanne wou dat Wandrad net stéiere wäert. Eng hallef Millioun geet an d'Kommunikatiounstechniken, Kabelfernseh an optesch Fiberen, alles wichteg Ausgaben.
An dann nach eis Gewerbezonen, Koibestrachen schéint ze rouen awer op Helper gëtt un d'Plange geduecht. Mer hate scho virun engem Joer de Schäfferot gebieden, do eng Schëpp bäizeleeën a si frou, datt et elo e bëssen duerno ausgesäit.
Mer wëssen awer och, datt do eng Haaptbrems nach ëmmer d'Besëtzer vun de jeeweilegen Terrainen sinn an datt et do zu zéie Verhandlunge wäert kommen.
Am Grupp 5 – Environnement gëtt déi opwenneg an deier Instandsetzung vun der Kanalisatioun viru gefouert. Ech hat schonn uganks gesot, dass dat ënner anerem eng Deelargumentatioun vir eng Taxenerhéijung ka sinn.
Weider gëtt Ëmweltschutz bedriwwen, en Solarkadaster opgestallt a bei der Energie gespuert. Als Klimapaktgemeng ass dat alles eng Selbstverständlechkeet an 2 Millioune fir 2015 an 1,7 Millioune fir 2016 sinn do gutt investéiert.
Erlaabt mer just dës Fro: Gesinn ech dat richteg, dass bei deem neien Drecksauto vun 2015 elo nach en neie soll derbäi kommen? Firwat sinn esou héich Invester vun enger halwer Millioun esou no openeen néideg?
Am Grupp 6 – Logements et équipements collectifs fanne mer fir 2015 beträchtlech Ausgaben, 2,6 Milliounen, fir déi sëllege Studente- a Sozialwunnengen ze schafen. Et muss een eiser Gemeng zegutt halen, dass si domadder wäertvollt soziaalt Engagement fir hir mannerbemëttelt Bierger mécht. All Euro ass do gutt investéiert.
2016 kommen 800.000,- Euro derbäi fir 2 Sozialwunnengen am Duerf.
Bei de Places publiques fanne mer gréisser urbanistesch Ustrengunge fir Diddeleng attraktiv ze maachen, d'Ëmfeld vun der Kierch, vun der Gemeng, dem Lycée Nic Biever a vum Centre sportif Hartmann gi verschéinert.
A wat de Beräich Verkéier ugeet, do hätt ech just folgend Fro: Wat ass déi Révision de règlements de circulation – Étude d'élaboration et numérisation? Dat kascht 45.000,- Euro an ech hu kee blasse Schimmer zu wat dat soll gutt sinn.
An an der Rubrik Parking steet de Poste vun deenen zwou zousätzlechen Anzeigetafele mat den Horairë vum Bus. Meng Fro ass: Wat huet dee Poste mat den Tafele fir d'Horairë vum Bus beim Parking ze sichen? Huet dee sech vläit do verluer? Oder stéing dee vläit besser am Grupp 4 – 441 bei de Busarrêten?
Iwwert d'Parkaueren hat ech schonn e Wuert gesot. De Stroossebau kascht eis 2016 2,5 Milliounen.
De Schäfferot huet sech an dëser Mandatsperiod virgeholl, e groussen Deel vun de Stroossen nei ze maachen. Fräi no der Madame Dall'Agnol hirer Ausso "Eng Stad ouni Schantchen ass eng doudeg Stad".
Vill ass scho realiséiert ginn, och nach 2016 gi verschidde Stroosse fäerdeg gemaach an anerer an Ugrëff geholl. Et sinn dat alles Aarbechten, déi d'Bierger generell guer net frou maachen, mä si mussen ebe sinn. An déi Aarbechte gi ganz opwenneg an deier well se eben ëmmer gekoppelt sinn un Aarbechten um Gas-, Waasser- a Kanalnetz, um Elektreschen, un der Gemeinschaftsantenn an un de Leitunge vun der Post.
Sollt eise Budget zwar eng Kéier op de Punkt kommen, dass en esou ze soen d'Strooss net méi hält, da mengen ech, datt hei a vläicht nëmmen hei Spuerpotential wier. Sollte mer eng Kéier mat där bedenklecher Situatioun vu réckleefegen Einnamen an steigenden Ausgaben op dee Punkt kommen, wou mer

d'Enner net méi zesumme kréien, da misste mer vläit awer och an dësem Beräich kenne spueren a vläit déi eng oder aner Stroossenerneierung fir e Joer aussetzen. Vläicht wann dann deen nächste grousse Projet, d'Lenkeschléi, sech konkretiséiert, komme mer schonn an eng Situatioun, wou et net méi anescht geet.
Beim Posten Diverses rues - Raclage et réfection hätt ech just folgend Onkloerheet fonnt. D'Marcel-Schmit-Strooss ass 2013 erneiert ginn, huet en neie Raclage et réfection kritt a fir 2015 krut se e bësse méi wäit am Budget Renouvellement conduites d'eau potable. Heescht dat am Kloertext, dass déi Strooss 2013 en neie Belag kritt huet an dass se 2015 erëm opgerappt gi wier fir d'Waasserleitung ze erneieren. Hunn ech dat falsch verstan oder gëtt et esou Onlogike bei eis?
Dann hu mer 400.000,- Euro fir den Éclairage public, do gëtt op LED-Beliichtung ëmgestallt wat am Sënn vun Energieerspuernis an Ëmweltschutz bestëmmt eng gutt Saach ass.
Ech ka mech just net mam Schäfferot sengem Projet fir eis schéi Krëschtbeliichtung 2016 duerch eng nei ze ersetzen, ufrënnen. Ech gesinn de Sënn an Zweck dovun net an, zemools déi bestoende Krëschtbeliichtung eréischt 2014 komplett op LED ëmgestallt gouf an domat méi energiebewosst gehandelt gouf.
Am Grupp 8 - Loisirs, culture et cultes fanne mer Ausgaben, op déi mäi Kolleg Friedrich nach am Detail agoe wäert. Ervirzehiewen ass just, dass de Centre sportif René Hartmann zwar fäerdeg gestallt gouf an 2016 manner Ausgaben duerstellt wéi 2015, mä fir déi lescht Tranche musse mer nach e leschten Emprunt ophuele vu 4 Milliounen.
De synthetesche Fussballsterrain am Stade Meyer ass och fäerdeg gestallt, mä do erwaart eis jo elo nach eng Kéier grad esou en héije Montant vun 1,9 Milliounen Euro un Ausgabe fir déi geplangten nei Vestiairen.
Fir d'Renovatioun vun der Fassad vun der Kierch si fir dat nächst Joer mol keng Ausgabe ageschriwwen, well déi nächst Phasen nach net festgeluegt sinn. Duerfir kréie mer awer elo ronn 650.000,- Euro Einnamen duerch de Subsid vum Staat a vun der Kierchefabrik.
Am Grupp 9 - Éducation gëtt 1 Millioun an d'Sécherheet an d'Erneierung vu Schoulgebaier gestach, ouni Zweiwel noutwenneg Ausgaben. Kee Spuerpotential.
Zum Schluss kommen ech dann nach eng Kéier op d'Frais de marketing et de publicité zeréck: 125.000,- Euro fir den Analyteschen, 190.000,- Euro fir Kommunikatioun, 7.000,- Euro fir d'Schoulen, 80.000,- Euro fir Infokanal an Internetoptrëtter, 20.000,- Euro fir d'Filme vum Gemengerot 2015, 30.000,- Euro fir 2016 - niewebäi bemierkt ass d'Filme vum Gemengerot méi bëlleg wei den Analyteschen - an 110.000,- Euro fir d'Publicitéit fir d'Fester.
Am Total 523.000,- Euro Publicitéitskäschten, déi sécher gutt ugeluegt si well Informatioun an Opklärung fir eis Bierger sinn Tromp. Dat gesi mer an.
Déi 110.000,- Euro fir d'Publicitéit vun eise sëllege Fester a Manifestatioune schmählert zwar den Aussoe vum Schäffe Spina no mat Momenter d'Budgete fir d'Gagë vun den Artisten, mä eis Fester a Manifestatioune sinn ëmmer e Risenerfolleg an eng ganz gutt Reklamm fir Diddeleng. Gutt ugeluegte Geld also.
Bei deene Geleeënheete wëllt de Schäffe Spina jo gutt Laun verbreeden an d'Spaassgesellschaft ukuerbelen, och dat ass wichteg a mécht eng Stad liewenswäert. Da si bei deene Publikatiounen awer och alt emol Saachen, wou ee just de Kapp rësele kann och wann se gutt gemengt sinn an e klengen Deel vun hirem Zweck erreechen an trotzdem deier kaschten.
Do wollt ech am Fong e Stréihutt undoen an da schwätze vun deem Beispill vun der Campagne "Dudelange, on dirait le Sud – Diddeleng, liewe wéi am Süden". Ech weess net, ob der all dee flotte Filmche scho gesinn hutt op eisem Internetsite, dat ass e léiwe klenge Filmchen iwwer all dat, wat een zu Diddeleng alles maache kann. Mountainbiken op der Haard, Skaten op der Schmelz, Nordic Walking um Ginzebierg, Ausstellunge besichen, op de Maart goen oder mam Kand op d'Spillplaz, Basketball spillen, verléift laanscht d'Kierch trëppele bis op dem Why not seng Terrass an do mat Kollegen en Orangejus oder eng Cola drénken, oder am Restaurant am Casino Geschäftsiessen hunn.
Jo, dat sinn alles flott Aktivitéiten, déi onbeschwéiert Liewe vu gléckleche Bierger virspillen, et ass kloer kee Mënsch intresséiert un der Stad hire ville Bestriewunge géint de Jugendchômage oder déi ëmmer méi grouss Aarmut, kee Mënsch schwätzt do vun eisen 39 Sozialwunnengen a vum Engagement vun e puer Idealisten am Office social. Kee Mënsch jäitzt no de Busverbindunge fir déi al a krank Leit, kee Mënsch weist deen héijen Niveau vu medezineschen, geriatresche Leeschtungen an eisem Spidol.
Dass Diddeleng och déi virdrun zitéiert Fester sinn, Waassertuerm, Muséeën, eng Buerg um Gehaansbierg, eng europawäit bekannte Raschtplaz fir Mobilhomen an nach vill aner Saachen, déi dem Tourismus vun eiser Stad zegutt komme kéinten, dat gehéiert an esou



e Filmchen net eran oder kënnt vläit an engem aneren. Wou ech am Fong hi wëll, dat ass dat wat mech op deem Film am meeschte stéiert,: Wat huet dat Ganzt mam Süden ze dinn? Gewëss, Diddeleng läit am Süde vu Lëtzebuerg, OK, mä an dem Film ginn Aktivitéite gewisen, déi een an all Stad maache kann an eis geografesch Lag am Süde bréngt eis just Parkplazproblemer mat de Frontalieren, Stau op der A3 a keng optimal Bus- an Zuchverbindungen.
Also, de Süde stellen ech mer anescht fir an net wéi an deem Filmchen do, do trëppelt ee bei de Bäcker, sëtzt sech op eng Bänk an zitt wat aus der Pabeierstut? Eng Éclair. Eng Erfindung vum Marie-Antoine Carême vu Paräis, ee vun deenen éischte grousse Gastronomen. Mä dat ass mir net südlech genuch fir an e Film iwwer de Süden. En hätt jo kënnen eng Pizza beim Gigi iessen an op der Terrass am Duerf e Pastis oder e Rosé drénken. Zouginn, mir hunn 12 Grad hei am Dezember, mä dat ass net de Verdéngscht vum Schäfferot an dat mécht och nach laang net de Süden aus. Esou wéi eng Schmuebel och kee Summer ausmécht. An och vill vun de Slogane an deem Film sinn op Englesch: Sunday ride, Back flip, Time for shopping, Business lunch.
An ech hu laang missen nosiche bis ech wousst, ech si jo schonn e bësse méi vun der aler Generatioun, wat en Hashtag ass. Ass dat en Dag an der Woch wou ee sech bekifft? Neen, en Hashtag ass näischt anescht wéi dat wat mir ëmmer am laténgesche Sproochgebrauch en Dièse genannt hunn.
An dann déi anscheinend typesch südlech Sportaarten: Basketball, Mountainbiken a Skating, kënnt dat aus dem Süden? Zwar net, dat sinn alles Importprodukten aus Iwwerséi an Nordic Walking kënnt aus Skandinavien. De Süden hunn ech an deem Film wierklech vermësst.
Et hätt ee jo och kënnen eng italienesch Operiwwerdroung am CNA weisen oder de Misteris Fern wann en do uewe beim Boulodrome Boccia spillt oder einfach mol an Italien do dee Quartier Italien weisen, wou fréier d'Wäschléngten iwwert d'Strooss gespaant waren. Oder mol einfach den Tour hei an de Gemengerot maache kommen: Biancalana, Spina, Dall'Agnol, Rech, Di Bartolomeo, Lazzarini, an de Georges Melo der Technik och nach. Dat alles kléngt no Süden, do dreemt ee vu bloem Mier a Bierger. Dat alles fir Iech ze soen, dass dee Film zwar flott gemaach ass an déi Jonk fannen en och flott, awer d'Liewensqualitéit zu Diddeleng gëtt en nëmme marginal erëm a mam Süden huet e wierklech näischt ze dinn.
Elo – scusate wann ech Iech heimat Är kostbar Zäit an Usproch geholl hunn, mä fir eng kleng Laachnummer war et gutt, fräi nom Schäffen Spina senger Devise "Ein bisschen Spass muss sein"...
Ofschléissend wëll ech dann awer erëm e bësse méi sérieux ginn a soen,, dass de Schäfferot zwar e valabele Budget opgestallt huet, a mir wéilten och unerkennen, dass eng weider virsiichteg Finanzpolitik bedriwwe gëtt.
Allerdéngs sinn an deem Budget zevill Onkloerheeten, verschidde Mesurë ginn eis ze wäit, anerer net wäit genuch a well dee Budget net ganz d'Politik vun der CSV erëm gëtt wäerte mer wahrscheinlech éischter derzou tendéieren, en net ze stëmmen. Ech soen Iech Merci.

Marc Lazzarini (LSAP): Als éischt emol e Merci un all, déi sech un der Opstellung vun dësem Budget bedeelegt hunn an och virun allem den Häre Poull a Lopes aus der Comptabilitéit, déi dëst grousst Dokument dach iwwersiichtlech gemaach hunn.
Ech stellen och fest, dass d'Schäfferotserklärung vun 2011, mat deem wat dem Bierger versprach gouf, konsequent a mat deem néidege Fangerspëtzegefill ëmgesat gëtt. An dat erfreet mech natierlech well et och nach mat der néideger Sensibilitéit gemaach gëtt.
Den Dan Biancalana huet d'lescht Joer gesot, dass d'Gemeng net nëmmen do ass fir ze verwalte mä och fir ze gestalten. An dat fannen ech ganz kloer mat der Handschrëft vun der LSAP Diddeleng an dësem Budget erëm
Den Zentrum vun Diddeleng mam Emile Mayrisch Park plus déi ganz schéin aluedend Kierchplaz mat neie Beem, wuel verstanen, wou elo fäerdeg ass, do wäerten d'Diddelenger am Summer richteg dervu profitéiere kënnen. An dofir begréissen ech d'Initiative vum Schäfferot, de Shared Space wëlle mam Projet Post gläichzäiteg fäerdeg ze hunn.
Wou mer jo och nach am Januar 2016 méi am Detail virgestallt kréien an et war eng ëffentlech Sitzung och zu deem Thema, wou mir alleguerte geluede waren an nach méi Info krit hunn.
Den Invest vun 1,7 Millioune fir den 1. Deel vum Shared Space, fir déi Initiativ, eiser schéiner Stad e gerechten Zentrum ze bidden, kann ech nëmmen ënnerstëtzen a freeë mech elo schonn, wann de Mënsch, de Vëlo, de Skateboard an den Auto do zesumme kënnen existéieren an de Mënsch domat an de Mëttelpunkt stellen, wéi een och kann zu Bartréng gesinn an erliewen. Dat ass immens flott, sech do ze bewegen.

Mir mussen natierlech all un eis schaffe well mir huelen ëmmer alleguerten den Auto fir alles an dat musse mer änneren.
Den Auto ass e gutt Stéchwuert well dat ass jo, wéi eis bekannt ass, e Problem. Dofir musse mer zu Diddeleng déi extrem Bequemlechkeet, dass een de ganzen Dag fir lau den Zentrum zouparke kann, ofschafe mat Moosname wéi Parking payant wéi op der Place Fohrmann, wou ech selwer muss soen, dass et eng super Saach ass, et kritt een ëmmer eng Parkplaz do. Natierlech muss een emol 100 Meter goen, sou wéi dat an all gréisser Stad ëmmer de Fall war. Ech hunn dat net anescht erlieft an dofir fannen ech et gutt, dass dat elo haut esou ass.
D'Josiane huet et scho gesot, fir zéng Cent ass dat fir jiddereen ze verkraften.
A mer kënne stonnelaang driwwer schwätzen, wéi mer Liewensqualitéit an d'Redynamiséierung vun eiser Geschäftswelt erreechen, mä et ass relativ einfach. Kee Parking fir akafen ze goen, da ginn d'Leit an eng grouss Surface, esou gesäit et einfach aus. Dat ass ee vun de Grënn, fir de Parking résidentiell auszebauen. Natierlech och, dass d'Stroosse ronderëm net dee ganzen Dag zougeparkt ginn. Nach muss ee soen, dass et ouni Garantie ass, datt ee mat senger Vignette ëmmer eng Plaz virun senger Dier kritt.
Weider am Zentrum, e bëssen en anert Thema: Sozialwunnenge mat dem Akaf vun 2 Appartementer, wou ech natierlech nëmmen ënnerstëtze kann.
Do sinn ech frou, dass ee mam Conny Theobald als President vum Office social eng super engagéiert Équipe huet fir dat schwéiert an immens wichtegt Thema ganz gutt ze meeschteren. A mat hirem Accord do dann och d'Acquisitioun gemaach ginn ass. An dass deem, wat mer am Ufank vum Projet vum LSAP-Schäffe René Manderscheid héieren hunn, dass d'Gemeng do sollt kucke fir Appartementer ze kafen, jo domadder och Rechnung gedroe ginn ass.
An dësen Zäiten, wou et einfach net méi all Mënsche finanziell super geet, ass et immens wichteg, dass de Mënsch no vir gestalt gëtt an net nëmmen Zifferen.
Da géif ech bei de Sport kommen an do hu mer jo elo eis immens flott a modern Sportshal mat allem wat ee brauch, fir an engem gudde professionelle Kader Sport ze maachen. Ech mengen och, dass alleguerten déi Clibb zefridde sinn an dee Projet ganz gutt koordinéiert ginn ass vum Här Tessaro a vum Här Tritz mat hiren Equipe ronderëm. Dofir all deenen e grousse Merci, déi do dru bedeelegt waren.
Fir 2016 de Buedem vum Sall Grimler ze erneieren, deen effektiv net méi an engem gudden Zoustand ass, do ass zwar eng grouss Zomm vun 215.000,- Euro virgesinn, awer den Invest an d'Sportstad Diddeleng an all eis Titelen- a Coupegewënner ginn deem Recht.
Wat d'Schwemm um Strutzbierg betrëfft, wou ech selwer geléiert hu schwammen, géif ech denken, dass et Zäit ass, opzehalen, ze dokteren an dass et Zäit gëtt, fir déi benotzbar ze maachen, deen Invest do ze maachen. Dofir och meng Ënnerstëtzung dofir.
Am Skatepark skate gutt 100-150 Jonker all Dag bei guddem Wieder an där impressionanter Infrastruktur, déi mat der Asbl Park & Ride opgebaut ginn ass. Et ass eng Chance fir eng Gemeng, Jonker a manner Jonker ze hunn, déi sech säit 1997 mat deem Thema ausernee setzen. A wann ee kuckt, wéivill Skateparken et ginn am Land, dann ass Diddeleng deen eenzegen, dee mat esouvill Energie geréiert gëtt. Dofir ass fir 2016 eng Demande gemaach hi fir am Summer 2016 2 nei Modulen ze bauen, wou d'Asbl an hir Architekten a Bauzeechner sech ausgeduecht hunn. Déi Jonk wäerten hëllefe fir dat mat opzebauen.
Et muss ee wëssen, dass den Diddelenger Skatepark à la base jo mol eng Kéier e Parking war fir d'ARBED, dat heescht, et sinn 2 Gefäller do vun 2%. Wat d'Saach net einfach mécht fir riicht Skatemodulen dohinner ze stellen an dofir ass et wichteg, dass lokal Jonker do hëllefe fir dass dat alles herno op d'Gesamtkonzept passt. E puer Infoe zu de Modulen, déi ewech kommen. Et ass esou, dass déi éischt als sougenannte Pyramid 2005 gebaut ginn ass an do huet d'Wieder zu Lëtzebuerg derzou bäigedroen, dass dëse Modul schonns öfters gefléckt a gepléischtert ginn ass. Dat gëtt dofir ofgerappt.
Dat zweet Modul ass am Fachjargon eng Funbox genannt. Dat mécht Spaass, wéi d'Wuert et scho seet. Dat géif an 3 Deeler ëmgebaut gi fir d'Nuit du sport de 4. Juni 2016.
Dat Ganzt gëtt Enn Mee ofgerappt vun der Asbl mat hire Bénévollen, dat heescht, et fale keng Käschte fir d'Ofrappen un, déi Jonk maachen dat selwer.
Wat kënnt elo dohinner stoe, frot der Iech? Ma am Fong eppes ganz Ähnleches, mä ugepasst un d'Gréisst vum Rescht vum Park. Dat ass eng Unitéit, dat Ganzt, et muss einfach ee Park ginn, wou ee Konzept hannendrun ass an dat hu mer domat erreecht.
An engem Ëmkrees vun 300 Kilometer fannt der keng Infrastruktur, wou déi heite Gréissenuerdnung huet, dat heescht, mer hu wierklech hei zu Diddeleng eppes Extraes geschafen.
De Budget vun 20.000,- Euro, deen dofir agedroen ass, huet dofir natierlech och meng Ënnerstëtzung.
Ech bleiwe bei der Jugend wou ech als President

vun der Jugendkommissioun muss dem Jugendhaus, hirem Staff an der Asbl Merci soe fir hir formidabel Aarbecht fir déi Jonk mat engem Jugendsummer, wou dëst Joer immens flott Atelieren an Aktivitéite gemaach hunn.
Mat iwwer 201 Jonker wou matgemaach hunn, kann een och soen, dass et en Erfolleg war, esou wéi déi Jore virdrun. Et ass awer e bëssen um Konzept geännert ginn, ech picken do d'Broschür eraus, déi méi jonk an attraktiv gemaach ginn ass. Och ass méi Reklamm iwwer Facebook gemaach ginn, wat 2015 e bëssen zum Erfolleg bäigedroen huet.
Fir 2016 ass an der leschter Kommissiounssëtzung beschloss ginn, dass mer do probéieren, méi sozial benodeelegt Leit eng Chance ginn, fir do deelzehuelen. Och ass do un d'Flüchtlingskanner geduecht ginn. Mir wësse jo nach net wéi en Alter se sinn, mä wann se am Alter si fir De Jugendsummer matzemaachen, kucke mer mat der Croix rouge, dem Office social oder dem SPOS fir verschidde Leit eng Chance ze gi fir dovunner ze profitéieren.
Dann ass de "Jugend a Konscht" d'nächst Joer, dat wäert méi e grousse Projet ginn an zwar ass do ugeduecht am Park Emile Mayrisch e Konschtwierk hinzestellen.
E puer Stéchwierder zu deem Projet: Do geet et drëm, datt déi Jonk Iddie ginn, et soll kreativ sinn, et soll en Diddeleng ginn, et ass eng Jury déi entscheet, wéi e Projet soll realiséiert ginn an dat gëtt encadréiert mat Workshops mat Jonker an dat Ganzt soll herno och am Park Emile Mayrisch stoen, oder gemoolt ginn oder gesprayt ginn, wat och ëmmer et wäert ginn, et ass nach net festgeluegt, a wéi enger Form. Et wäert wuel kënschtleresch sinn. Jugend a Konscht, wéi den Numm vum Projet et seet. Et kënnt op jiddwer Fall eppes dohin.
Op jiddwer Fall wëll ech d'Jugendhaus onbedéngt nach eng Kéier ernimmen, wou nieft dem Jugendsummer a Jugend a Konscht och nach hiren Daily business mécht an dat ganz gutt. Si hu sech ganz vill virgeholl fir 2016, e puer vun hire sëllege Projeten erausgeholl géif ech Kommunikatioun no baussen nennen: Jugendaarbecht am Haus, den Infolabel, wou se viru kuerzem am Centre d'information jeunes waren an do ganz vill Brochurë matgeholl hunn, d'Fête de la musique, wou si sech em eng Bühn këmmeren a si hunn och nach en ökologesche Projet, dee se wëllen ausbauen, net ze vergiessen hir karitativ Projete mat der Stëmm vun der Strooss an dem Cent Buttek.
Last but not least e gesond Iesse féiere se konsequent weider. Dat ass e Projet, deen se och schonn dëst Joer gemaach hunn. D'Jugendkommissioun huet sech och virgeholl, sech mat dem Jugendgemengerot ze treffen, fir do Iddien auszetausche, hir Projeten ze kucken, ob een do kann eng Kollaboratioun maachen.
Jonk heescht Liewen an dat ass d'Stéchwuert fir kuerz iwwer d'Kultur ze schwätzen. Diddeleng ass genau esouvill Kultur wéi Sport an dat ass gutt esou. Ech kann nëmme widderhuele wat ech a mengem Maiden speech gesot hunn d'lescht Joer. Den David Hockney, en engleschen Artist, deen haut entretemps 78 Joer kritt huet, huet an engem Artikel am Guardian gesot: Wat ass de Sënn an Zweck vun engem Kënschtler? Seng Äntwert ass am Fong ganz einfach: "To make people see". Dat ass ganz einfach ausgedréckt wat d'Konscht mécht. Dat ass eppes, wat wichteg ass.
De Service culturel, deen sech zu engem groussen deel dorëms këmmert, mécht e super Job. Ech si frou, datt mir e Service hunn, dee mat esou wéineg Leit esou e grousse Rendement huet. Dofir e grousse Merci un d'Équipe vum Danièle Igniti.
Nei Medien, do sinn ech frou, dass mer net méi Pabeier kréie fir de Gemengerot, mä paperless kënnen ze fueren. Och kënne mer frou sinn, dass de Service IT sech vill Méi gëtt fir dat ëmmer besser ze maachen.
Eppes, wou ech immens frou sinn, ass, dass mer als Stad Diddeleng esou gutt dobaussen op Facebook, Instagram an Twitter an Hashtag vertruede sinn. Ech weess, dass dat enorm vill Aarbecht ass fir do fir all déi wichteg Themen eppes ze posten, etc. Mä déi Aufgab gëtt vun der Madame Conter aus dem Service Communication et Relations publiques méi wéi gutt gemaach. An dofir freeën ech mech, dass en neie modernen Internetsite wäert an Ugréff geholl gi fir 2016. Et ass haut immens wichteg, de Bierger Infoen ze ginn, wou en se och kucke geet an dat ass momentan ebe sozial Medien an Diddeleng mécht dat ganz gutt.
Eppes, wat mer um Häerz läit a fir dat déi jonk Sozialiste sech zënter Joren asetzen, ass de LateNightBus.
Mer wësse jo, dass mer e Citybus hu mam TICE an den Nightrider. Den Nightrider gëtt jo 2016 méi deier, dat kënnt dohier, dass de Sales Lentz de Subsid soss kritt huet an elo kritt d'Gemeng de Subsid, esou dass dat sech ausgläicht.
An dann ass eng Conventioun mam PRO-SUD fir den Nightrider. Dohier ass et net einfach, dat ze finanzéieren. Och wann ee weess, datt et eppes Wichteges ass fir all Diddelenger. De Gros vun de Leit ginn an der Stad eraus, mä et ass eben esou am Liewen, et muss een och kënne bezuelen.



An deen Exercice huet de Schäfferot fir 2016 gemaach. Do wäert elo all Diddelenger sech kënne freides zweemol, nämlech eng Kéier no eng 1 Auer an eng Kéier no 3 Auer op Diddeleng féiere loossen an dat begréissen ech. Et ass e Budget vun 9.000,- Euro, dass een dat eng Kéier kann ausweiden steet natierlech net a Fro.
Zum Schluss, wéi der et eraus héieren hutt, sinn ech ganz zefridde mat deem Budget 2016. Mat enger Pro-Kapp-Verscholdung vun 911,- Euro si mer net perfekt, mä mer hunn awer mat eise Reservë vun 12,4 Milliounen awer nach e ganz gudden Ausgangspunkt fir déi nächst Jore wou wichteg Projete wäerten op eis duerkommen. Ech wäert natierlech dëse Budget mat der sozialistescher Handschrëft matstëmmen.
A ganz zum Schluss nach zwou Saachen: a se maachen Jazz am Liewe wéi am Süden. Merci fir d'Nolauschteren.

Colette Kutten (Déi Gréng): No der Analys vum Budget duerch d'Romaine Goergen an deene villen Zuelen, déi hei elo scho genannt si ginn, wëll ech op verschidde Punkten agoen, déi eis besonnesch wichteg sinn an aus Aktualitéitsgrënn bezéien ech mech virun allem op Klimaschutzaspekter. Mir sinn natierlech frou, dass et zu Paräis zu engem gemeinsamen Ofkommes komm ass an d'Optimiste interpretéieren et als Ausstig aus de fossilen Energieträger, obschonn dat net explizit formuléiert ass. D'Zweegradzil, an esouguer éischter a Richtung 1,5 ass e Konsens. Allerdéngs sinn déi gebündelt Klimaziler, déi bis elo um Dësch leien, héchstens an der Lag, den Temperaturustig op 3 Grad ze begrenzen.
Den Dietmar Mirkes, dee fir d'Klimabündnis bei der COP21 derbäi war, bedauert, dass den Accord keng quantitativ Angaben enthält an dass keng Sanktiounen virgesi si wann d'Länner sech net a Richtung 2 Grad bewegen. D'Zäit gëtt dofir knapp a mir musse méi Efforte maach wéi bis elo am Beräich vun der Energieeffizienz, den erneierbaren Energien an der CO2 -Reduktioun.
Déi grouss Manifestatioune fir de Klima weltwäit vun de leschten 2 Woche weisen, dass vill Leit dat verstanen hunn a Verantwortung wëllen iwwerhuelen. Honnerte Stied a Gemengen hunn deklaréiert, dass se bis 2050 onofhängeg wëlle si vu fossilen Energien a just nach op erneierbar Energië wëllen zeréck gräifen. Mir als Klimabündnis-Gemeng hu keen Zeeche gesat a wann een de Budget insgesamt kuckt, si wéineg Sue virgesi fir nohalteg an zukunftsweisend Initiativen.

D'Gemeng huet awer eng Verflichtung an deem Beräich well deen aktuellen Szenario verlaangt vun eis, dass mir eis Liewensweis änneren, wat net némmen negativ ass, mä eng Chance fir e bessert Liewe bedeit.
Dat bedeit elo natierlech net, datt mir a punkto Klimaschutz näischt opzeweisen hunn. Schliisslech hu mir dat duerch eng Zertifizéierung offiziell bestätegt kritt.
Mir fuere weider mat der Sanéierung vun de Gemengegebaier, mam Austausch vun Heizungen a Fënsteren, der progressiver Ëmstellung vun der Stroossebeliichtung op LED. De Solarkadaster ass fäerdeg gestallt ginn, d'Fotovoltaikanlagen op den Diech vum Centre Hartmann an der Diddelfamill sinn installéiert ginn an am Budget ass och e Poste fir d'Analyse vun der Loftqualitéit. Mir begréissen och, dass de Klimateam, wéi den Här Manderscheid ugekënnegt huet, soll erweidert ginn. Dat si positiv Initiativen, fir déi mir natierlech vum Ëmweltministère am Kader vum Klimapakt eng substantiell finanziell Ënnerstëtzung kréien.
Net zefriddestellend ass d'Situatioun, wat d'Mehrwegbecheren ubelaangt. De Bob Claude ass schonn drop agaangen. Dir fannt vläit, dass dat en Detail ass, mir fannen et awer wichteg, virun allem well duerch den Asatz vun deene Bechere vill manner Müll produzéiert gëtt an awer och well d'Gemeng domat no baussen en Zeeche setzt.
D'Bechere si jo bis elo just an der Sportshal zum Asatz komm wou virdru Glieser benotzt gi sinn. Sécher mécht et vläit Sënn, d'Glas aus der Sportshal ze verbannen. Awer Bechere solle jo verhënneren, dass Wegwerfgeschier benotzt gëtt. Si si bis elo nach net bei engem grousse Fest wéi zum Beispill op der Fête de la musique zum Asatz komm obschonn eise Virschlag fir de Cup-System scho virun zwee Joer zeréck behale ginn ass. Mir wollte gär wëssen, firwat dat elo esou lues geet an och nofroen, wei d'Spulle vun de Becheren organiséiert gëtt. Dat ass wichteg well wann dat net fachgerecht gemaach gëtt, da richen se, an dee Virworf ass anscheinend och am Centre Hartmann gemaach ginn. Mir wëllen dofir drop hiweisen, dass d'Gemeng Déifferdeng eng Spullstrooss kaf huet a fir déi ze rentabiliséieren ubitt, dass dës och vun anere Südgemenge genotzt ka ginn.
Da wollt ech och wëssen ob bei der Uschafung vun 2 neie Voitures de service fir de Fuerpark vun der Gemeng ökologesch Critèrë berücksichtegt ginn. Esou wäit ech weess, ass dat offiziell nach net virgesinn an et ass noutwenneg, dass dat verbindlech festgehale gëtt.

Eng aner Detailfro bezitt sech op de Verbrauch vun Elektresch am Centre culturel, wou d'Zomm vun 280.000,- Euro opgefouert ass. Dat ass jo bal esouvill wéi fir d'artistesch Programmatioun virgesinn ass. Ass dat wierklech just de Verbrauch vum Centre culturel wéi am Budget steet oder bezitt dat sech op dat ganzt Gebai mat CNA a Museksschoul?
Wat d'Kréschtdagsbeliichtung ubelaangt, den Här Gangler huet mech do op d'Iddi bruecht, wann déi wierklech op LED ëmgestallt ginn ass, wourun ech mech net kann erënneren, fannen ech awer och, dass mer déi nach weiderhi solle behalen, well dat ass fir mech souwisou eng ganz flott Beliichtung an awer och aus Energiegrënn wier et wierklech Verschwendung fir déi dann ze ersetzen.
Insgesamt ass et dréngend noutwenneg, dass mir dat Leitbild, dat mir am Kader vum Klimapakt am Gemengerot verabschit hunn, och konkretiséieren. De Klimateam huet verschidden Aspekter diskutéiert, d'Décisioun gëtt awer am Gemengerot geholl.
Fir d'éischt geet et drëm, eis quantitativ Ziler ze setzen, wat den zukënftegen Energieverbrauch an den ëffentleche Gebaier ubelaangt. D'Bestandsopnam vum Energieverbrauch an den ëffentleche Gebaier ass jo elo ofgeschloss an op Grond dovu si mir an der Lag, Ziler ze formuléieren. Wichteg ass awer och eng Zilvirgab wat den Undeel un erneierbaren Energien ugeet. Mer mussen dës Aufgab souwisou maache wa mir am Kader vum Klimapakt bei der Zertifizéierung wëlle weiderkommen.
Virun allem geet et jo awer dorëm, eisen CO2 -Verbrauch ze reduzéieren an eppes fir de Klimaschutz ze maachen.
Wichteg ass et an eisen Aen, dass mir eis éiergäizeg Ziler setze well doduerch eng Motivatioun entsteet, méi Ustrengungen ze maachen.
Dofir ass et awer och noutwenneg, de Service écologique ze stäerke well dee vum Personal hier där Aufgab net gewuess ass.
Vu dass mir e Poste fir en Energiemanager ausgeschriwwen haten, deen awer net konnt besat ginn, musse mer dofir verstäerkt op extern Hëllef zeréck gräifen. Budgetsméisseg dierft kee Problem bestoen, well et war jo eng Astellung virgesinn an déi Sue sti jo da sécher zur Verfügung.
Am Kader vun deem Leitbild mussen och d'Critèrë fir de Fuerpark vun der Gemeng Diddeleng integréiert ginn, grad wéi zur nohalteger Akafspolitik vun der Gemeng. Wat d'nohalteg Akafspolitik ubelaangt do läit e gudden Aktiounsplang vu PRO-SUD vir, dee sech um Virbild Éisterräich orientéiert.
Dat sinn also wichteg a wäitträichend Décisiounen, déi deemnächst musse geholl ginn an et wier ze wënschen, dass et och zu enger Diskussioun am Gemengerot kënnt amplaz just zu enger Ofstëmmung well d'Décisioun schonn am Virfeld feststeet.
Et wier och gutt wann déi Diskussioun emol e bëssen no bausse géif virdréngen. Am Klimapakt ass nämlech och eng Rubrik Kommunikatioun, déi breet gefächert ass a wou bei eis en totalen Nohuelbedarf besteet.
Dat gëllt besonnesch fir de Volet "Kommunikation und Kooperation mit Einwohner(innen) und lokalen Multiplikatoren".
Wat kréien d'Leit dobaussen eigentlech vun Diddeleng als Klimabündnisgemeng mat?
Ech hunn e puer Persoune befrot an d'Resultat war zimlech niederschmetternd. Et gouf e puer mol op d'Stroosseschëld Klimabündnisgemeng verwisen an ech hunn dunn nach nogefrot ob se dann net matkritt hätten, dass Diddeléng bei der Zertifizéierung vun de Klimabündnisgemenge gutt ofgeschnidden huet?
Doropshin huet eng Persoun mir gesot, datt si dat gelies hätt an der Zeitung a geduecht hätt, dat misst jo dann awer zimlech einfach sinn, well hir wier an eiser Gemeng nach näischt opgefall. Dat muss eis awer ze denke ginn.
D'Gemeng geet mam gudde Beispill vir a kee mierkt eppes dervun. An deem Fall maache mer eppes falsch. Et geet offensichtlech net duer, op der Homepage present ze sinn, mä mir mussen eis och nach aner Moyene gi fir no bausse siichtbar ze maachen, dass eis Gemeng d'Zil huet, den CO2 -Ausstouss ëm 20% ze reduzéieren.
Néideg ass eng Opléschtung, wat schonn alles dofir gemaach ginn ass, wou mir de Moment stinn an dass et der Gemeng um Häerz läit, datt d'Bierger(inne) mat op dee Wee ginn.
Eng éischt Etapp besteet also an der Verbesserung vun der Kommunikatioun no baussen. Dat ka geschéien duerch eng Publikatioun, Deplianten, Annoncen, mat Spuertipps am Bliedchen, wéi dat z.B. am leschte Bliedchen de Fall war
Dat geet awer net duer. Mir mussen och present sinn um Infokanal Diddeleng, um Internet, um Facebook an op den elektronesche Panneauen, déi op zentrale Plazen zu Diddeleng stinn.
Am beschten alles zesumme fir dass keen derlaanscht kënnt an d'Gefill entsteet dass de Klimaschutz wichteg ass an eis all betrëfft.

Wat awer elo dat Christmas-Schwammen 2016 ubelaangt, wat hei schonn als kommend Highlight behandelt

gëtt obschonn ech guer net weess, ëm wat et geet, hoffen ech just, datt dat an deem Kontext net kontraproduktiv ass an dodra méi investéiert gëtt wéi an all Beméiunge fir de Klimaschutz no bausse bekannt ze maachen. Wéi gesot, ech weess net wat genau geplangt ass.
An enger zweeter Etapp geet et drëm, Multiplicateuren op lokalem Plang ze sichen. Dat kënne Veräiner sinn, de Biergerforum, d'Léierpersonal, de Kannergemengerot, d'Personal aus de Maison-relaisen, d'Jugendhaus, de Jugendgemengerot…
Gutt Usätz ginn et schonn duerch "Energie sparen macht Schule".
E Beispill fir e Projet, dee bal al dës Acteuren integréiert, an donieft nach d'Politiker an d'Bierger(innen) insgesamt, ass d'Aktioun "Dausend Stonne fir de Klima" vun der Gemeng Luerenzweiler.
En aneren iwwerzeegende Projet hunn d'Gemenge vu Réiser a Jonglënster op d'Bee gesat, déi an Zesummenaarbecht mat Greenpeace eng Campagne gemaach hunn ënnert dem Motto "Klimaschutz - Jeder kann etwas tun".
Dës Gemenge gesinn et kloer als eng Verflichtung, d'Bierger(innen) ze sensibiliséiere fir hiren Energieverbrauch ze reduzéieren an si dobäi ze ënnerstëtzen, well d'Leit oft net wëssen, wéi se sech sollen am beschten uleeën. Et ass drëm gaangen, den CO2-Ausstoss an deenen eenzelnen Haushalter ëm 10% während engem Joer ze reduzéieren an dat mat Hëllef vu professionelle Beroder. All Haushalt huet en Informatiounsblat kritt a konnt sech fir eng Bedeelegung entscheeden. Zu Réiser hunn 21 Haushalter deel geholl, zu Jonglënster 24. Heizung, Stroum, Mobilitéit a Konsumverhale sinn op de Leescht geholl ginn. Déi betraffe Gemengen zéien eng positiv Bilanz a si empfielen anere Gemengen dëse Projet, deen op all Gemeng iwwerdrobar ass.
Si hunn de Projet och an dëser flotter Broschür dokumentéiert . Wien interesséiert ass, kann sech se eng Kéier ukucken.
Déi drëtt Etapp an dat ass wahrscheinlech déi wichtegst, dat ass am Alldag duerch konkret Projeten ze dokumentéieren, dass d'CO2 -Reduktioun an de Klimaschutz net nëmme Wierder si mä och gelieft ginn.
Bei eis feelt et de Moment nach un zimlech allem.
Ech wëll op e puer Beräicher agoen, wou mir bestoend Méiglechkeeten net ergräifen an doduerch en nohaltegen Ëmbau vun eiser Gemeng verpassen, wa mir net bereet sinn, ëmzedenken.
Fir d'éischt wëll ech op d'Mobilité douce agoen, déi am Budget extraordinaire ausser der Installatioun vun de e-Bike-Statiounen net méi optaucht. Dat misst jo bedeiten, dass an deem Beräich alles an der Rei ass.
Fir de Raclage vun eise Stroossen dogéint sinn ëmmerhin 350.000,- Euro virgesinn an dat ass e bëssen en Ongläichgewiicht.
Wéi üblech ass och dës Kéier erëm keng Verbesserung fir d'Vëlosfuerer virgesinn, ausser dass déi Vëloen, déi elo do stinn, kënne benotzt ginn.
Wéi befaart war d'Uschafung vun den e-Bikes wuel éischter en Alibi fir keen anere Schrëtt méi brauchen ze maachen. Dobäi wësse mer jo alleguer, dass de Vëlosfuerer(innen) haaptsächlech d'Sécherheet um Häerz läit an dass den e-Bike-Locatiounssystem net wäert derzou bäidroen, méi Leit op de Vëlo ze kréien.
Dat geschitt éischter duerch sécher, attraktiv an duerchgehend Weeër, déi musse geschaf ginn, op deenen d'Leit vun deenen eenzelen Quartiere bis an den Duerfkär, an d'Schoul, bei d'Sportshal an op den ëffentlechen Transport kënne fueren.
Mir wëssen, dass déi Diddelenger Stroossen ze schmuel si fir zousätzlech Vëlosweeër. Bei der Diskussioun iwwert d'Mobilité douce hunn déi anwesend Experten an Expertinnen sech awer ganz kloer derfir ausgeschwat, dass aus deene verschiddene Quartiere Stroosse sollen ausgewise gi fir de Vëlosverkéier.
Zu Butschebuerg hu mer zum Beispill eng e-Bike-Statioun. A wéi fueren ech dann elo am beschten an den Zentrum?
Wann déi Stroosse gekennzeechent sinn, da ginn se och vu méi Leit genotzt amplaz datt jidderee sech säin eegene Wee sicht. Doduerch ass dann och éischter eng Masse critique op deenen Stroossen ënnerwee wat d'Autofuerer(innen) zu engem méi virsiichtegen Verhale bréngt a fir d'Vëlosfuerer(innen) méi Sécherheet bedeit.
Firwat dréckt de Schäfferot sech da virdru fir heimat unzefänken? Et gi scho Viraarbechte vu Komobile, op déi ee kéint opbauen a mir komme jo net derlaanscht fir an dës Richtung ze goen.
Och den Nohaltegkeetsministère bitt de Gemengen an dësem Beräich seng Hëllef un.
Zousätzlech gëtt et en neit Dokument vun der Lëtzebuerger Vëlosinitiativ, wou erkläert gëtt, wéi d'Gemeng hire Réseau soll plangen.
Wourop gëtt dann elo nach gewaart? Do kann et jo awer just um feelende politesche Wëlle leien.
Jiddefalls gëtt doduerch eng Chance verpasst, den Autosverkéier ze reduzéieren an CO2 anzespueren. A besonnesch d'Kanner léieren, dass een net ka mam Vëlo an d'Schoul fuere well et ze geféierlech ass an dass een dofir mam Auto bei d'Schoul bruecht gëtt.

Den “Tour du Duerf” bei dem Diddeleng wuel éischter hallefhäerzeg matgemaach huet, ass net genotzt gi, wéi mir et virgeschloen haten, fir zesumme mam Schäfferot e Vëlostour duerch d’Duerf ze maache fir ze kucken, wou Opportunitéiten a Schwaachstelle fir de Vëlo sinn, wou eventuell Vëlosstänner feelen an esou weider.
Dat huet awer zum Beispill d’Gemeng Réiser gemaach, zesumme mat der Ëmwelt- an der Verkéierskommissioun.
Hei ass net emol e Bilan gemaach gi vum “Tour du Duerf”, dee sécher och net glänzend ass. Mä vun näischt kënnt näischt. Mir hunn elo en e-Bike-Locatiounssystem, mä soss bleift alles beim Alen, dat heescht, den Auto behält weiderhin d’Prioritéit.
Nieft der Mobilité douce gesi mir nach en anere Beräich, wou et sech lount, ze investéieren. Dat ass de Gaardebau, wou engersäits d’Leit d’Méiglechkeet kréien, selwer Geméis unzeplanzen oder wou an der Gemeng Geméis fir den eegene Gebrauch produzéiert gëtt.
Niewent der Transition-Bewegung, déi Virreider ass, sinn eng ganz Rei vu Gemengen op de Wee gaang fir Gemeinschaftsgäert ze schafe well eng Nofro besteet an dat aus ënnerschiddleche Grënn. Gemeinschaftsgäert ginn et zu Esch, zu Déifferdéng zu Jonglënster a Beetebuerg ass och domat amgaang.
Besonnesch impressionéiert huet eis de Projet “Escher Geméisgaart” um Galgebierg, e Pilotprojet vum CIGL Esch an enker Zesummenaarbecht mat der Gemeng. De Geméisgaart gëtt et säit 2014 an op enger Fläch vun 900 Quadratmeter gëtt a kalen an a waarmen Zären an zousätzlech nach am Fräiland biologescht Geméis ugebaut. Dat Geméis ass virun allem fir d’Maison-relais bestëmmt, si liwweren awer och op Wonsch un d’Escher Spidol , un d’Restauranten, si sinn um Escher Maart, d’Leit kréien och e Geméiskuerf heembruecht an et ass och méiglech, do akafen ze goen. Schonn am éischte Joer hunn se iwwer 2 Tonne Geméis produzéiert a si hu Bestellungen do hänke vun hire grousse Clienten, déi regelméisseg musse beliwwert ginn. Hiert Geméis ass biologesch zertifizéiert, déi ganz Konstruktiounen esouwuel déi grouss Zäre wéi och dat integréiert Gebai sinn aus ekologesche Materialien an d’Gebai an di waarm Zär gi mat Holz gehëtzt. Natierlech fänken se och nach d’Reewaasser op.
Déi ganz Konstruktioun mat enger grousser Terrasse an enger Pergola, Bace mat Planzen, ass och optesch schéin an attraktiv.
Déi Responsabel hunn och als Missioun de Grand public ze sensibiliséiere fir d’Ëmwelt an eng gesond Ernierung an dofir ass och en Espace virgesinn.
Regelméisseg fannen op hirem Site Ateliere statt fir d’Kanner, fir déi et en extrae Gaart gëtt, vum Précoce bis zur Primärschoul. Bei Bedarf ginn d’Leit vum Projet och an d’Schoulen.
Um Site schaffen 12 Persoune vun der Beschäftegungsinitiativ CIGL, also Leit, déi eng schwaach oder guer keng Qualifikatioun hunn an déi an dësem Kader a verschiddene Beräicher kennen eng Ausbildung maachen an zum Deel erëm um Aarbechtsmaart Fouss faasse kënnen.
Encadréiert gi se vun engem Ingénieur de construction, engem Agronom, enger Biologin an engem Soziolog.
Finanziell gedroe gëtt de Projet vum Ministère du Travail an der Gemeng Esch mat der Ënnerstëtzung vun der Oeuvre nationale de secours Grande Duchesse Charlotte. Déi Persoun, déi eis de Projet presentéiert huet, huet dat mat Iwwerzeegung, Kompetenz an Engagement gemaach an ugebueden, dass si prett wieren, aner interesséiert Gemengen ze beroden, déi och wëllen op esou e Wee goen.
Ausgangspunkt vun deem Pilotprojet war d’Iwwerleeung vum Schäfferot datt gesond Geméis fir d’Kantine vun de d’Maison-relaisen oft wäit Transportweeër huet an deemno negativ Konsequenze fir d’Ëmwelt an dass et ausserdeem nach deier ass.
D’Stad Esch huet dofir op lokal ugebaut a biologesch zertifizéiert Geméis gesat.
Gläichzäiteg sollen esouwuel déi lokal Bevëlkerung wéi och d’Kanner vun Esch fir eng nohalteg a biologesch Geméisproduktioun sensibiliséiert ginn, wat duerch déi beschriwwen Aktivitéiten ofgeséchert ass.
E weidere wichtege Punkt ass de sozialen Aspekt an zwar sollen Aarbechtsplaze geschaf gi fir Leit, déi um éischten Aarbechtsmaart keng Chancen hunn an déi am Kader vum Projet eng ganz Panoplie vun Ausbildungen ugebuede kréien a vun deenen eng ganz Rei och schonn eng fest Plaz fonnt hunn, wéi eise Guide eis verséchert huet.
Déi Gréng sinn der Meenung, dass zu Diddeleng e Projet an dësem Beräich och wëllkomm vir. Och an eiser Gemeng gëtt et eng Nofro no Gaardeparzellen, déi net kann erfëllt ginn an et gëtt och kee Gemeinschaftsgaart.
Mir fannen, datt d’Gemeng soll aktiv ginn an Terraine lounen, esouwuel fir se u Leit, déi en eegene Gaart wëlle, weider ze verlounen a se soll och e Gemeinschaftsgaart oder och längerfristeg e vergläichbare Projet wéi den Escher Geméisgaart op d’Been setzen.
Och mir hunn e CIGL, och eis Gemeng kritt méi finanziell Moyene vum Aarbechtsministère wann se

en ambitiéise Projet presentéiert. De Moment hu mir net genuch Beräicher, wou Leit vum CIGL kënnen eng Ausbildung maachen an esou ee Projet géif eis do méi Méiglechkeete bidden.
Eng Méiglechkeet fir kuerzfristeg och zu Diddeleng am Beräich gesond Ernierung an Naturschutz aktiv ze ginn, bitt de Projet vum Syndikat SICONA "Natur genéissen – Mir iesse regional, bio a fair", dee säit 2012 funktionéiert. Mir si jo och Member vum SICONA an ech si frou ze héieren, dass de Romy Rech elo gesot huet, dass mir och bereet sinn, un deem Projet deelzehuelen, well si maache wierklech quasi Projeten à la carte.
Et handelt sech jiddwerfalls ëm en zukunftsweisenden, breet ugeluegten an och ganz konkrete Projet, wou et dorëms geet, eng Verbindung hierzestellen tëschent de regionale Baueren an de Maison-relaisen. Engersäits soll en Ofsazmaart fir Bauere geschaf ginn a si domat uregen, natur- an ëmweltfrëndlech an zum Deel och biologesch Nahrungsmëttel ze produzéieren. D'Betriber mussen och besonnesch Naturschutzcritèren erfëllen. Op där anerer Säit ginn d'Maison-relaise mat gesondem, saisonalem a regional ugebautem Geméis versuergt.
Dëse Projet gëtt ënnerstëtzt vum Gesondheetsministère wéint der gesonder Ernierung, vum Landwiertschaftsministère well en de Baueren zegutt kënnt a vum Erzéiungsministère wéinst der Sensibiliséierung a punkto Nohaltegkeet. En ass nach am Ausbau begraff an och wa mir bis elo net Deel geholl hunn, ass dat nach ëmmer méiglech. An de leschte Joer sinn haaptsächlech Weiderbildunge fir Käch a Kächinne vun de Maison-relaisen ugebuede ginn zum Thema saisonal a regional Kichen an och zum Kache mat fair gehandelte Produkten.
Dat Angebot ass och offe fir d'Käch vun de Firmen, déi d'Kantine beliwweren, well jo net iwwerall sur place gekacht gëtt. Dëst Joer hunn se haaptsächlech Workshops a Séminairë fir Personal a Führungskräfte aus de Maison-relaisen ugebuede fir dass se d'Kanner kënne kompetent zu gesonder an nohalteger Ernierung informéieren.
D'Kanner hunn och d'Méiglechkeet, d'Betriber vun de Produzenten ze besiichtegen a kënne mathëllefe bei verschiddenen Aktivitéiten, wéi zum Beispill Gromperen eraushuelen.
Déi Responsabel vum SICONA–Projet faasse mëttelfristeg och eng Sensibiliséierung vun den Elteren zum Thema nohalteg Ernierung an d'A.
Déi Gréng sinn der Meenung, dass dëse Projet vill Aspekter beinhalt, déi an enger Gesellschaft, déi méi onofhängeg wëll gi vu fossilen Energien, eng Roll spillen, dass en ausserdeem der Gesondheet vun de Kanner zegutt kënnt an dass déi ugebueden Aktivitéiten och Spaass maachen.
Dofir soll de Schäfferot esou wuel d'Käch an d'Kantinsbedreiwer, den Eurest, doriwwer informéieren, dass d'Gemeng Diddeleng Zilsetzunge vun dësem Projet ënnerstëtzt an och Wäert drop leet, dass d'Käch genau sou wéi d'Personal vun de Maison-relaisen un den ugebuedene Formatiounen deelhuelen.
Also, de Käschtepunkt dee schéngt mir net esou héich ze sinn, et gëtt schonn en Angebot e bëssen à la carte gemaach an ech denken, wa mer insgesamt wëllen spueren, da kéint ee jo och vläicht emol de Fleeschkonsum an der Kantin e bëssen erof schrauwen. Et ass eng Iddi, ech weess net ob jiddereen domat d'Accord ass. Also insgesamt si mir Member vun dem Syndikat Sicona, déi bidden e super Projet un, deen eis a ville Beräicher wierklech kënnt weiderbréngen an Déi Gréng mengen, mir sollen dovu profitéieren an et ass sënnvoll, dass deen entspriechende Kader geschaf gëtt.
E Punkt, deen eis och nach um Häerz leit, deen der och schonn héieren hutt, mä jidderee widderhëlt ëmmer erëm déi Saachen, déi him um Häerz leien an déi nach net ëmgesat goufen, dat ass d'Angebot fir déi Jugendlech, déi sech net an de Sportsveräiner oder an aneren organiséierte Veräiner erëm fannen.
Positiv ass d'Tatsaach, dass am Budget e Poste fir de Skatepark virgesinn ass. Mir hunn och vum Marc Lazzarini flott Aktivitéiten héieren, déi am Kader vum Jugendsummer stattfannen.
Et gëtt awer leider net wierklech eng Plaz wou déi Jugendlech sech kënne kënschtleresch betätegen oder austoben. Et gi keng Proufraim zum Beispill fir Rockmuseker an et gëtt och keng richteg Plaz, wou d'Artisten sech da kënne produzéieren ausser op der Fête de la musique.
Et gëtt och keng Plaz wou jonk an urban Kënschtler sech kënnen an Atelieren zeréck zéien.
Esou gëtt et och kee richtege Lieu de rencontre fir déi Jonk an déi, déi jonk bliwwe sinn, wou kéinte Liesungen Theater, Concerten, Filmprojektiounen an Expoen am klengen an alternative Kader stattfannen.
Mir kommen dofir erëm zeréck op eise Virschlag vun engem Haus vun der Kreativitéit am Quartier Neischmelz, wou et och géing Sënn maachen, dass als Iwwergank zu der definitiver Bebauung déi eng oder aner Aktivitéit géing stattfannen.
Dëst Haus soll e generatiouneniwwergräifenden Treffpunkt sinn, wou déi Jonk vun deene méi Alen eppes

kéinte léieren. Pensionäre kéinten hiren handwierklechen Knowhow un déi Jonk weiderginn an dozou géing och gutt e Repair-Café passen, wou defekt Geräter an Objete kéinte vu Fachleit reparéiert ginn a gläichzäiteg déi Interesséiert d'Méiglechkeet hätten, selwer aktiv ze ginn.
Also, kënschtleresch Aktivitéiten an handwierklech Tätegkeete kéinten hei stattfannen, et wier wéi e jonke Member aus eiser Sektioun et formuléiert huet, eng Mëschung tëschent 1535 Grad vun Déifferdeng a Ratelach vun der Kulturfabrik. Gläichzäiteg wier et quasi e Pilotprojet fir déi spéider definitiv Struktur am Quartier Neischmelz.
Finanziell misst dat machbar sinn an am Verglach zu den Zommen, déi fir de Sport investéiert ginn, géif et net an d'Gewiicht falen.
Da géif ech nach zu engem ganz aneren Thema kommen an zwar zum Projet Esch Minett europäesch Kulturhaaptstad 2022. D'Participatioun un dësem europäesche Projet kann, wann se gutt ugepaakt gëtt an déi richteg Akzenter gesat ginn, och ganz nohalteg Auswierkunge fir de Süden an och Diddeleng hunn. Eng europäesch Kulturhaaptstad huet hir Sonnesäiten awer et gëtt och eng ganz aner Säit vun der Médaille. Oft ginn déi immens Opportunitéiten, déi dëse weltwäite Kulturprojet bitt, net genotzt, haaptsächlech well sech am Virfeld ze wéineg Gedanke gemat gi sinn, wat een eigentlech als Resultat vun deem opwennegen Exercice erwaart. Et muss natierlech emol ofgewaart ginn, wat bei der Kandidatur fir Esch Minett oder Esch PRO-SUD 2022 eraus kënnt.
En attendant e puer Pisten:
Éischtens, eng Kulturstad ass duerch den internationalen Drock derfir gëeegent, dass Projeten, déi laang op Äis louchen, op eemol virukommen. Ouni d'Kulturhaaptstad 2007 wäre weder d'Rotonden aménagéiert ginn, nach d'Halle des soufflantes zu Belval oder d'Stolwierkshal zu Diddeleng virum Ofrappe gerett ginn. Mir denken also, datt sech 2022 eng immens gutt Geleeënheet géing bidden, datt Diddeleng am Dossier Neischmelz Drock opbaue kéint an datt bis dohin endlech éischt konkret Moosnamen do ze gesi sinn, genee wéi um Belval oder zu Déifferdeng.
Zweetens, eng Kulturhaaptstad, wann se e partizipative Prozess duerchzéie wëll, ass eng eenzeg Geleeënheet fir datt d'Awunner(innen) vun enger Regioun en neit Zesummegehéieregkeetsgefill entwéckelen, wat zwar um Pabeier steet awer an der Realitéit wäit ewech ass.
Zu Lille schéint et gelong ze sinn, dass d'Awunner erëm zesummen hannert hirer Stad an hirer Regioun stinn.
Drëttens, ass et wichteg, dass bei engem regionale Projet all Gemeng e Virdeel ze spiere kritt, soss huet se keen Intérêt matzemaachen a mat ze bezuelen. Et ginn also regional Zilsetzungen z. B. de Patrimoine naturel an industriel besser an Europa kulturtouristesch ze verkafen. Oder, no banne gekuckt, déi kulturell an déi sozial Acteuren an der Regioun besser ze vernetzen a sech par rapport zu grousse Stied besser ze positionéieren.
Mä et ginn och lokal Intressen, déi fir all Gemeng verschidde kënne sinn. Fir Diddeleng gesi mir zum Beispill d'Redynamiséierung vum kulturelle Standuert Diddeleng, deen a leschter Zäit géigeniwwer Esch an Déifferdeng e bëssen an d'Hannertreffe geroden ass. Mä och wéi gesot eng historesch Geleeënheet fir Bewegung an den Dossier Neischmelz ze bréngen, ähnlech wei 2007 déi gréissten Ausstellung am Kulturjoer "Retour de Babel", en neit Liicht op eis grouss Friche geworf huet.
Awer och den exzeptionelle Patrimoine culturel ronderëm eis Stad kann an d'Leitbild vun 2022 mat era fléissen. Dat am Kader vun enger nohalteger Approche zu engem Parc naturel transfrontalier, deen esou wuel artistesch wéi touristesch kann inszenéiert ginn.
Véiertens, d'Kulturhaaptstad ass natierlech europäesch, dofir geet et net duer, mat de lokalen Institutiounen an Initiativen a Veräiner e Programm op d'Been ze stellen, mä d'Zilsetzung muss schonn europäesch Dimensiounen hunn an dat mécht déi ganz Operatioun natierlech méi komplex an och méi deier.
Dofir muss niewent der partizipativer Approche och mat Spezialisten aus der aktueller europäescher Konscht- a Kulturszen zesumme geschafft ginn, am beschten iwwer de Moyen vun eise Kulturhaiser wei opderschmelz, dem CNA, der Kufa, der Rockhal an esou weider.
Fënneftens, vu dass mer hei bei de Budgetsdebatte sinn, wëll ech nach kuerz op deen Aspekt agoen, dee vläit vill Politiker(innen) a Bierger(innen) e bëssen ofschreckt an Angscht ka maachen, dat ass d'Finanzéierung vum Kulturhaaptstad-Projet.
Dozou e puer Zuelen aus den Erfahrunge vum leschte Jorzéngt. De Standardbudget läit den Ament tëschent 50 an 80 Milliounen Euro. Well de Minett vun den Infrastrukturen hir schonn éischter gutt gerüst ass an och mat veschiddenen Haiser vun der Stad Lëtzebuerg ka schaffen, kann ee vläit sommairement bei 50 Milliounen usetzen. 2007 huet de Staat beim Budget vu 40 Milliounen der 30 bäiginn, also 75%. D'Stad huet der 10 bäiginn, dat si 25%. Dat ass

anscheinend och bei anere Stied an Europa net anescht. Well d'Minettsgemengen net grad esou am Geld schwamme wéi d'Stad Lëtzebuerg, wier hei vläit e Verhältnis 20% zu 80% éischter ubruecht. Déi 10 Millioune fir d'Südgemengen wären also engersäits op verschidde Joren ze verdeelen. Normalerweis gëtt de Gros vun den Dépensen an dräi Joer getätegt, an dësem Fall 2020, 2021, 2022, mat deem gudde Rot, am Géigesatz zu ville Stied virdrun nach 5-10% fir d'Weiderféierung vu gudden Initiativen no 2022 ze loossen.
Anersäits muss de Budget no engem Verdeelungsschlëssel opgestallt ginn, zum Beispill no der Awunnerzuel. Bei 160 000 Awunner an de PRO-SUD-Gemengen huet Diddeleng mat 20 000 en Aachtel dervun, dat sinn 12,5%. Ob de Budget vun 10 Mio gerechent wieren dat 1,25 Mio, verdeelt haaptsächlech op 3 Joer. Mir denken, wann et bis e Konsens gëtt iwwer den Notze fir eis Gemeng, da missten déi Suen och nach opzedreiwe sinn.
Fazit, mir mengen, datt wann et kloer gëtt, datt de Projet Kulturhaaptstad 2022 an der Regioun vun alle Schëllere gläichermoosse gedroe gëtt a wann e kloert Konzept mat héije kulturellen Ambitiounen an d'Weeër geleet gëtt, datt een och duerno nach nohalteg Effekter fir d'Gesellschaft, d'Kultur an d'Économie huet, da menge mir, datt dat eng eenzegaarteg Geleeënheet fir d'Regioun wier, an domat och fir Diddeleng, sech selwer nei ze definéieren an op der europäescher Kaart siichtbar ze ginn.
Ech si bal um Enn vu mengen Ausféierungen ukomm. Ofschléissend wëll ech nach e puer Wieder soen zur politescher Partizipatioun an Zesummenaarbecht.
Wat déi ugekënnegt Biergerbedeelegung ugeet, huet eise Buergermeeschter Wuert gehalen. Am Kader vum PAG hunn eng ganz Rei Workshops stattfonnt, déi relativ gutt besicht waren an un deenen och en zimlech breede Spektrum vu Bierger(innen) sech bedeelegt hunn. D'Organisatioun an d'Moderatioun waren am Prinzip gutt och wann heiansdo den Oflaf hätt kënnen e bësse gestrafft ginn. Dräi Stonne fir owes ass ze laang, et ass schwéier sech zu deem Zäitpunkt méi wéi zwou Stonnen ze konzentréieren an déi Inhalter hätten och ganz gutt kënnen an zwou Stonnen duerchdiskutéiert ginn.
De Bilan schéngt eis insgesamt positiv, et kritt een e Feeling derfir, wat de Leit um Häerz läit, wat hir Erwaardunge sinn an et kommen och eng ganz Rei konstruktiv Ureegungen. Mir fannen et jiddwerfalls och gutt, an där Richtung weiderzefueren an en cours de route verschidde Verbesserungen ze maachen, déi sech aus dem Oflaf erginn.

D'Zesummenaarbecht am Gemengerot léisst an eisen Aen allerdéngs ze wënschen iwwereg. Ze beanstanden hu mir virun allem, dass wichteg Projete guer net am Gemengerot diskutéiert ginn. Dat ass jo och scho bei der CSV ugeklongen an dat ass e wierklech negative Punkt.
An zwar net diskutéiert si ginn hei am Virfeld de Busplang, et war de Fall beim e-Bike-Locatiounssystem an d'lescht Woch wieren de Shared Space an der Niddeschgaass an d'Gestaltung vun den Alentoure vun dem Centre Hartmann genau esou ofgehaakt ginn, wa mir eis net gewiert hätten.
An et kann een och net, wéi dat schonn hei ugeklongen ass, eng Biergerversammlung oder eng Kommissiounssëtzung als Ersatz dofir uféiere. An enger Kommissiounssëtzung ass all Partei vertrueden awer déi Leit, déi an de Kommissioune sinn, kënne sech dach onméiglech all déi komplex Zesummenhäng mierken an déi de Gemengerotsmemberen da gebrauchsfäerdeg fir eng Interventioun am Gemengerot virleeën.
An dat besonnesch net wa kee Rapport virläit. Datt guer kee Rapport virläit, dat gëllt fir d'Verkéierskommissioun wou et säit Jore kee Rapport gëtt a mir froen eis, ob do iwwerhaapt nach een den Iwwerbléck huet.
Och an anere Kommissioune kommen d'Rapporte just virun der nächster Sitzung. Also, déi wou se ganz pénktlech kommen, déi gi jo ëmmer vergiess. Dat wëll ech awer explizit erwänen, et gëtt der och eng ganz Rei, déi dat ganz korrekt maachen.
An esou eng Kommissiounssëtzung soll eis dann als Virbereedung déngen, fir en connaissance de cause iwwer e komplexe Projet ofzestëmmen. Dat wier jo nach anescht wann am Virfeld mol eng inhaltlech Diskussioun am Gemengerot stattfonnt hätt. Un esou eng Situatioun kann ech mech net erënneren. Nach ni ass e Projet gemeinsam ausgeschafft ginn. E kënnt an de Gemengerot, wann e vun der Majoritéit décidéiert gouf an da kucke mir fir dann an där Woch virdrun esou vill wéi méiglech Informatiounen ze kréie well mer jo dann am Gemengerot driwwer ofstëmme mussen.
Méi extrem ass nach d'Situatioun, wéi mam Musée verfuer ginn ass. Et géif ee jo mengen, datt de Patrimoine culturel eppes ass, wat all d'Parteien ugeet. Firwat de Musée wuer geplënnert ass, ob dat e Provisorium ass, wéi eventuell d'Zukunftspläng ausgesinn, ass ni op engem Ordre du jour opgetaucht a mir sinn net emol driwwer forméiert ginn. Et huet e just Gerüchter, déi dorëmmer zirkuléieren, wou ee sech da muss als Informatioun drop baséieren.
Da wënscht een sech schonn emol, an enger Majorzge-



meng ze sinn, wou et wesentlech méi demokratesch zougeet. Och d'Periodicitéit vun de Gemengerotssëtzunge léisst ze wënschen iwwereg. Dass eng Sitzung nonstop sechs Stonnen dauert, ass eng Zoumuddung – ech droen elo och vläit derzou bäi – a wann immens vill Punkten um Ordre du jour stinn, dann ass den Drock grouss, datt et muss séier goen an dat schränkt d'Diskussiounsméiglechkeeten an. Verschidde Membere vum Gemengerot musse virum Enn vun der Sitzung fortgoen, well jo keen domat gerechent hat, datt dat géing esou laang daueren. Dat selwecht gëllt fir d'Press. Mir mengen, et misst méiglech sinn e Planning ze maachen, deen esou Situatioune verhënnert. Léiwer dann eng Sitzung méi wéi déi Marathone vun dësem Joer. Dat gëtt och an anere Gemenge esou gehandhaabt. Eenzegaarteg schéint och d'Tatsaach ze sinn, dass d'Finanzkommissioun sech just eemol d'Joer trëfft, wéi dat hei zu Diddeleng de Fall ass. Zu Déifferdeng trëfft d'Finanzkommissioun sech all 4 bis 6 Wochen, zu Esch ass et all Mount de Fall, genau wéi zu Beetebuerg. Do stellt ee sech jo awer Froen.
Domat wier ech um Enn vu mengen Ausféierungen ukomm, ech hunn aus Aktualitéitsgrënn - d'Klimakonferenz zu Paräis - dës Kéier Akzenter gesat, déi domat verbonne sinn an déi mir hei vermëssen. Natierlech ass dat just en Deelaspekt a mir kënne jo, wat och duerch eis Ofstëmmunge kloer ass - déi meescht Projeten hei an der Gemeng matdroen.
Dat betrëfft esouwuel déi noutwenneg Infrastrukturaarbechten, de grousse Stellewäert vun der Kultur, d'Initiativen zugonschte vun deene, déi net esou vill Chance am Liewen hunn, wéi zum Beispill den Ausbau vun de Sozialwunnengen, d'Kannerbetreiung an nach aneren Aspekter, déi ech awer elo net all wëll hei opzielen.
Mir sinn awer och der Meenung, datt verhältnisméisseg zevill an de Stroossebau investéiert gëtt. Ech hat jo schonn de Punkt vum Raclage vun de Stroosse genannt an den Här Gangler huet jo och schonn drop higewisen, dass mir an deem Beräich heiansdo e bëssen zevill däers gudde maachen. Den Auto bleift weiderhin am Mëttelpunkt an d'Mobilité douce bleift en absolut Stéifkand. Et kann och net sinn, dass all Ännerung am Beräich vun der Mobilité douce just fir déi nei Quartiere soll gräifen. Déi aktuell 20 000 Bierger(innen) géifen och gären dovunner profitéieren an et feelen eis definitiv Initiativen, déi an déi Richtung ginn, fir d'Gesellschaft esou ze veränneren, dass mir de Klimawandel kënne bremsen an déi gläichzäiteg de Potential fir méi Liewensqualitéit bidden.
Vill aner Gemenge ginn op dee Wee a mir verpassen do eng Chance. Onzefridde si mer awer och iwwer dee bestehenden Informatiounsdefizit an eis minimal Matbestëmmungsméiglechkeeten an dofir wäerte mir dëse Budget net stëmmen. Ech soen Iech Merci.

Jessica David (LSAP): Als éischt wëll ech all deenen, déi ronderëm den Här Poull un deem Budget geschafft hunn, Merci soen.
Et sinn och scho vill Aussoen zum Budget komm, vill Remarquen, dofir wäert ech mech op e puer Punkte beschränken, mat deene ech mech am beschten identifizéieren.
Et ass schonn e puermol gesot ginn, dass eis Gemeng do ass fir ze verwalten. Ech denken, datt si d'Gestalte scho ganz gutt mécht. Si suergt fir agréabele Wunnraum ze schafe mat enger grousser Liewensqualitéit. Ech géif gären op e puer Punkten agoen, déi eis hei an dësem Budget virgestallt gi sinn.
Ech géing am Kader vun der Stadentwécklung mam Projet Shared Space ufänken. Sécher ass en net am Gemengerot virgestallt ginn, nichtsdestotrotz hate mir d'Geleeënheet un enger Presentatiouns- an Informatiounsversammlung deelzehuelen, déi owes stattfonnt huet an net matten am Dag, wéi dat bei PRO-SUD de Fall war, wou manner Leit, déi an engem normalen Aarbechtszäiten an a méi engem strikte Kader schaffen, net konnten deelhuelen.
Ech hat d'Chance, mat eise Bierger an enger partie Diddelenger Geschäftsleit un dëser Presentatioun vum Bureau d'Étude deelzehuelen.
De Shared Space ass e flotte Konzept wou de Raum vun ënnerschiddlechen Acteure soll genotzt a gedeelt ginn. Et ass fir d'Zesummeliewe gesuergt, mir entwéckelen e Raum, deen dëst Zesummeliewen tëschent Foussgänger, Vëlosfuerer an Automobilisten stäerkt. Duerch dës nei Form vu Verkéier, wou et kee richtegen Ënnerscheed tëschent Trëttoir a Strooss gëtt, entsteet eng nei Zone de rencontre am Zentrum vun Diddeleng. D'Qualité de vie an d'Attraktivitéit vun eisem Stadkär gëtt duerch eise Shared Space nach zousätzlech verbessert. Den Traffic an a ronderëm Diddeleng wäert hei duerch hoffentlech verbessert ginn. Mir bekloen eis, datt et keng Parkplaze ginn, da kommt mir maachen net eng Zone piétonne an Zukunft doraus, déi net positiv bei eise Geschäftsleit ukënnt.
Nach ëmmer am Kontext vun der Stadentwécklung wëll ech eis Stad luewe fir hir Beméiungen, déi si mécht fir d'Bedeelegung vun de Bierger bei verschiddene Projeten ze förderen.

Ech si frou, ze gesinn, datt e gudde Montant fir d'Kommunikatioun, déi haut des daags ëmmer méi wichteg gëtt, virgesinn ass. Stadentwécklung, Biergerbedeelegung a Kommunikatioun hunn sech 2015 duerch Workshops ëm de PAG gewisen, Matschaffe bei ëffentleche Workshops hu gewisen, dass eis Awunner mat hiren Ideeën a Remarquen an och emol Kritiken op en oppent Ouer stoussen, eescht geholl ginn a mat agebonne ginn. De Workshop PAG Mobilité douce huet eng grouss Bedeelegung an Interesse vun eise Bierger gewisen an ech denken, datt déi Stonnen, déi dofir virgesi waren, deem recht ginn. D'Stadentwécklung läit hinnen um Häerz an ass e wichtege Sujet an hirem Alldag.
Mä net nëmmen a Workshops kréien d'Leit d'Méiglechkeet, sech auszetauschen an Iddien ze presentéieren. Projeten a Form vun engem Concours wéi zum Beispill de Projet Integratiounscouch soll all Awunner Schoulen a Foyer, kuerz soen, eise Forces vives vun Diddeleng d'Méiglechkeet ginn, sech och nach kreativ ze expriméieren. Nieft de kënschtlereschen Talenter, déi gefördert an entdeckt ginn, bréngе mir et fäerdeg, op en neits eis Bierger grouss a kleng anzebanne bei der Gestaltung vun agréabelen, méi attraktiven a flotte Plazen. Dës nei Zone de rencontre bitt op en neits Méiglechkeete fir en Austausch, kenne léieren an Zesummeliewen.
De Projet Art on stairs zum Beispill huet gewisen, datt d'Gemeng et an der Vergaangenheet fäerdeg bruecht huet, Associatiounen, Schoulen, Awunner vu Quartieren zesummen ze bréngen, déi Jonk op hire Patrimoine, hire Paysage an hir Alentouren opmierksam ze maachen.
Mat dem Projet Little free libraries konnt och d'Lieskultur erëm beliefť ginn.
Als nach zimlech nei Presidentin vun der Kulturkommissioun, Jumelage an Tourismus wëll ech lech awer Merci soe fir dee Budget vu 4.500,- Euro, dee virgeschloe ginn ass. Dir erméiglecht eis domat weiderhin Diddelenger Kënschtler ze valoriséiere mat engem Prix culturel, engem Mérite culturel. Mir schaffen och weider un der Verfeinerung vun engem Konzept vun engem Prix Coup de coeur.
Eis Kommissioun huet e klenge Sous-groupe Aarbechtsgrupp gegrënnt, dee méi effiace a méi enk un deene Relatioune ka schaffen, déi eis Gemeng an der Vergaangenheet mat de Jumelagestied gepflegt huet. Mir wëllen, datt do méi en dynameschen Austausch statt fënnt a schaffen do un engem ganz neie Konzept. Ech soe menger Kommissioun elo scho Merci fir hiren Asatz.

Zur Kultur: Ech wëll hei de Punkt Renovatioun vun eisem lokale Musée uschwätzen. Et ass wichteg, déi bestoend Strukturen oprecht ze erhalen, opzefrëschen an d'Austellungsraim méi attraktiv ze gestalte fir méi e grousse Public an och méi e jonke Public unzeschwätzen an unzelackelen. Mir sinn am Süden duerch eist ofwiesselungsräicht Kulturangebot bekannt.
D'Awunnerzuel wäert an deenen nächste Joer wuessen an dofir ass et wichteg, dass d'Gemeng Drock mécht fir datt de Projet Nei Schmelz konkret un d'Rulle kënnt.
Déi bestoend kulturell Ariichtunge wéi de Centre doc, den CNA, eis historesch Plaze wéi de Gehaansbierg, eise Waassertuerm bidden eisen Awunner an den Touristen e grousse Choix an en ofwiesselungsräiche Programm an eng Méiglechkeet, sech mat der Stadgeschicht vun Diddeleng a Bezuch ze setzen an ze entdecken.
An dësem Kontext begréissen ech d'Visioun vun engem zukënftege moderne Stadmusée am Deel Nei Schmelz. Ech hoffen, datt dëse Musée d'Identitéit vun eiser Stad duerch Interaktivitéit mat eise bestehende Bierger an eisen zukënftege Bierger ka méi no bréngen. D'Museumspädagogik war schonns ugeschwat ginn. Ass eng flott Iddi, déi ee vläit an Zukunft kann ausbauen. De Projet Maschinneschapp oder Feierwon a Maschinneschapp, fir deen e Budget vun 12.000,- Euro proposéiert ginn ass, ass e Projet, deen et véier Lëtzebuerger Kënschtler erméiglecht, hir Talenter ze weisen. E bréngt jonk a manner jonk Bierger zesummen. Dëse Projet, deen am Kader vun der Biennale, vun der Culture industrielle et d'innovation stattfënnt, ass eng Beräicherung fir de Site opderschmelz. Et entsteet eng flott Zesummenaarbecht tëschent verschiddenen Institutioune wéi dem Centre Doc an der Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Et gëtt eis en Espace de création ugebueden, dee fir jiddereen zougänglech soll sinn. Et gi Reflexiounen zum Site gemeet, Diddeleng an der Vergaangenheet an Diddeleng an der Zukunft soll e grousst Thema sinn, wou op verschidde Manéiere behandelt soll ginn.
Kreativitéit an Austausch ginn op en neits grouss geschriwwen. Et soll e flotte Lieu geschaf ginn, dee während deem ganze Projet op ass. Konferenzen, Austausch, Workshops sollen ugebuede ginn. Duerch den Afloss vu verschidde Kënschtler, déi um Terrain mat Installatiounen, Video a Fotografie schaffen, gëtt och d'Material Eisen um Site vum Laminoir grouss geschriwwen.





Nieft der Interaktivitéit ass dësen intergenerationnelle Projet mat Nohaltegkeet, deen dokumentéiert soll ginn an hei erëm verschidden Institutioune wéi Schoulen a Foyeren zesumme bréngt.
Wat de kulturelle Beräich betrëfft, fannen ech mech a ville Punkten erëm.
Datt déi Jonk net genuch mam Kulturcenter schaffen, stëmmt net, de Lycée schafft an enker Zesummenaarbecht mam CNA an och mam Centre Doc esou wäit an och nach mam Projet Ensemble.
Net méi spéit wéi virun zwou Wochen ass den Ofschloss vun eisem Comenius-Projet presentéiert ginn. D'Mylène Carrier a seng Équipe hunn eis super encadréiert mat hirem Filmteam an hu mat deene Jonken e ganz flotte Film geschnidden, deen dee ganze Projet dokumentéiert.
Den CNA ass och ganz flexibel a proposéiert Schoulséancen zu verschidde Filmer. Mir schaffe ganz vill mat hire pädagogesche Projeten, déi si eis an deene verschiddene Kulturzentre proposéieren.
En Austausch tëschent der Museksschoul an dem Lycée ass och am Oktober gelaf. Vill Jonker, déi bei eis an der Schoul sinn, sinn och an der Museksschoul an do soll an nächster Zukunft och méi Zesummenaarbecht geléscht ginn.
Gëschter krute mir och den Accord fir eise Erasmus Plus ze starten, deen sech iwwert dräi Joer zitt. An deene nächste Méint a Jore wäert Dir den Titel "Patrimoine, paysages et perspectives" héieren a gesinn. Et wäert en Austausch tëschent Italien, Däitschland a Frankräich entstoen.
Wéi den Titel vun eisem Projet et seet, maache mir eis Gedanken iwwer eise Patrimoine industriel a wäerte mat verschidden Architekten, Associatioune wéi och zum Beispill der Fondation Bassin minier zesumme schaffen. Eis Konverter an aner Maschinnen, déi am Maschinnepark stinn, esou gëtt dee Park am Lycée genannt - Parc des machines – deen extra fir déi Jonk aménagéiert ginn ass vun der Schoul an och zesumme mat der Gemeng, gëtt hei de Patrimoine méi no bruecht. Si solle sech un eis Geschicht erënneren.
Mir hunn en externen ausserschoulesche Klassesall an dee Maschinnepark integréiert. Mir hunn och scho mat eisem Kulturschäffe Kontakt opgeholl fir d'Konzept vun Informatiounsschëlder auszeschaffen.
E puer Proffe ronderëm engem pädagogesche Projet hu scho ganz vil Informatiounen a Recherchen zu eise Maschinnen, zu der ARBED, zu eiser Vergaangenheet gemeet an ech kann Iech versécheren, datt Dir déi nächst Joren oder esouguer schonn d'nächst Joer e flotte Park mat ganz villen Informatioune kënnt besichen, deen ee vläit mat explizitten Erklärungen och um Redrock kann erëm fannen.
Déi, déi an der Lescht en Tour an deem Maschinnepark gemaach hunn, konnte feststellen, datt vill Energie an Dynamik an dee Park investéiert ginn ass a flott Weeër ugeluecht gi sinn, déi bei all Maschinn féieren.
Et ass falsch, ze behaapten, eis Jonk hätte keng Ahnung vun deem Patrimoine. Si ginn am Alldag domat konfrontéiert, hannerfroen d'Existenz vun esou Maschinnen op hirem Schoulterrain. Et gi vill pädagogesch Projete gemeet fir datt dee Lien vun eisen Diddelenger Jonke mat der Geschicht soll erhale bleiwen.
Ech denken, wann ee weider un der Kommunikatioun schafft, dat Ganzt méi transparent gëtt. Ech denken och, datt wa mir deene Jonken déi méiglech Moyene ginn, finanziell, methodesch, konzeptuell a logistesch, mir si dozou bréngе kënnen, datt d'Kulturzeen méi accessibel fir si gëtt.
Mir däerfen hinnen am beschte keng fäerdeg Äntwerte ginn, proposéieren, mä mir mussen hinnen hëllefen, sech selwer déi richteg Froen ze stelle fir datt si sech hiert kulturellt a soziaalt Ëmfeld selwer erschléissen a konstruéiere kënnen.
Theoretesch Coursen hu wéineg Impakt, dofir kann nëmmen ënnerstrach ginn, datt dee Projet vun der Biennale an nach aner Projeten, déi eis Gemeng organiséiert, duerch Austausch, Konfrontatioun um Terrain vill bréngе wäerten.
Diddeleng ass eng Kulturstad a mir wäerten an der Kommissioun och an enker Zesummenaarbecht mam Service culturel an dem Danièle Igniti senger Equipe dru schaffen, datt dat esou bleift.
D'Investissementer, déi eis Gemeng mécht, sinn am Sënn vun enger besserer Liewensqualitéit an engem stännegen a qualitativen Nowuess a Wuelbefanne vun all eise Bierger.
Dofir stëmmen ech deem Budget zou. Merci fir d'Nolauschteren.

Jean-Paul Friedrich (CSV): Als éischt e grousse Merci un déi, déi bei der Opstellung vun dësem Budget matgehollef hunn.
Ech kommen direkt zu engem Punkt, dee mir um Häerz läit an dat ass de Sport an domat de Centre Hartmann. Do hätt ech zwou Saachen ze bemierken. Mir hunn eng ganz flott a funktionell Infrastruktur gebaut, déi och zimlech deier ass an déi awer soll op Joeren de Sport zu Diddeleng förderen an ënnerstëtzen.
Do ass awer dann d'Fro: Wéisou hu mer net direkt virgesinn, eise behënnerte Matbierger d'Méiglechkeet

ze ginn, och vun déser Schwemm ze profitéieren? Näischt ass an deem Sënn bis elo gemaach, weder an de Vestiairen nach an de Bassinen an och ass et net iwwerall evident, sech mat engem Handicap ze bewegen, wuel verstan an engem Neibau, deen der Saach muss gerecht ginn. Et muss dach méiglech sinn, och als behënnert Persoun vun der Schwemm ze profitéieren, zemol wann alles nei gebaut ginn ass well en plus d'Schwamme fir Leit mat enger Behënnerung elementar an extrem wichteg ass.
Da kënnt natierlech de Problem vun den Ëffnungszäite vum Hartmann. Esou eng Schwemm muss am Prinzip och dënschdes, donneschdes a virum allem samschdes mëttes op sinn an och zum Deel sonndes. D'Leit dobaussen hunn e Recht, dovunner ze profitéieren, an esou wäit et am Moment ass, bleift fir ganz vill Leit, wou schaffen, keng Méiglechkeet, dovunner ze profitéieren.
Eis ominéis Kloterwand huet Ëffnungszäiten, déi ganz flexibel sinn, esou guer mat Encadrant, vu samschdes, sonndes esou guer vun zéng bis zéng zum Deel. Firwat ass dat net méiglech, eis Schwemm e bësse méi zougänglech ze maachen, do muss adaptéiert ginn, well an anere Gemenge klappt dat ganz gutt.
Ech kommen och nach op eis Sportleréierung zeréck, si ass tipptopp iwwer d'Bühn gaang, dank och enger Sportskommissioun, déi sech total engagéiert huet. Wou ech awer wollt nofroen, doduerch dass eng Kollegin och aus der Sportskommissioun refuséiert krut fir mat op der Bühn ze stoen, an de Shari Schenten vun RTL moderéiert huet, wat dat eis kascht huet an ob dat och an Zukunft soll esou weider oflafen?
Dann hunn ech just nach eng Saach wat de Sport ubelaangt, eng Remarque iwwert d'Subsiden an d'Ënnerstëtzung vun de Veräiner. Et ass sécher esou, dass d'Subsiden effektiv Peanuts ausmaachen am Verglach mam Gesamtpackage vum Budget, mä mir fuerdere wéi ëmmer eng gerecht an transparent Verdeelung an dat natierlech och wat d'Infrastrukture vun eise Veräiner ubelaangt.
Mir sinn eng Sport- a Kulturstad a mir kënne stolz doriwwer sinn an dat soll och an Zukunft esou si mat engem gerechten Verdeelungsschlëssel.
Just nach eng Remarque, déi elo net direkt mam Sport ze dinn huet, mä mat der Kommissioun, well ech dat onbedéngt wëll soen. Et geet ëm déi Bemierkung, dass an der Familljekommissioun d'Madame Di Bartolomeo gesot huet, datt de Budget net ganz opgebraucht gouf, dat fanne mer eng ganz gutt Saach, well einfach do eng Transparenz muss sinn an et muss gesot gi wann e Budget net ganz gebraucht ginn ass an ech géif mer wënschen, datt dat och vun anere Kommissiounen esou géif gesot ginn. Da wéisst ee wou een do drun ass an ech begréissen absolut, dass si dat esou gesot huet an dat ass eng ganz akzeptabel an och wierklech eng ganz gutt Politik.
Da géif ech nach kuerz bei de Verkéier kommen, Mer hunn do eng Étude de fluidité gemaach 2014, wou eis 54.903,- Euro kascht huet. 2015 58.730,- Euro, do wollt ech froen, wou si mer domadder drun a wat huet déi eis bruecht, gewosst, dass mer souwéisou e Konzept kréien am Kader vum regionale Verkéierskonzept.
Wou mer och vun der Fluiditéit an der Optimiséierung vum Verkéier schwätzen, do begréisse mer ausdrécklech, dass eng ganz Rei Nobesserunge vum TICE gemaach gi sinn, leider eréischt no ganz ville Reklamatiounen a Petitioune vun den Diddelenger Bierger.
Selwer Member vun der Verkéierskommissioun hu mer eis eng Rei Ännerunge weise gelooss an d'Bierger kënnen elo zum Deel, wuel verstanen zum Deel, mat kucken a mat bestëmmen ob eng Rei Saache kënne geännert ginn am Kader, wou dat méiglech ass.
Schued fannen ech awer och, dass zum Beispill am Altersheem huet missen eng Petitioun gemaach gi fir de Bus zeréck ze kréien. Den TICE huet sech do beklot, dass et ganz laang géing daueren, bis all déi Leit placéiert sinn. Ech hoffen, dass all d'Leit, déi beim TICE schaffen awer net herno am Alter esou schlecht sinn, dass se dann och musse reklaméiere fir an de Bus ze lafen. Et ass net evident fir eeler Leit, sech do ze déplacéieren, oder et muss virgesi ginn, wann effektiv zevill Zäit do verluer gëtt, dass e Ruffbus do organiséiert gëtt, fir datt d'Leit do dat kënne besser maachen, well mir hunn och keen Intérêt, datt den TICE do vill Plaz an Zäit verléiert, mä da muss et aneescht organiséiert ginn, wann dat effektiv zevill Zäit géif kaschten.
Mir begréissen awer och d'Ubannung zeréck bis bei eis Gemeng an hoffen, dass schlussendlech dee richtegen Equiliber fonnt gëtt mat enger Léisung, déi fir jiddereen akzeptabel ass an all Quartier am Beräich vum Machbaren servéiert.
Ech wollt och nach e puer Wierder iwwer de Parkproblem verléieren, mäi Kolleg Jean-Paul Gangler huet schonn dovu geschwat. Mer hunn aktuell dräi Pecherten effektiv an et kommen der nach zwee derbäi. Wann een d'Rechnung mécht wat d'Personal, d'Aueren an den Entretien kaschten, mat deem wat u Recetten era kënnt, da geet dat op, dat heescht do bleift herno ënnert dem Strich effektiv eng Null stoen, wat awer u sech kee Problem ass well et geet jo net



drëm, hei e grousse finanzielle Gewënn ze maachen als Gemeng mä et geet drëm fir d'Langzäitparker eraus ze kréien. Do misst een awer just vläit iwwerleeën, ob déi Parkdauer vun 2 op 4 Stonne kann eropgesat ginn, well vill Leit beschwéiere sech iwwer déi ganz kuerz Zäit, déi se zur Verfügung hunn, well se sech immens fläisse musse mat hiren Akeef a soss Aktivitéiten oder wann se mol wëllen e Patt huele wëlle goen. Do wier eng Adaptatioun vläit méiglech.
Flott wier et och, wann am Kader vum Parking résidentiel e Patron eventuell d'Méiglechkeet hätt, eng Vignette fir seng Leit ze kafen, wéi et an anere Gemenge méiglech ass, natierlech ëmmer an engem akzeptabele Kader, net datt et herno méi Vignette ginn ewéi normal Parkplazen.
Just eng Fro am Kader vum Shared Space. Déi nei Beem, déi geplanzt ginn, do wollt ech just wëssen, wat déi nei Beem elo kaschten an ob do eng Kompensatioun virgesinn ass fir déi zousätzlech Ausgaben.
Dat sinn e puer Punkten, déi ech wollt am Zesummenhank mam Budget 2015-2016 soen. Ech erlabe mir, a mengem Numm an am Numm vu menger Fraktioun ze soen, dass sech ganz vill Méi gemaach ginn ass bei der Opstellung vun dësem Budget an e grousse Merci deene Leit, déi intensiv dodru geschafft hunn an eng propper a ganz gutt Aarbecht gemaach hunn. Virun allem ass et e Budget, deen zukunftsorientéiert a virsiichteg opgestallt ass wat haut immens wichteg ass.
Mir stëmmen dem Budget net zou aus de genannten Ursaachen, mä nach eng Kéier erkenne mer un, dass et en Dokument ass, wat wierklech professionell ausgeschafft a propper presentéiert ass an och Diddeleng op d'Zukunft preparéiert, déi ongewëss a sécher och net méi einfach gëtt. Merci.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): D'Madame Di Bartolomeo huet et scho gesot, et kann een net nëmme fuerderen an da soen herno, mer géingen dat, wat mer maachen, schlecht géréieren. Oppositioun ass eppes ganz Einfaches, du sees entweder, d'Majoritéit mécht näischt a wa se dann eppes mécht, da mécht se dat wat se mécht schlecht. Ech wëll dat net verallgemengere mä dat klénigt awer oft esou.
Ech kommen dann zu deene verschiddenen Aussoen. Et ass ganz vill iwwer den TICE geschwat ginn, dat meescht hunn ech scho gesot firwat et méi kascht, ech kann et nëmme widderhuelen. Wa mer bal duebel esou vill Kilometer fueren, wa mer méi Chauffere brauchen, wa mer méi Busse brauchen, ech widderhuelen et dann nach eng Kéier, da muss een déi och iergendwou ënnerstellen an dat alles kascht. Ech hunn och gesot, dass déi nei Bussen dem TICE no viraussiichtlech ab September solle kommen, fir d'Rentrée. Den TICE probéiert ëmmer alles fir d'Rentrée ze maache well dat méi einfach ass an se alles kënnen zesumme maache mat de Schülertransporter.
Mat deenen neie Linnen, do hoffe mer jo, datt mer méi séier sinn ewéi September, an an der leschter Réunioun war den TICE selwer hei, dofir mengen ech, brauch ech net méi weider dorop anzegoen. Ech hunn dann awer och Note dervu geholl, datt d'Madame Kayser sot, d'Paie vun de Chauffere beim TICE wären héich. Dir hutt och gesot, eise Botzservice hätte mer besser ze privatiséieren an Dir mengt och, eis Botzfraen, déi menger Meenung no eng ganz schwéier Aarbecht maachen, déi géifen net séier oder net genuch schaffen. Ech hunn Note dovu geholl an ech huelen un, datt déi betraffe Leit och Note dovunner wäerten huelen.
Zum Nightrider, ech mengen, dat war d'Madame Goergen, déi iwwer den Nightrider geschwat huet, do hunn ech d'Zuelen nach eng Kéier nogefrot, do hate mer dëst Joer 1290 Trajeten a mir hu 1781 Persounen domat bedingt, da kann ech op alle Fall net gesinn, datt do den Intérêt net méi do wär.
Dat anert war dann de LateNightBus, do sinn och eng Partie Froen era komm vun der CSV-Fraktioun. Ech géif da probéieren, déi hei mat ze beäntweren. D'CSV léisst dat ëmmer esou ukléngen, wéi wa mir si gebraucht hätte fir op esou Iddien ze kommen an dobäi huet se selwer schonn déi leschte Kéier, wou se et hei proposéiert huet virun enger Partie Méint, eis Jongsozialisten zitéiert, déi och dee LateNightBus gefuerdert hunn an deen och an d'Gespréich bruet hunn. Dir hutt och gefrot, wat sinn d'Critèren. Mer hunn eis vun deene jonke Leit soe gelooss, an och mam President vun der Jugendkommissioun dass méi Leit freides eraus ginn ewéi samschdes. Sou dass mer mengen, mer géifen en zweemol freides fuere loossen, zum Beispill den éischten an den drëtte Freiden, dat ass just eng Propositioun. Wéi dacks ass och gefrot ginn. Ma zweemol am Owend, eng Kéier no eng Auer an eng Kéier no dräi Auer. Firwat fuere mer elo net direkt all Freiden an all Samschden. Ma Dir wësst, dass mer hei zu Diddeleng eng virsiichteg Finanzplanung maachen a virun allem emol fir d'éischt kucken, wéi gutt dat, wat mer aféieren, ukënnt.
Ech hunn och mat Kollegen a Kolleginnen an anere Gemenge Récksprooch gehalen an déi hu mer gesot, dass hire Bus net ëmmer rabbelvoll ass, ganz

am Contraire. Et ass éischter esou, dass dee Bus voll ass wann eppes Extras an der Stad lass ass an dass dat nach ausbaufäeg ass. A wann ech soen ausbaufäeg, da mengen ech datt, wa mir gesinn dass eise Bus ëmmer rabbelvoll ass a gutt ukënnt, da si mir déi Lescht déi net d'accord si fir nozebesseren a Budget nozestëmmen. Mir sinn net beratungsresistent an et ass net am Stee gemeesselt, dass deen nëmmen zweemol soll fueren. Wann et gutt ukënnt, bessere mer no.
Fir bei d'Busunternehmen ze kommen, mir hunn do verschidden Devisen ugefrot a mir sëtzen eis elo d'nächst Joer mat deem un den Dësch, deen am bëllegste war a mat deem plange mer dann d'Detailer. Am Moment solle jo zweemol fueren, natierlech kann ee sech iwwerleeën, wann en herno méi dacks soll fueren, ob eng Gemeng fir de ganze Präis muss opkommen, well da si mer net méi bei 9.000,- Euro mä driwwer an da muss ee sech iwwerleeën, ob een dat weiderhi gratis wëllt maachen. Am Ament ass dat op alle Fall gratis,
Den Herr Rech huet virdrun och betount, datt de Finanzement an och d'Garantie, dass mer dat ëmmer kënnen ubidde, an et ass dat, wat un eise formidabelen Déngschtleeschtungen natierlech dat wichtegst ass, deem kann ech nëmmen zoustëmmen.
Mer brauche Personal wa mer weider wëllen investéieren do wou et néideg ass. Den Här Rech sot och, mir wëllen net déi Bremspolitik matmaachen, déi hei vun der CSV gefuerdert gouf an ech betounen et och nach eemol, fir dat Personal mat deem ech ze dinn hunn, natierlech stinn ech zu deem Personal a wann hei leschte Freiden, wou mer de Bericht vum Office social virgestallt kruten, op alle Bänken ugeklongen ass, datt et ëmmer méi Leit gëtt, déi an Aarmut liewen, da kléngt dat a mengen Ouere wierklech schrecklech an et schléit dem Faass de Buedem aus wann ech am selwechten Otemzuch héieren, datt mer sollen Ausbeuterfirmae, an ech weien hei nach meng Wierder, vu Privatbotzfirmaen huelen, déi Leit zu Konditioune schaffe loossen, wou andauernd d'Gewerkschafte sech mussen aschalten a wou der och sécherlech esou gutt wësst wéi ech wat do scho vu Geriichtsprozesser gelaf sinn, a wann ech dann och nach héieren, das d'Busschaufferen zevill verdéngen, dann zweiwelen ech wierklech um S vun der CSV.
Wat der Madame Goergen hir Ausso vum Site vum Tourismus ubelaangt. Wou kréien ech zousätzlech Infoen? Ma jo, bei hinnen, dofir gëtt et jo natierlech déi Säit, dofir schaffe mer mat hinnen. Effektiv ass et esou, dass déi dote Säit wéi ganz vill aner Internetsäiten net ëmmer à jour ass a sécherlech ass se och nach verbesserungsfäeg, dat kann een och nach eng Kéier bei hinne mellen.
Ech kucken déi Säit och net all Dag, sou wéi Dir wahrscheinlech och net, ech kucke sporadesch eran a, wéi gesot, wann ech gëschter dra gekuckt hätt, weess ech och net ob ech op d'Schwemm gefall wier. Ech wäert hinnen dat mat op de Wee ginn.
Ech muss och soen, dass et eigentlech fir mech vill méi wichteg ass, dass do konkret eppes um Terrain leeft, zum Beispill dass déi Mountainbike Trailen op Diddeleng kommen a vun Diddeleng aus fortfueren an datt dat eis méi bréngt wéi d'Internetsäit elo selwer.
D'Nathalie Haas huet iwwer d'Pro-Kapp-Verscholdung geschwat. Firwat betounen ech dat elo obwuel et eigentlech näischt mat mengem Domaine ze dinn huet? Ma well hei e puermol dat Beispill vun Déifferdeng ugeklongen ass, datt dat a verschiddene Domainen e gutt Beispill ass. Déifferdeng huet eng Pro-Kapp-Verscholdung vun 3 200,- Euro, mä, an dofir soen ech et, vläit läit et dodrun, datt déi en Diffbus hunn, deen se alleng schonn eng Millioun kascht.
Et kann een natierlech driwwer diskutéieren, wa mer hei iwwer Buspräisser an iwwer TICE schwätzen, wou dat doten hierkënnt. Wat kënne mar maache fir d'Käschte vum Bus net nach méi an d'Luucht goen ze loossen? Ech mengen, dozou hunn ech alles gesot. Ech hunn och gesot, datt wann ee vill Personal huet, datt dat e gudde Krack kascht an ech gi jo net dervun aus, datt déi Lénk déi Klack deele vun der CSV, datt déi Paien do ze héich wären.
De Bob Claude huet virgeschloen, eng Journée des associations ze maache well mer eben an der Integratiounskommissioun driwwer Rieds haten, wéi een d'Clibb besser kéint abannen. Also, fir mech schwätzt guer näischt géint esou eng Journée des associations. Ob dat elo onbedéngt vun der Integratiounskommissioun muss organiséiert ginn, dat weess ech net. Vläit kann een dat jo iwwergräifend maachen duerch déi verschidde Kommissiounen, et muss een einfach kucken, wouhin et am beschte passt. Ech mengen net, dass dat elo esou eng schlecht Iddi ass, ganz au contraire.
Ech si frou, datt den Här Schiffmann erëm do ass an ech ginn och de Luef weider un de Service de circulation. Deen derfir gesuergt huet, datt trotz dem Chantier an Ärer Strooss alles gutt gelaf ass. Dir hutt de Bus-Arrêt bei der Kierch ugeschwat. Do ass et esou, dass dat mëttlerweil och eng Virgab ass vum Ministère, datt ee soll, wann et nëmme geet, déi Bus-Arrêten op d'Strooss maachen an dat huet och

säi Grond. De Grond ass deen, dass de Bus nämlech soss net eraus kënnt. Alleguerten déi, déi vill mam Auto ënnerwee sinn, solle mol oppassen, wéi frou si si wann de Bus grad de Winker eraus mécht a kucken, ob si en eraus loossen an ob deen hannendrun en eraus léisst a wann dann net, e grousse Mea culpa maachen, well do kommen all déi Verspéidungen hier. Dofir huet de Ministère gesot, déi Bus-Arrêten esou ze maachen, datt d'Leit kënnen eran an eraus klammen an dass den Autofuerer muss stoe bleiwen.
Wat d'Parkplazen ubelaangt beim e-Bike, et kann een net de beurre hunn ann och l'argent du beurre. Et muss ee sech eng Kéier entscheeden, och als Schäfferot, als Gemengerot, als Majoritéit, wat ee wëllt de Virrang ginn a wann ee seet, mir wëllen de Vëlo förderen, da geet dat natierlech op Käschte vu Parkplazen. Ech hunn hei zwou Fotoen, déi kënnt der kucken, wou an der Roadshow vum Minister waren, dat wou dräi Parkplaze waren, waren der herno 14 fir Vëloen. Hei ass och eng flott Foto aus Holland, wou se gewisen hunn, zwee Autoe an dotëschent eng Parkplaz wou dann herno d'Vëloe stinn, wéivill Vëloen een eigentlech dohinner kritt wou ee just een Auto hi kritt. Mä natierlech, do muss en Ëmdenke bei de Bierger selwer kommen.
Zum Här Gangler sengen Aussoen iwwer d'Käschte vum e-Bike: Maacht Iech mol keng Suergen, déi Rechnung geet op an esou schlecht kann de Projet net sinn, wa vun alle Couleuren d'Gemengen do mat maachen a wann ech Iech soen, datt d'nächst Joer zwou Gemenge bäikommen. Mer hunn zwee Montanten am Budget stoen, dat ass eng Kéier eise Betrag, iwwer dee mer geschwat hunn a wou ech gesot hunn. Wann de Projet gutt ukënnt, da maache mer zwou Statiounen derbäi. De CIGL gëtt natierlech all Gemeng e Budget prévisionnel era fir d'Joer, do sinn d'Frais de personnel dran, d'Frais de fonctionnement, alles schéin opgedeelt, och nach eng Kéier duerch d'Gemengen. Dat hängt ëmmer dervun of, ob een nëmmen e-Biken huet, et si jo och Gemengen, déi hunn déi zwou Zorte Vëloen, also déi normal, wou ee just ka pedaléieren, respektiv Elektrovëloe wéi mir a mir hoffen natierlech op eng gutt Akzeptanz.
Zum Parking résidentiell, do ass een entweder derfir oder dergéint, do gëtt et net vill derzwëschent. Wann een dofir ass, da muss een och wëssen, dass dat eppes kascht mä datt och eppes doduerch erakënnt. Ech mengen, datt virdrun och schonn ugeklongen ass, firwat maache mer dee Parking payant, virun allem och am Zentrum? Dee maache mer fir datt een ëmmer eng Parkplaz kritt genau da wann een eng brauch.
D'Madame Di Bartolomeo huet dat och gesot, wa si donneschdes op de Maart kënnt, dann ass si e gutt Beispill dofir, datt se net méi muss dräimol ronderëm fueren an d'Loft verpeschten, mä si kritt direkt eng Parkplaz an dat ass dat, wat mer wollten domat erreechen.
D'Numérisatioun, dat ass eist Verkéiersreglement, wat mer digitaliséiere wëlle fir datt et méi séier grëffbereet ass an datt et fir jiddereen och méi einfach ass, domadder ze schaffen, wéi mat engem Heft.
D'FIA, déi Anzeigen, firwat stinn déi ënnert Parking? Ech si frou, datt se iwwerhaapt entzwousch sti well dat do ass jo och eng Ausgabe déi net näischt ass. Si steet ënnert Parking well se ënnert Arrêt-Bus steet. An Arrêt, d'Wuert seet et, dat heescht esou vill wéi parken an dofir steet et do. Wéint menger kéint et och ënnert Circulatioun stoen, et ass just wichteg, dass et dra steet.
Wat d'Marcel-Schmit-Strooss ubelaangt, do ass net zweemol opgerappt ginn. Dat ass just well d'Rechnunge méi spéit era komm sinn an doduerch den Dekont méi spéit konnt gemat ginn an dofir steet dat op engem Joer wéi dat, wou de Raclage selwer gemeet ginn ass.
Den Här Lazzarini huet eng Kéier drop higewisen, datt de Jugendsummer dëst Joer gutt ukomm ass an datt, wat ech begréissen, se wëlle kucke wann et nëmme méiglech ass well mer wësse jo nach net wat u Réfugiéen op Diddeleng kënnt mä wann dat an eist Schema passt, solle mer dat natierlech opmaache fir jugendlech Réfugiéen. Eis Clibb an och Privatpersoune wäerten do sécherlech och gären eng Hand mat upaken. Do solle mer eise Beitrag och als Gemengekommissiounen, respektiv als Jugendhaus hei leeschten.
Zu der Madame Kutten hirer Ausso: Wann et esou einfach wier mat deene Vëlosweeër, dann hätte mer der scho laang vill méi. A wann Dir sot, dass an deenen Aarbechtsgruppen d'Leit ëmmer Vëlosweeër fuerderen an datt se déi och gären hätten, jo, effektiv dat ass esou. Mä ech géif awer mol gär gesinn, wann ech do géif d'Wuert ergräifen a soen: Sou, mir maachen Iech elo déie Vëlosweeër mä dofir musse mer dann awer all déi Parkplazen ewech huelen. Da wéisst ech net, ob nach een am Sall domadder d'Accord wär. Et ass och esou, datt an all den 30-Zonen, dat huet de Ministère och selwer gesot, datt dat sécher ass fir mam Vëlo ze fueren. Ech hunn et esou verstanen, datt se méi ausgewisen Vëlosweeër wëllen, mä wa mer wéilten iwwerall Vëlosweeër maachen, da geet eppes aneschtes drop. Ausgewise Strooss, also alles, wat Zone 30 ass, sinn dem Ministère no sécher



fir mam Vëlo ze fueren. Mir kënnen nach eng Kéier den Inventar maachen, wou zu Diddeleng mer dat dote schonn hunn. Och am Zentrum wäert sécher kënne mam Vëlo gefuer ginn, well effektiv mam Vëlo duerch d'Niddeschgaass momentan deem engen oder aneren net vill Spaass mécht well en ëm seng Sécherheet fäert.
Wéi gesot, déi eng wëlle méi Vëloen an déi aner wëlle méi Parkplazen, an enger Oppositioun ass een net ëmmer enger Meenung a mir probéieren, de gëllene Mëttelwee ze fannen. Wa mer sécher Vëlosweeër maachen, déi och dat hierginn, wat den Numm verspréicht, dann ass dat sécherlech méi einfach, se do ze maachen, wou mer frësch plangen. Well alles, wat mer nodréiglech mussen nobesseren, dat ass einfach nëmmen nogebessert. D'Stad Lëtzebuerg huet bestëmmt ganz vill gutt Vëlosweeër, mä wann ech den Zentrum kucken, einfach just e Strich zeechnen op engem Haaptboulevard, dat ass fir mech kee Vëloswee, mä wann dat gefuerdert gëtt, da kann een dat ausprobéieren, mä fir mech ass dat net de richtege Wee well et ass eng falsch Sécherheet an ech mengen net, datt mer dat wéilte mat op de Wee ginn.
Den Här Friedrich huet vum Parking résidentiell geschwat a fir dee véier Stonnen erop ze setzen. Ech ginn dat och nach eng Kéier dem Service an eiser Berodungsfirma mat op dee Wee, mengen awer ganz éierlech, datt 4 Stonnen e bëssen ze laang ass well een dann erëm eng Kéier riskéiert, datt Leit, déi nëmmen hallef Deeg schaffen, oder Leit, déi nëmme moies oder mëttes schaffen an Zäit hunn, do erëm nei ageheien ze goen, dat nees ganz vill blockéieren. Véier Stonne schéint mir virun allem hei am Zentrum, awer schonn e bëssen ze laang.
Mir wäerten och nach iwwert d'Vignettë schwätzen. Iwwerall, wou mer eis ëmfrot hunn, huet jiddereen en anere System. Deem enge säin ass op deem enge Punkt gutt an deem anere säin ass op deem anere Punkt gutt. Mir mussen eraus fannen, wat dat bescht fir Diddeleng ass. Mir sollen net herno méi Vignetten dobaussen hunn, datt awer den Otto Normalverbraucher, dee wëll een huele goen oder op de Maart geet, erëm eng Kéier keng Plaz fënnt. Mir probéieren do eng Léisung ze fannen. Wann et eng optimal Léisung géif ginn, wier ech glécklech, mä mer probéieren zumindest eng Léisung ze fannen, mat där mer alleguerte kënnen zefridde sinn.
D'Jessica David huet de Jumelage ugeschwat. Ech si virun allem emol frou, datt d'Kommissioun sech deem Thema erëm verstäerkt wëll unhuelen. Ech ka mech erënneren, dat war eng vun den éischte Kommissioune, wou ech Member war an déi Zäit hate mer e ganz aktive President, eise verstuerwene Kolleg Armand Barnich. Dee war pensionéiert an hat extrem vill Zäit fir permanent déi Leit ze kontaktéieren an och emol bei se kucken ze fueren a Kontakter ze knëppen an dat ass duerno ëmmer méi schwéier ginn, well déi Leit, déi sech dorëms këmmeren, déi Zäit net hunn.
Zënter dem Armand Barnich senger Zäit si jo awer d'Kommunikatiounsmëttel wéi E-Mail vill besser a méi schnell ginn, sou dass mer do de Kontakt awer nach besser kënne fleegen ouni eis musse permanent ze déplacéieren an ech begréissen op alle Fall, datt dat nach eng Kéier och via d'Kommissioun en neie Schwonk kritt a vläit kréie mer dann och eis Clibb méi dozou fir do matzemaachen a vläicht och emol déi eng oder aner Aktioun ze maachen oder selwer dohinner ze kommen. Natierlech gefält et mer och, wa se seet, datt och d'Kommissioun sech der räicher Geschicht unhuelen an dat vläicht och touristesch besser ze vermaarten, well ech menge schonn, datt mer eppes ze bidden hunn, et muss een et just zesumme sammelen an eisem Office regional du tourisme vun eiser Säit dat eng Kéier gi fir dass si et besser verwäerte kënnen, wéi se dat bis elo gemaach hunn. Da géif dat och lafen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Éier ech elo op déi verschidde Stellungnahme vun de Conseilleren aginn, wëll ech uganks e puer generell Considératiounen abréngen.
De Schlussriedner huet gesot, datt et e Budget ass, deen zukunftsorientéiert ass an ech mengen, dass dat heiten e Budget ass, 2016, mat kloer Visiounen a wa virdru ganz kloer en direkte Luef, a Merci fir den direkte Luef, un de Service Comptabilitéit gaangen ass, ass dat jo en indirekte Luef un de Schäfferot well de Service Comptabilitéit an de Schäfferot zesummen dëse Budget opgesat hunn, also leie mer net esou falsch, quitte datt op verschidde Punkten verschidde Vue sinn an dat ass jo ganz normal en fonction vun deem Rôle deen een huet an ob een an der Majoritéit oder an der Oppositioun ass.
Mir hunn haut hei och eraus héieren, dass mer phaseweis ze wäit ginn, phaseweis net wäit genuch ginn, mol ass d'Glas hallef voll, mol ass d'Glas hallef eidel, et ass ëmmer eng Saach vun der Perceptioun, déi een huet. Op alle Fall, déi Vue, déi mir hunn an dësem Budget, wou mer och déi néideg Nidderschrëft gemeet hunn, ass ganz kloer zukunftsweisend fir Diddeleng, well mer dräi Elementer hei an deem Budget hunn, déi ganz wichteg sinn.

Engersäits d'Stadentwécklung an d'ökonomesch Entwécklung vun der Stad, souwuel am Norden, am Zentrum an och am Süden. Et ass de Volet vun de Gemengefinanzen an et ass och de Volet als Déngschtleeschtungsbetrib, dee mer hei als Acteur public sinn.
D'Stadentwécklung an d'ökonomesch Entwécklung vun Diddeleng, déi spillt sech wéi gesot, am Norden, am Zentrum an am Süden of.
2016 hu mer jo ganz kloer déi éischt Phas vum Shared Space wëllen asetzen an hunn och an deem Kader d'Informatiounsversammlung mat de Leit ofgehalen an déi hat en zimlech positiven Echo kritt, notamment och d'Geschäftsleit, déi sech ganz kloer am Konzept vum Shared Space erëm erkennen an och déi Identitéit ass wichteg.
Engersäits e politeschen Akzent awer och d'Identitéit, déi d'Geschäftsleit deem Konzept ginn an och déi Alliance hannert deem Projet ass wichteg well mer net an eng Richtung wëlle goen, wou mer d'Geschäftsleit net op eiser Säit hätten, wa mer esou e Projet ëmsetzen, deen am Stadkär stattfënnt, op enger wichteger Plaz, deen och zu der ökonomescher Entwécklung vun dëser Stad bäidréit nieft der urbanistescher, also ass et eng Gesamtidentitéit a mat deeën Akzenter, déi mer dëst Joer wëlle setzen, gi mer ganz kloer an déi richteg Richtung.
Well mer nieft dem urbanisteschen och mam Projet am Duerf ganz kloer, an och das ass wichteg, Choixe maachen an de Budget ass l'Art du choix, wou ee sech Prioritéiten a verschiddene Momenter a verschiddene Punkte gëtt. Ganz kloer gi mer hei an eng Stäerkung vum Stadkär par rapport zu Tendenzen, wou ee mierkt, wou éischter d'Stäerkung ass um Niveau vun der Peripherie, wat eng direkt Konkurrenz ass zum Stadkär. Dat emol wat de Stadzentrum ugeet, a senger Entwécklung.
Wann ee seet, Peripherie, och déi gëtt et an Diddeleng am Norden awer och am Süden. Am Norden nieft dem Staatslabo an d'IBBL, déi jo do entsteet a wou mer och Kontakter mat hinnen haten, lafen déi Iwwerleeungen, wéi mer ronderëm déi zwee Etablissement-publiquen, déi zwou Institutiounen och kënne Betriber, Start-ups kréien, déi an der Biotechnologie, an der Médecine personnalisée sech kennen usidelen, wéi een déi ka förderen. Mir hunn do zwee wichteg Partner fir deen dote Match ze maachen, nieft der ganzer Internationaliséierung, déi an där Zon stattfënnt, ech mengen, dass dat e richtegen Challenge gëtt fir dës Stad an och um Niveau vun hirer Stadentwécklung.
Eng Stadentwécklung déi iwwergräifend dee ganze Volet vun der Biergerbedeelegung begräift, wou mer kucken, wou wëll Diddeleng als véiert gréisst Stad an deenen nächste Joren higoen. Bis 2030, wéi eng Schwéierpunkte wëlle mir eis setze wëllen an natierlech am Kader vun deenen Diskussiounen, déi mer haten, och mat Geschäftsleit a mat Entreprisen, elo ass natierlech ganz kloer de Besoin eraus komm, dass et och wichteg ass, eng Zon ze hu fir mëttelstänneg Betriber, Handwierksbetriber, do ass natierlech den Helper, eng Zon wou dat kann ugesidelt ginn.
Nach ass et méi einfach, an dat wëll ech rappeléieren, esou eng Zon ze entwéckelen, wann ee Propriétaire ass vun den Terraine. Den Challenge, dee mer 2016 wäerten hunn, ass, an dofir hu mer eis och den néidege Budget ginn, wëssend wéi mer déi Zon do wëllen entwéckele loossen, dat hate mer jo och am Kader vun der regionaler Verkéiersstudie a Betruecht gezunn, Logementer awer och Handwierksbetriber an elo gëllt et am Fong, deene verschiddene Propriétairen um Areal Helper, de Projet ze erklären an se ze iwwerzeegen an ze mobiliséieren, an e Remembrement ze goe fir déi Zon ze entwéckelen. Dat ass den A und O wann een eng Zon wëllt entwéckelen an et ass een net Propriétaire vun deenen Terrainen, dat heescht, et ass déi Prioritéit, déi mer eis ginn hu fir 2016. Ob se fruuchte wäert a wéi se fruuchte wäert, dat kann ech lech haut hei net soen, mä d'Gemeng ass gewëllt, déi Diskussiounen opzehuele fir an déi dote Richtung ze goen, well et en Deel vun Diddeleng ass, wou nach Potential besteet, wou eng gewëssen Demande do ass fir datt d'Betriber sech kënnen usidelen nieft den nationalen Économieszonen, déi mer hunn. Wéi gesot, do ass Potential, do kann un der Attraktivitéit weider geschafft ginn, ouni awer de ganze Volet vun der Mobilitéit ze vergiessen. Dat muss ëmmer parallel gekuckt ginn, urbanistesch Entwécklung a Mobilitéit, mä op alle Fall si mer an deem Sënn do gewëllt, d'nächst Joer dee Schratt ze maachen a wäerten och do de Gemengerot driwwer informéieren, wéi déi Diskussioune verlaf sinn. Dat par rapport zum Norden.
Wa mer elo an de Süden eriwwer ginn, wëll ech nach hei eng Kéier rappeléieren, dass d'Gemeng zwar ëmmer nach en aktive Rôle iwwerholl huet en hält a wäert huelen, wat d'Entwécklung vun Nei Schmelz ugeet mat hirem Partner, dem Fonds du Logement, nach ass d'Gemeng net Propriétaire vun deem Site. Do ass den Challenge bei der Regierung, do war och virun net all ze laanger Zäit eng Entrevue tëschent der Regierung an Arcelor fir iwwer de Volet Assainissement ze schwätzen. Dee Volet geet also lues awer sécher virun.

Wat mir op alle Fall als Gemeng gemeet hunn, dat ass datt mer Kontakt opgeholl hunn, och am Kader vun Tëschennotzungen, och an der Iddi vun deenen Start-ups, déi sech kënnen usidelen am Laminoir, sécherlech net do well wann ee seet, dass d'Start-ups sech do sollen nidderloossen, dat geet net well d'Gemeng éischtens net Propriétaire ass an deementspriechend och net déi néideg Sécherheetsmoossnamen op deem Site sinn.
Et gouf awer mat Arcelor zesumme gekuckt an aner staatlechen a parastaatlechen Acteur, dat ass Luxinnovatioun, mat deene mer eis un den Dësch gesat hu fir ze kucken, wéi een deen dote Volet ka konzeptuell ofwéckelen. De Projet ass nach net sprochräif, mä de Schäfferot huet seng Responsabilitéit geholl fir deen éischte Kontakt opzehuelen an ze kucke wat d'Challengë sinn, wat d'Prérequise sinn, wann een e Projet an enger Tëschennotzung wëll opriichten. Dat zu der Stadentwécklung.
Alles dat si Komponenten, déi ee mat ophëlt, déi mer och 2016 wäerte weider dreiwen an déi natierlech och ganz kloer zukunftsorientéiert si fir 2030.
Dann deen anere Volet vun de Gemengefinanzen. Et kann een hei soen, d'Gemeng muss besser op d'Gemengefinanzen oppassen, investéiert net genuch, investéiert op verschidde Punkten zevill... Ech mengen, dass dat heiten e Budget ass wou mer dëst Joer mat gutt 15 Millioune méi investéieren, wéi mer traditionell investéiert hunn an dat an enger Zäit wou ganz kloer hei sech d'Ofhängegkeet vun de staatlechen Dotatioune ganz kloer ofzeechent. Mir sinn an enger Situatioun, wou mer eng Pro-Kapp-Verscholdung hunn, déi ganz geréng ass. Zweetens manner staatlech Einname vum Staat kréien an nach et awer hei et ganz kloer fäerdeg bréngen, en Investitiounsvolumen hunn, dee mer héich halen an zukunftsweisend fir Diddeleng ze sinn.
Wat sinn elo d'Szenarioen? Natierlech, sech d'nächst Joer kënnen ofzezeechnen, wa mer als Stad wëllen attraktiv bleiwen an a Considératioun vun de staatlechen Dotatiounen. Natierlech kann ee higoen, vill Gemengen hunn dat gemeet, mir sinn do net mat gezunn. Déi systematesch en Emprunt ophuelen, wann se gréisser Dépense-ordinairen hunn. Wat dann eng gréisser Pro-Kapp-Verscholdung mat sech bréngt.
Et kann een natierlech och d'Reserven unzaapen, dat sinn 12,5 Milliounen. Och dëst Joer hu mer et fäerdeg bruecht, dat net ze maachen. Et gëtt vill Gemengen, déi un hir Reserve ginn an et gëtt der, déi guer keng Reserven, mä eng riseg Pro-Kapp-Verscholdung hunn. An där Situatioun si mer hei zu Diddeleng net well mer eng virsiichteg Finanzpolitik bedriwwen hunn a weiderhi bedreiwen.
Wat awer och en aneren Challenge gëtt, och an deenen nächste Joren en fonction vun deene Projeten, déi mer hei wëllen ëmsetzen, dass mer um Niveau vun den extraordinären Dépensen och kucken, dass mer déi staatlech Subside kréie fir déi Projeten, déi mer hei wëlle maachen. Dat gëtt ëmmer méi wichteg a mir mierke ganz kloer bei dem Projet Shared Space, do gëtt et keng staatlech Subside, d'autant plus dat e Projet ass, deen och wäert zimlech deier ginn. Do muss ee kucken, fir um Niveau vun den europäesche Fongen eng Ënnerstëtzung ze kréie fir och dee Contrepart kënnen ze hunn.
An deen anere Volet wat 70% staatlech Dotatioune sinn, déi aner 30% Subside par rapport zu de Fonctionnementskäschten sinn: Taxen. Dat ass och ëmmer e Choix. Awéifern wëllt een eng Taxepolitik bedreiwen, wou een de Bierger och wëll de Portemonnaie grouss ophale loossen? Mer hu bestëmmte Prinzipien, wéi de Pollueur-payeur, dee käschtendeckend ass, do si mer déi lescht Woch higaangen, mä ech mengen, et muss een och kucke wat am Rahme vum Vertrietbare méiglech ass, och wa mer eis Taxe d'allocation compensatoire gi fir verschidde Situatioune opzefänken.
Ech mengen, dat ass dat finanziellt Ëmfeld, an deem mer eis befannen a compte tenu vun deene generelle Considératiounen nach eng Kéier hei d'Gemengefinanzen, och wann se am Initial 2016 an um Niveau vum Boni manner grouss ausfale wéi déi Jore virdrun, awer nach an enger gesonder Situatioun sinn, par rapport zu anere Gemengen. Do leie vill Gemengen ënnert eisem Boni, vill anerer och driwwer, mä déi hunn eng ganz aner Ausganksssituatioun um Niveau vun de Reserven an der pro-Kapp-Verscholdung. Diddeleng ass a bleift gesond.
Deen drëtte Volet vun de generell Considératiounen ass dee vun den Déngschtleeschtungen. D'Stad Diddeleng ass eng Stad, déi weider wiisst an do ass den Challenge, engersäits déi bestoende Déngschtleeschtungen oprecht ze halen, se op dem selwechten Niveau ze halen. Natierlech, wéi an all Betrib huet een Déngschtleeschtungen, wou et mol gutt a mol manner gutt geet, dat ass hei esou wéi an der Privatwirtschaft. Do muss effektiv nogebessert ginn an dat hu mer och scho gemeet.
Wann eng Gemeng weider wiisst, muss een déi Déngschtleeschtungen, déi ee behält och weider ausbauen, fir deenen neien Ufuerderunge vun deenen neie Bierger, déi heihi kommen, gerecht ze ginn. Dat ass e Spannungsfeld, an deem ee sech als ëffentlechen Acteur

befënnt a wann dann och hei gesot gëtt, dass een ëmsiichteg muss si wat d'Personalpolitik ugeet, ech mengen, där Meenung ass och de Schäfferot, mä op där anerer Säit, wann ee kuckt, wat déi Servicer vun Demanden hunn, och do geet de Spagat vun de Recette-ordinairen an den Dépense-ordinairen ëmmer méi grouss, a mir huelen déi Demanden ëmmer manner en considération.
Mir kucke fir Posten ze schafen do wou et néideg ass, op anere Plaze loosse mer déi carrément ewech oder strecken se. De Schäfferot hëlt do ganz kloer seng Responsabilitéiten an deem dote Beräich, ebe well en an deem Spannungsfeld tëschent Oprechterhale vum Bestoenden an Ausbau vun neie Saachen an der Stad ass, dat Ganzt mat dem Bestriewen, déi Stad hei attraktiv ze erhalen, fir deem positive Slogan, mat deem se sech positiv duerstellt, gerecht kënnen ze ginn. Mir wëllen dës Stad attraktiv maache fir all déi Generatiounen, déi hei sinn an déi wëllen heihinner kommen.
Op déi verschidde Punkten, déi déi verschidde Riedner hei vun der Majoritéit oder vun der Oppositioun gesot hunn. Par rapport zu der Personalpolitik sinn ech drop agaangen. De Fait ass awer, wa mer mat Situatioune befaasst ginn, wou et ëm e Reclassement interne geet, dee vun den Aarbechtsmediziner gefuerdert gëtt, do sinn eis als Gemeng d'Hänn gebonnen. Mir mussen dann identifizéieren, wou een déi Leit affektéiere kann, och unhand vun der Beschränkung, déi se hunn an déi vum Aarbechtsmediziner eis gi ginn ass. Och dat ass en Challenge, deen een huet an ech kann lech soen, dat hat ech och déi lescht Woch am Kader vun der Budgetsdiskussioun gesot oder och net. Mir hunn och e Personalbestand, deen net ganz jonk ass, dee gëtt ëmmer méi al an do ass d'Gefor vun esou Situatiounen ëmmer méi grouss. Dat ass hei an der Gemeng net anescht wéi an anere Betriber.
A punkto Déngschtleeschtung ass et och fir eis kloer, wann een de Service public wëll garantéieren, da wëlle mer dee garantéieren an Eegeregie an eis net hiräisse loossen zum Outsourcing. De Moment hu mer och absolut guer kee Grond fir dat ze maachen. Well mer Gemengepersonal hunn, dat gutt Aarbecht leescht, dat motivéiert ass, dat responsabel ass. All Betrib muss emol nobesseren an dat ass hei och esou. Op alle Fall steet dës Majoritéit ganz kloer zu hirem Personal, dat och an der Exekutioun vu sengen Aarbechten eng gutt a wichteg Aarbecht leescht am Déngscht vun de Bierger dobaussen.
Der Madame Kayser wollt ech awer och nach eng Kéier rappeléieren an déi Diskussioun hate mer schonn hei am Gemengerot par rapport zum Centre culturel an dem CNA. Wann et eis no gaange wier, wäre mer net higaangen an hätten dat enger privater Firma ginn. Den éischte Choix vun der Gemeng war, dat an Eegeregie ze maachen, engersäits d'Gemeng an de Staat op senger Säit. Den CNA huet nun emol gutt 70% vun der ganzer Surface a si hunn décidéiert, déi Ausschreiwung ze maachen un e private Betrib an et war fir eis méi logesch, eis als Gemeng do drun ze hänken. Et muss een awer ganz kloer soen, dass et souwisou eng Situatioun vun enger Cohabitatioun an deem Betrib an am Fong war et net den éischte Choix, mä et leeft awer ouni Problem trotz där Situatioun. Wéi gesot, dat war keng Décisioun vun der Gemeng.
Dann nach déi aner Fro, wou och awer weist, dass mer Responsabilitéit iwwerhuelen, déi Mise à disposition vun der Main d'oeuvre aus dem Secteur privé. Mir iwwerhuelen 2016 déiselwecht Responsabilitéit, déi mer virun etleche Jore vis-à-vis vun Husky an Arcelor Mittal haten. Dir hutt jo matkritt, dass déi jo a schlechten Dicher sinn, a si sinn un eis erugetrueden, un d'Diddelenger an un d'Beetebuerger Gemeng, wou eng Rei Diddelenger a Beetebuerger, déi an deem Betrib schaffen, dass déi vun de jeeweilege Gemengen en charge geholl ginn, si an der Gemeng affektéiert ginn an do eng Charge iwwerhuelen. De Rescht gëtt vum Aarbechtsministère iwwerholl fir deene Leit, eng hallef Dose vu 50+, déi wa se muer dobausse sinn, keng Aarbecht géife fannen. Och do huele mir eis Responsabilitéit, och op Appel vun der Regierung, dass d'Gemengen eppes fir déi Leit vu 50+ sollen ënnerhuelen. Och do drécke mer eis net a mir hëllefen deene Leit a ginn hinnen eng Perspektiv während där kuerzer Zäit, déi si nach schaffen. Iwwert dee Prêt de Main d'oeuvre, sou wéi mer dat mat der Husky gemeet hunn, wéckele mer dat heiten ouni weidere finanziellen Impakt of. Déi heite kommen elo vun Arcelor Mittal Diddeleng-Beetebuerg a mir wennen deeselwechte Prinzip wéi deemools mat der Husky 2007-2008 un, wéi de Prêt de main d'oeuvre gemeet ginn ass fir datt déi Leit net direkt entlooss ginn.
Par rapport zu de Gemengefinanzen, par rapport zum Impôt foncier an zum Impôt commercial wollt ech nach eppes soen. Et ass eng Dréps op de waarme Steen, wann den Taux communal nach weider géing an d'Luucht gesat ginn. Do wou wierklech muss dru geschafft ginn, mat alle Schwieregkeeten, déi dat mat sech bréngt an dee viregte Inneminister huet et net fäerdeg bruecht an deen do virdrun och net, dat war zweemol dee selwechten. Fir deen neien ass et och

schwiereg, den Impôt foncier mat der Base d'assiette mat der Valeur unitaire, et ass do, wou dee richtegen Usaz muss gemaach ginn. Wat d'Terrainen an de véierzeger Jore kascht hunn a wat se haut wäert sinn, dat ass e risegen Ënnerscheed an do muss den Hiewel ugesat ginn an net deen drëtten Hiewel vum Taux communal. Dat ass eng Drëps op de waarme Steen an dat wier dee falsche Message well dat bréngt net esouvill eran.

Dat selwecht gëllt fir den Impôt commercial. Och do ass dat e Revenu, eng Recette, déi ganz volatil ass an et ass virdrun och gefrot ginn, wann den CFL multimodal op Diddeleng kënnt a säi Siège a säi Logistikzenter. Natierlech kënne mer do méi Impôt commercial kréien, mä deen hänkt jo natierlech ëmmer vum Gewënn of, den een als Entreprise huet och net huet. Et ass och dorop wou et sech ofspillt. Mir hate Joeren, wou déck Entreprisen déck Gewënner gemeet hunn, a mir hunn dat och kloer gemierkt a mir hunn och Joren, wou et manner war an och dat huet ee gespuert.

Ech wëll hei soen, fir lech en Ordre de grandeur ze ginn, zwee Drëttel vum Impôt commercial deen hei produzéiert gëtt, gëtt an der Stad produzéiert well do och dee ganze Finanzberäich ass an an de Südgemengen, do sinn net onbedéngt déi Services financiers, do hu mer aner Betriber an déi verweisen net esouvill Gewënn wéi aner Betriber, déi éischter am finanziellen oder am Assurancëberäich sinn. Hei am Süden hu mer traditionell Entreprisen, déi an enger ganz anerer Situatioun sinn ewéi verschidde Finanzbetriber, déi sech haaptsächlech an der Stad oder ronderëm d'Stad usidelen. Och dat huet e ganz groussen Impakt generell op d'Gemengefinanzen a virun allem Diddeleng.

Par rapport zu där Remarque iwwert den Helper, do sinn ech drop agaangen. Dofir hu mer déi 100.000,- Euro virgesi fir mat den Étudë weider ze kommen, och am Kader vum Remembrement, fir dee Projet kënne weider ze dreiwen.

An och déi Iddi, eng Strooss laanscht den LNS a Richtung Näerzengerstrooss ze maachen, do sinn deelweis nach méi Propriétaire wéi beim Projet Helper, also et ass eng Saach vun der Onméiglechkeet well do dee ganzen Areal muss entwéckelt ginn éier een do eng Strooss entwéckele kann. Eng Strooss entwéckele mécht nëmme Sënn, wann een do och de Rescht entwéckele kann. Esou wäit si mer mam Plan directeur net an och déi ganz Situatioun ronderëm Ribeschpont, do si mer eis eens, dass wa mer e Projet d'envergure entwéckelen, dann ass dat Nei Schmelz an net Ribeschpont. A wa mer een entwéckelen, dann ass et dee ronderëm Koibestrachen, wéi mer ganz kloer gesot hunn.

D'CSV an déi Lénk hu gesot, dass et wichteg wär fir Projete fir jonk Erwuessener ze hunn. Als Gemeng Diddeleng huele mer Responsabilitéit op zwee Niveauen. Éischtens ass d'lescht Woch och vum Conny Theobald ugeklongen, well et och eng Demande vum Schäfferot war, am Kader vun deene Wunnengen, déi mer dem Office social zur Verfügung stellen, ass engersäits och d'Prioritéit fir jonk Leit an enger prekärer Situatioun gesat ginn, dass éi ënnert d'Ärem gegraff kréien.

Mir maachen awer och nei Projeten an ee Projet, dee mer den Ament entwéckelen dat ass de PAP ronderëm de Crassier, wou een deementspriechend kann éischter ufänken, well do d'Propriétéitsverhältnisser kloer sinn an net sanéiert brauch ze ginn, an do hu mer schonn am Rahmeprogramm festgehale kierzlech an enger Sitzung mam Kräizbierg, deen en Deel vun Appartementer vir hir Leit do usidelt. Dat heescht, méi integrativ wéi esou e Projet am Stadkär ze maachen, gëtt et net. Och do setze mer Akzenter. Do si mer eis virun zwou Wochen eens ginn iwwert deen dote Volet.

Et ass och méiglech, Profession-liberalen unzesidelen, Studentewunnengen awer och Plaze fir jonk Erwuessener, déi an esou prekäre Situatioune sinn. Bei nei Projete kënne mer natierlech déi Demanden a Besoine mat eranhuelen an se méi einfach ze artikuléiere wéi bei bestoende Wunnengen. An enger neier Struktur kann een nei Akzenter setzen. Et ass net fir direkt, mä déi Demande do ass ganz kloer gesot ginn.

Par rapport zu PRO-SUD, do ass ze soen dass PRO-SUD net amgaang ass, sech nei ze erfannen oder sech nei Aufgabegebitter ze ginn, mä si ass amgaang, déi bestoend Aufgabe kritesch ze hannerliichten an d'Diskussiounen zum Schluss hu ganz kloer gewisen, do war d'Madame Kayser net méi do, an déi hu gewisen, dass eng ganz Rei Punkten absolut noutwenneg sinn an et wichteg ass, déi weider ze dreiwen an et sinn éischter Punkte bäikomm wéi datt der ewech gefall sinn. D'Südregioun huet an 11 Joer changéiert an domat och d'Demanden an d'Besoine vun de Gemengen.

Dann nach, fir bei der Madame Kayser ze bleiwen, do war déi Fro vum Loyer vum CHEM. Deen hëlt dëst Joer of, deen ass degressiv, d'Valeur gëtt gekuckt an 2016 ass de leschte Loyer, dee bezuelt gëtt. Dat hu mer mat hirem Service financier gekuckt.

Et muss een och soen, dass de CHEM nach eng Autorisation d'exercer vun der ITM huet, déi eng Durée

indéterminée huet. Domat ass d'Spidol an dréchenen Dicher. An dat wat ëmmer hei gesot gëtt, wat 2017 mam Spidol geschitt, dat huet mam Plan hospitalier ze dinn, deen an engem Règlement grand-ducal festgehalen ass. An dat ass un eng kloer Definitioun vun de Centres de compétence gebonnen. Mir wësse jo awer, datt do nach ganz vill Diskussioune sinn, do gëtt et nach ganz vill Erklärungsbedarf ronderëm de Plan hospitalier a wann een den Avis vum Staatsrot kuckt, gesäit een, dass mer mat där doten Diskussioun nach net duerch sinn an also ass eist Spidol ganz kloer an dréchenen Dicher. Et ka jo net sinn an et ass evident, dass bis 2022, wann d'Südspidol steet, dass do den Diddelenger Site zou gemeet gëtt an dass bis dohinner mussen déi exzellent Servicer an der Geriatrie oprecht erhale bleiwen. Dat ass eng ganz kloer Garantie, déi mer hunn, well et jo net ka sinn, dass dat ofgerappt gëtt. Deen Discours an déi Panikmache ass op alle Fall net ze deele well d'Parametere kloer sinn, dass deen dote Site weider bedriwwe ka ginn.
Par rapport zu der Diskussioun zum Local de nettoyage Baltzeng, respektiv Däich, do si mer an enger Situatioun, wou mer generell par rapport zum Botzpersonal, dat mer an Eegeregie bedreiwen, och eng ganz Rei Sécherheetsmoossname musse kënne garantéieren an dat doten ass en Deel dovun. An der Däicher Schoul ass kee Vestiaire virgesinn, mä d'Botzlokal vum Botzpersonal ass am Vestiaire vum Gymnase a wéi mer dee gesinn hunn, hu mer gesot, dat kann net sinn, do musse mer Remedur schafen, do si mer um Niveau vun der Sécurité du travail an um Niveau vum Travailleur désigné dee fir d'Sécherheet zoustänneg ass, ugewise gi fir déi néideg Sécherheetsmoossnamen ze huelen an dat wäerte mer ëmsetzen. Och dat ass eng Responsabilitéit, déi mer ganz kloer hunn.
Zu de Remarque vum Romy Rech, ganz kloer, wann engersäits gesot gëtt dass um Niveau vun der Oppositioun gebremst gëtt, mer hunn hei e Budget, wou mer net wëlle bremsen, mir wëlle weiderkommen, d'Attraktivitéit vun dëser Stad weider entwéckelen an dat bedeit eng ganz Rei Investissementer, déi mer musse maachen. Et ass richteg, dass deene regionalen Aufgaben, déi mer hunn, net gebührend Rechnung gedroe gëtt an do ass natierlech déi Reform vun de Staatsfinanze méi wéi noutwenneg well mir si ganz gäre bereet, déi regional Aufgabe wouer ze huelen. Mer maachen et schonn, mir mierken awer an dat huet och dëse Budget gewisen, dass den Handlungsspillraum och fir déi regional Aufgaben ëmmer méi geréng gëtt. Also brauche mer do ganz kloer och vu Säite vum Staat engersäits de Principe de connexité an de Principe de subsidiarité. Dat heescht, wann de Staat gären hätt, dass d'Gemengen hirem Rôle gerecht ginn an och hirem regionale Rôle gerecht ginn, da muss de Staat de Gemengen och déi néideg finanziell Moyenen zur Verfügung stellen. Also, de Principe de subsidiarité ass hei extrem wichteg fir deem kënne gerecht ze ginn.
Par rapport zu deem, wat d'Madame Goergen gesot huet iwwer den CFL multimodal an de Logistikszenter, do sinn ech schonn drop agaang, wat d'Gewerbesteier ugeet.
Dann natierlech déi Iddi vum museologesche Konzept, natierlech kann een do, an dat ass och virgesinn, eng ganz Rei Leit derbäi zéien, d'Amis de l'histoire oder d'Kulturkommissioun, och déi kommen do a Fro fir un deem Konzept ze schaffen.
Nach muss een awer och hei soen an ech maachen do e Lien mat deem, wat d'Madame Kutten gesot huet, et kann een engersäits theoretesch soen, hätt een do net missen am Virfeld konsultéieren? D'Realpolitik ass awer eng aner. Mir sinn als Schäfferot mat der Situatioun konfrontéiert ginn, dass d'Gesondheetskeess eis gesot huet, mir brauchen dat Lokal, de Musée des Enrôlés de force muss eraus, wou gi mer mat em hin? Dat war déi Diskussioun, mat där mir konfrontéiert waren als Gemeng an do muss ee ganz séier handelen. Entweder kann ee soen, mir fanne keng provisoresch Léisung a mir ginn deene Muséeë keng Visibilitéit oder mer probéieren, dat an der Realpolitik esou ëmzesetzen, dass de Musée des Enrôlés de force säi Standbild hei an Diddeleng behält an d'Visiteure kënnen dohinner goen, och wann dëse Musée grad ewéi eise Musée municipal, sécherlech ka verbessert ginn um Niveau vun der Interaktivitéit, vun der Pädagogik, vun der edukativer Approche, do si mer eis eens. Op alle Fall hu mer de Choix gemeet, deem Musée nach eng Vitrine ze ginn déi vläit méi kleng ass wéi virdrun an der Galerie Nei Liicht mä op alle Fall ass en am Stadkär a mir hunn déi Méiglechkeet gehalen. Mir hunn och dem Léierpersonal Informatioune ginn, datt ee dohinner ka goen, datt Visite-guidéeë méiglech sinn. D'Fro war, loosse mer et sinn a ginn hinne keng Vitrine oder gi mer hinnen eng Vitrine? Natierlech kann ee weider dru schaffen a Verbesserunge virhuele fir datt e méi visibel gëtt an deem wëlle mer net am Wee stoen an dofir gi mer eis och déi néideg Budgete fir dat ze maachen.
E bëssen hasardéis ass et awer wann een e Rapprochement mécht an enger Zäit wou och iwwer d'Geschichtschreiwung hei a Lëtzebuerg geschwat gëtt, den Zesummeschloss tëschent Resistenzler

an Zwangsrekrutéierten. Historesch gesinn sinn déi Leit, déi an der Résistance waren an déi Leit, déi zwangsrekrutéiert waren, dat sinn zwou verschidden Approchen. Et besti jo Kontakter tëschent den Enrôlés de force an dem Musée de la Déportation zu Hollerech, dee jo soll opgeléist ginn, a mat dem Institut d'Histoire du temps présent soll zesummegeschloss ginn, dat selwecht soll dann och geschéie mam Resistenzlermusée, deen och soll mat dem Institut d'Histoire du temps présent zesumme schaffen, do ginn also gebündelt Ressourcen zesumme gemaacht. Et gouf schonns e puer Eklaten, mä natierlech sollen déi zesumme schaffen an et gi jo och Bestriewungen, zum Beispill, hei zu Diddeleng, dass déi zwee zesumme schaffen, dat schonns zënter Joren, mä fir dat komplett ze integréieren, do muss wahrscheinlech nach ganz vill Iwwerzeegungsaarbecht gemeet ginn, quitte dass et en Deel vun der Lëtzebuerger Geschicht während dem Zweete Weltkrich ass.
Dann nach dee Punkt mat der Fuerderung vun der Foussgängerzon, ech si schonns dorop agaangen. Mir hunn hei déi Iddi vum Projet Shared Space, déi mer hei ëmsetzen, zesumme mat de Geschäftsleit vun Diddeleng, hei am Stadkär, also mat Leit, deenen hiert deeglecht Brout an hir Existenzbasis dat ass, wa mer do de Groll kréichen, dat wier net dee richtege Wee.
Dann déi Fro zum gestaffelte Waasserpräis, mer hunn hei ganz kloer dee Wee ageschloen, dass mer dat net maachen an awer op der anerer Säit déi Taxe d'allocation compensatoire virgesinn, fir deene Leit, déi am Besoin sinn, konkret ënnert d'Ärem ze gräifen. Op alle Fall huet dat nach bis elo ëmmer gutt hei geklappt an op deem Wee fuere mer och weider.
Par rapport zu anere Punkten: Et kann een natierlech ëmmer der Meenung sinn, wéi den Här Schiffmann et gesot huet, datt de soziale Wunnengsbau ze deier ass. Mir kënnen do konkret Resultater virweisen an et ass dat, wat wichteg ass. Mir hunn hei Situatiounen, wou mer Acquisitioune gemeet hunn, déi mer dem Office social zur Verfügung gestallt hunn an et gesäit ee kloer, iwwer déi Aarbecht, déi den Office social mécht, do stécht ganz vill Aarbecht dran an ech mengen, dass déi Acquisitiounen, déi mer gemeet hunn, dee richtege Wee ass fir hei ganz kloer Akzenter ze setzen, fir och deene Leit hei an Diddeleng entgéint ze kommen, déi Situatiounen erliewen, wou se ausgebeut gi vu Cafetieren a Géranten an anere Propriétairen. Hei hu mer ganz kloer eisen Obulus ginn.
D'Madame Schlussnuss huet iwwert d'Sécherheet geschwat, e ganz wichtegen Aspekt, och an den Diskussioune ronderëm d'Planung vum neien Établissement public an den Services de secours. Mam Plan Cattenom sinn dat Punkten, déi hei zu Diddeléng ganz wichteg sinn, well mer direkt do am Miessungsgrad si vun deene 15 Kilometer an dovu betraff sinn. Do gëtt wichteg Aarbecht geleescht, och vun eisem CID, fir do deen néidege Plang opzeschaffen an eventuell déi néideg Evakuatioun kënne virzehuelen, an Zesummenaarbecht mat de staatlechen Instanzen.
Da waren do nach eng Rei Froen, zum Beispill zum Botze vun de Fënsteren. Do gräife mer op eng privat Firma zeréck well dat eng ganz spezifesch Aarbecht ass och mat Sécherheetsmoossname fir déi vu bausse botzen ze kënnen. Déi kënne mer net an Eegeregie maachen an dat ass e Kontrakt, dee mer mat enger spezialiséierter Firma hunn, déi nëmmen dat mécht. Dat ass eng Realitéit.
Ech fuere weider mat dem Här Gangler, wat seng Punkten ugeet. Wat de Flüchtlingssite ugeet, alles wat do ageriicht gëtt, iwwerhëlt integral de Staat, dat heescht, do hu mir als Gemeng absolut guer keng Ausgaben. Dat ass esou ofgemeet ginn, dat Ganzt och d'Viraarbecht gëtt gedroen engersäits vun der Croix rouge an deenen Acteuren, déi dat Ganzt finanziell droen. Déi 100.000,- Euro fir de Gas hu mat där Taxe ze dinn, iwwert den ILR, wou mer déi lescht Woch gestëmmt hunn. Och do musse mir eis dann in house iwwert Software, d'ganz Opbereedung, musse mer ofwéckelen. Dat heescht, mir mussen eis am Haus selwer konforméieren, fir déi ganz Berechnung ze maachen. Dofir ass dat eng Dépense, mä dat gëtt iwwert déi Einnamen opgefaangen, déi mer méi kréien. Dat ass also déi Recette an déi Dépense op béide Säiten, wat jo fir d'Gemeng Diddeleng eng Nulloperatioun ass an deem dote Volet.
Par rapport zum Fonds spécial Pacte climat, do kann den Här Manderscheid weider drop agoen. De ganze Budget ass am Budget dran. Par rapport zum Budget rectifié, do spillen natierlech Spillregele wéi am Gemengegesetz virgesinn. De Budget rectifié ass bis den 31. Dezember, wou ee Facturë kann ausstellen, an et geet bis den 30. Abrëll dat Joer drop, wou ee kann engagéieren. Et ass dat, wat d'Loi communale virgesäit an et ass an dësem Budget net anescht wéi an anere Gemengebudgeten.
Zu der Fro vun der Madame Kutten par rapport zum Verbrauch vum Centre culturel, déi 280.000,- Euro, dat ass de Gesamtmontant, esouwuel fir de Centre culturel wéi och den CNA. Do gëtt dann herno den Dekont gemaach nom Schlëssel 32,43 a 67,57, dat gëtt herno au prorata verrechent, sou wéi dat an der Konventioun virgesinn ass. Do iwwerhëlt da jiddwereе





säi Part, mä mir hunn et ganz am Budget.
Dann hu mer nach de Volet ronderëm d'Kulturjoer 2022. Ech mengen, d'Madame Kutten ass ausféierlech dodrop agaangen an huet och Kontakter wat d'Organisatioun vum Kulturjoer ubelaangt. Dat ass natierlech e groussen Challenge a mir wëssen nach net, ob mer zeréck behale ginn, et muss natierlech e Projet fir d'Südregioun sinn. Just eng Stad ka Kandidat sinn, net eng Regioun, mä och an deem Fall ware mer eis kloer, dass déi ganz Südregioun dovunner muss kënne Bénéfice hunn, aneschtes kéinte mer eis dat net virstellen.
Dat bréngt natierlech mat sech, dass eng Contributioun vun deenen anere Gemenge gefrot ass. Et geet ëm kulturell Manifestatioune mat nohaltegem Charakter, déi sech an deene verschiddene Gemengen ofspillen, datt keng Gemeng ze kuerz kënnt. Iwwer deen dote Wee kann eng ganz Rei vu Patrimoinë valoriséiert ginn. Wat de Montant do wäert ginn, wësse mer nach net, mä den Délai ass op Mee 2016 festgeluegt, bis dohinner musse mer eis Kandidatur ofginn an déi wäert esou ausgeluegt sinn, dass d'Südregioun sech do erëm spigelt well d'Südregioun ganz kloer eng Regioun ass, déi vill ze bidden huet, wat de Patrimoine culturel ugeet, mä och um Niveau vun den Artisten, dat ass eng ganz kreativ Regioun a ganz vill Gemenge sinn elo schonn aktiv an do heescht et dann, gebündelt Aktivitéiten unzebidden, déi en nohaltege Charakter hunn.
Déi Remarque, gréisser Projete missten am Virfeld diskutéiert ginn, am Gemengerot mat den zoustännegen Architekten, éier mer op de Vote iwwerginn, kann ech ganz gären deelen an ech mengen, dass mer och an der Zukunft och mam Shared Space esou maachen, datt och do alleguerten d'Conseilleren eng Vue hunn, wat déi Projete mat sech bréngt an och iwwert deen dote Wee kënne visualiséieren, wéi d'Orientatioun vun deene Projeten ass. Dat ass wichteg fir d'Projeten a fir eis Stad weider ze bréngen. Dat fält net op en daaft Ouer.
Ech mengen, ech hu probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen a géif dann elo d'Wuert weider ginn un de René Manderscheid fir seng Stellungnahm.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Ech lauschteren och der Oppositioun hir Beiträg zum Budget no, well, wéi ech et scho gesot hunn an der Vergaangenheet, a mengen Aen ass d'Budgetsdiskussioun eng vun deene wichtegsten Diskussiounen, déi mer hei am Gemengerot hunn. De Budget ass ëmmer dat Dokument mat deem mer d'Weiche wäerte stellen, net nëmme fir d'Joer 2016 mä fir d'Zukunft.
Ech wäert mech dann a menger Stellungnahm beschränken op verschidden Interventiounen. Ech wëll awer am Virfeld global soen, dass ech net wäert op dee konfuse Beitrag vum ADR agoen, dat rentéiert sech net. Dee spartanesche Beitrag vun Déi Lénk rentéiert sech och net. De Buergermeeschter huet schonn dorop geäntwert. Ech wäert awer konkret op déi aner Beiträg agoen. Ech muss soen, déi eng maache sech vill Aarbecht, déi aner manner. Ech hunn elo zwee negativ Beispiller geholl, et gëtt awer och positiv Beispiller. Déi Gréng zum Beispill maache sech op jiddwer Fall déi Aarbecht, datt se d'Servicer uruffen, se hannerfroen, se froen no, se ruffen am Gréngen Haus un, beim SICONA, jee, si maache verschidden Hausaufgaben, wou Déi Lénk an den ADR net am Dram drun denken. Dat als allgemeng Remarquen zum Budget.
Fir déi konkret Froen elo ze beäntweren, hei ass gefrot gi vun der CSV wéi et mat der familljefrëndlecher Gemeng ass. Dat ass effektiv de Projet Action positive, Dir wësst, mir haten den Audit berufundfamilie, deen hu mer jo net méi erneiert well mer eis un de Ministère ugegliddert hu fir de Projet Action positive. Mir hunn e Froebou un all eis Gemengesalariéë geschéckt an och nogehaakt fir e Feedback ze kréien. Deen ass och dat lescht Joer virgestallt gi bei den Delegatiounen, sief dat bei de Salariéen oder de Fonctionnairen, a wäert an déi nächst Sitzung komme vum Service à l'Égalité des chances, wou dat wäert virgestallt ginn.
Cup-System, d'Iddi ass effektiv, et ass och näischt Neies a mir erfannen och hei d'Rad net nei, fir den Offall ze minimiséieren a mir hu geduecht gehat, mir géifen dat als Gemeng fir d'éischt am neie Centre sportif René Hartmann aféieren. Natierlech hu mer och alleguerten déi Reklamatiounen, déi Onzefriddenheeten a Remarque matgedeelt kritt a mir hu wëlles, no der Vakanz am Januar déi betraffe Veräiner, also den T71, den Handball, hei an d'Gemeng ze invitéieren a mat hinnen ze schwätzen, wéi mer mat deem System weider fueren.
Effektiv ass et jo esou, dass mer mat deem System all eis Fester dobausse wollten offallaarm duerchzéien an dat wäerte mer och maachen. Mer hunn den Hartmann mat agebonnen, well mer als Gemeng wollten eng Linn dra kréien, dat heescht, alles wat d'Gemeng organiséiert oder do wou se responsabel an doheem ass, wollte mer dee Cup-System aféieren. Dee System, an dat wëll ech net verheemlechen, muss net

onbedéngt am Hartmann bleiwen. Wa mer gesinn, virdru war jo ni e Problem mam Glassystem, dann ass et fir eis kloer dass mer net daf a blann sinn, mä mer wäerten op déi Diskussioun zeréck komme fir eventuell bei deem ale System ze bleiwen. Mer schwätzen awer nach mat de Veräiner.
Et ass awer ganz kloer, dass de Cup-System bei de Fester dobaussen, also bei der Fête de la musique, bei der Fête des cultures an esou weider, wou et vu Pappbechere wimmelt, contre vents et marées agefouert gëtt.
De Fonds Klimapakt ass genannt ginn: Effektiv ass et esou, dass mer bis elo just d'Käschten iwwerholl hunn. An deem Klimafong hu mer 260.000,- Euro vum Staat kritt a mat deene Sue wäerte mer mol en Deel vun eiser Loftqualitéitsanalys bezuelt hunn a mer wäerten och déi 60.000,- Euro investéieren an d'Firma ECOS, déi eis berodend zur Säit stoe wäert a mer haten och wëlles, mat deene Suen en Deel vun der Étude iwwer d'Wandenergie ze bezuelen, sous condition, dass de Ministère eis gréng Luucht gëtt an dass mer zeréck behale ginn als Standuert fir esou eng Éolienne kënnen ze installéieren. Et ass ganz kloer, dass mer d'nächst Joer, wann de Budget presentéiert gëtt, all déi Ausgaben, déi mer an deem Fong hunn, ganz detailléiert an deem Budget uginn. Am Kader vun deem Klimapakt bleiwe mer ëmmer transparent a mir soe wat mat deene Sue geschitt.
Vu dass de Fong eréischt dëst Joer besteet, wäerte mer dat dann alles en bonne et due forme am Budget vum nächste Joer presentéieren.
Et ass geschwat ginn, de Gasverbrauch hei am Hôtel de Ville wier relativ héich, do hunn ech mech mol schlau gemeet. Ier mer all déi Energiespuermoosnamen hate wéi Energieeffizienz an Dräifachverglasung an esou weider, hate mer ëmmer e Kubikmeterverbrauch vu Gas vun 42 265 Kubikmeter. Elo 2014 hu mer e Verbrauch vu 25 444 Kubikmeter an elo op den November 2015 si mer op engem Verbrauch vu 25 724 Kubikmeter, Dir gesitt, dat ass drastesch zeréck gaangen. Dofir war et mer e bësse schleierhaft, wéi déi Montanten do zestane kënne komm sinn. Mir hu jo hei och Gaszieler installéiert sou dass déi Chifferen ze iwwerpréiwe sinn. Et ass ganz kloer dokumentéiert, dass de Verbrauch drastesch erof gaangen ass.
Da kommen ech zum Bäitrag vun deene Gréngen. Op däitsch soen se "ein Griff in die Mottenkiste", mä fir dat elo e bësse méi frëndlech ze maachen, géif ech soen, "e Grëff an d'Kompostkëscht" well déi Ried, déi se dëst Joer gehalen hunn, ass praktesch d'selwecht wann ech vum Ëmweltberäich schwätzen, wéi d'lescht Joer.
Ech verschléisse mech natierlech net, fir op aner Gemengen zeréck ze gräifen, wann déi eng gutt Saach hunn, fir déi ze iwwerhuelen, mä wéi gesot, ech wiere mech do ëmmer mat Hänn a mat Féiss, et soll een net Äppel mat Biere vergläichen. All Gemeng huet hir Spezies, all Gemeng huet hir spezifesch Aktivitéiten a, wéi gesot, wann eppes do ass wat ee ka gebrauchen, direkt soen ech Jo, wann net, da loosse mer dat sinn.
D'Informatiounspolitik vun der Gemeng am Kader vum Klimapakt, wann Dir mir hei Leit nennt, déi soen, si hätten nach näischt dervun héieren, da muss ech soen: "Entschëllegt de saloppen Ausdrock, mä lieft Dir an enger Höhl?" Dat ka jo bal net sinn! Op jiddwer Fall, mir hunn um Internetsite en extrae Link gemaach, do kritt een alleguerten d'Informatiounen vun A bis Z a wéi gesot, wann ee mir seet, e wéisst näischt dervun, en hätt näischt matkritt, da si mer wierklech wäit fort. Ech kann dat net stoe loossen an ech sinn och net d'Accord.
Et ass och esou, dass mer regelméisseg Annoncen an d'Bliedche maachen, et ass och esou, dass all eis Mataarbechter an der Gemeng regelméisseg Klimatipps vun eisem Ëmweltberoder kréien. Et kann een natierlech ëmmer e bësse méi maachen, do sinn ech och mat d'Accord, awer wéi gesot, eis Informatiounspolitik am Kader vum Klimapakt ass gutt. Et kann een natierlech och d'Leit mat Infoen ersaufen, mä dat wëlle mer net maachen.
Mir si verbesserungsfäeg, do sinn ech mat d'Accord, awer déi Ausso do, datt déi Persoun nach ni eppes dovun héieren huet, dat kann ech mer net virstellen.
Dat nächst ass, 2016 hu mer jo Wëlles, en neit Leitbild ze skizzéieren, nei Zilsetzungen, dat maache mer jo am Kader vum Klimapakt mat eisem Klimateam an da wäerte mer och do ënnert anerem iwwert d'Informatiounspolitik schwätze fir vläicht dat eent oder dat anert nach ze verbesseren.
Et ass och geschwat gi vun Héichbeeter an de Geméisgaart vun Esch ass als Beispill geholl ginn. Mä komme mer zeréck op Diddeleng: Héichbeeter hu mer Wëlles, 2016 an der Libératiounsstrooss hannert der Flüchtlingsstruktur mat de Flüchtlinge selwer an de Lëtzebuerger an de Leit, déi am Quartier Schmelz wunnen, mam Interesseveräin esou Héichbeeter installéieren, wou mer mat eisem Service Jardinage zesummen organiséieren. Dofir brauche mer net op Esch ze goen an do eppes Neies ze erfannen.
Dat ass alles, wat ech ze soen hätt, méi Froen zu menge Ressorte waren net. Wann ech sollt eppes vergiess hunn, da mellt Iech. Merci.



Loris Spina (LSAP – Schäffen): Fir d'éischt wollt ech jidderengem Merci soe fir déi kritesch awer ganz korrekt Stellungnahm. Et ass kloer, dass jiddweree seng differenzéiert Vue op dëse Budget huet. Haut hu mer et awer fäerdeg bruet, sachlech ze bleiwen. Et ass näischt ënnert d'Gürtellinn gaangen, wat ech awer wierklech appréciéieren an ech wëll jiddwerengem Merci soe fir déi Aart a Weis, wéi se hei d'Wuert ergraff hunn. Et ass esou, wéi ee sech dat am Sënn vun Diddeleng a senge Bierger virstellt.
Ech fänken u mat der éischter Riednerin, der Madame Kayser, déi huet de SIGI erwänt. Effektiv, wa mer mat 650.000,- Euro d'Gebai erëm fannen, d'Frais-d'étudë fir dat neit Gebai, dann ass et kloer, dass dat och en Impakt op de Budget huet vum SIGI am allgemengen, deen awer nach mat knapps ënner 24,- Euro pro Awunner ganz gutt ass wann ee bedenkt, wat alles do ugebuede gëtt an deem SIGI, dat heescht Dir hutt d'Logiciellen, d'Software, d'Programmatiounen, den Helpdesk, den Deploiement vun deenen eenzele Produkten an de Gemengen. Dir kënnt Iech vläit drun erënneren, datt mer d'lescht Joer d'Opléschtung gemaach hunn, datt, wann een dat géing outsourcen, da misst ee ronn 140,- Euro pro Awunner bezuelen, esou dass mer, quitte dass d'Participatioun an d'Luucht gaangen ass, ganz gutt an deem Präis sinn. An et ass net vun ongeféier, dass sämtlech Gemenge Member an deem Syndikat sinn, ausser deem klenge galleschen Duerf, d'Stad Lëtzebuerg.
Wat dee Service après-vente, wéi Dir et genannt hutt, ugeet, do muss ech e bësse widderspriechen. Mir haten 58 Demandes de support konkret als Diddelenger Gemeng era ginn a vun deene sinn der 57 bis dato clôturéiert, also bis op eng, déi nach opsteet. An d'Demandes de changement, wéi si dat nennen, Workflow-Prozess, sinn der just nach zwou, déi opstinn, esou dass mer do kënne soen, dass de SIGI - och wann en net ëmmer alles ka verbesseren oder ännere well dat net ëmmer evident ass doduerch, dass et meeschtens e Programm ass, dee fir sämtlech Membergemenge geduecht ass - awer relativ séier probéiert, do ze hëllefen.
D'Bemierkung vum Bildungshaus, do hat ech schonn déi lescht Woch probéiert, auszezeechnen, dass mer elo ufanks 2016 zesumme mat dem Gemengerot, mat der Schoulkommissioun an och deene Professionellen en Abléck an deen Topo kréien, wou mer de Moment do stinn, dat heescht, den Aarbechtsgrupp huet sech domat ausernaner gesat, wéi stelle mer eis d'Liewe vun esou engem Kand an engem Bildungshaus vir, wat vu moies bis am spéiden Nomëtteg kann do seng Zäit verbréngen. Wat brauch dat Kand fir sech schoulesch a paraschoulesch optimal ze entwéckelen? Wéi stelle mer eis d'Raumkonzepter vir? Wat hätte mer gär nieft der Schoul? Wat hätte mer gär vu Sport? Wat hätte mer gär vu Spillplaz? Wéi soll d'Iessen do oflafen? All déi Froe ginn natierlech do opgeworf, wéi awer och d'Verkéierskonzept vum Quartier am Allgemengen an dat soll nach eng Kéier kloer presentéiert gi fir datt jidderee säi Pefferkär soll bäileeën éier mer méi konkret an d'Prozedur ginn. Parallel zum pädagogesche Konzept gëtt awer och un den néidege Genehmegunge geschafft, dat heescht, dass mer och herno fir dat, wat mer vum Ministère brauchen, net onbedéngt Zäit verléieren, dofir leeft dat parallel zu deem Ausschaffe vum pädagogesche Konzept.
D'Madame Goergen huet et ganz flott fonnt, dass mer eng gutt fonctionnéierend an agréabel Buvette an der Hal hunn. Et ass wichteg, dass do e flotte soziale Knuetpunkt erstallt ginn ass, dee mer virdrun net haten. Och dat ass eng Plus-value, déi entstanen ass mat dem neien Hartmann.
Do kann een zesumme kommen, et kann een e bëssen an d'Schwemm era luussen, et kann ee kucken, wéi eng Leit an de Fitness ginn, et kann een iwwert den Training, iwwer de Match oder deen een oder anere Sportler lästeren, wat jo ganz spannend ka sinn. Awer mir hunn et fäerdeg bruecht an Dir hutt et richtegerweis erkannt, et ass net op Käschte vun enger Moins-value, wat d'Recettë vun de Veräiner ubelaangt. Et ass u sech esou, dass d'Veräiner d'Urecht hunn op déi Buvette, dat heescht, wann d'Veräiner d'Hal fir en Event reservéieren, da mussen se eise Servicer gläichzäiteg soen, ob se d'Buvette derbäi wëllen hunn oder net.
Dat heescht, d'Veräiner décidéieren ob si oder en aneren an där Buvette steet, sou dass d'Veräiner zu all Moment op déi wichteg Recetten net musse verzichten, well soss wier de Betrib net méi ze stemmen.
De leschte Weekend war e bëssen d'Feuertaufe an der Hal, do hat den T71 offiziell Seniorsmatcher, d'Schwammmeeschterschaften hunn do stattfonnt, den HB Diddeleng hat de 24-Stonnen Handball an awer och offiziell Kompetitiounen an et huet sech erwisen, dass mer mat deem Konzept richteg loungen, dat huet alles ganz gutt geklappt a virun allem d'Visiteure waren hellewech begeeschtert vun deem ganze Gebai, och vun der Funktionalitéit an der Einfachheet, sou dass mer do ganz vill Luef mol eng Kéier kritt hunn.

Et ass awer och richteg, do ginn ech Iech Recht, et sinn nach verschidde kleng Kannerkrankheeten, déi mer amgaang sinn ze verbesseren an déi eis selwer opgefall sinn. Och do ass et wichteg, dass mer déi Saache gewuer ginn. Wann Iech eppes opfält, wann iergendengem eppes opfält da soll ee sech direkt un de Service des Sports wennen, déi dann esou séier ewéi méiglech versichen, Remedur ze schafen an dat klappt och ganz gutt.
Mir sinn eng Sportsstad, mir sinn eng Kulturstad, wéi der gesot hutt, an do ass et eis wichteg, dass mer bei de soziale Präisser bleiwen. Eng divers Programmatioun ass och ëmmer nach héich geschriwwe bei eis. Wann een elo kuckt, ech beruffe mech einfach elo mol op mäi klenge gréngе Beroder, dee seet, dass “Größe nicht bedeutend ist”. Wat wëll ech domat soen? Ma ganz einfach, dass d’Visiteurszuelen, déi een Indicateur sinn awer net deen eenzegen, dat heescht, et ass net, dass kulturell Aarbecht geleescht gëtt oder d’kulturell Programmatioun gutt ass, wat méi Visiteuren do drun deelhuelen, dat ass een Indicateur mä sécherlech net deen eenzegen. Bei eis gëtt d’Diversitéit grouss geschriwwen an et ass eis och wichteg, dass de Präis an engem gewësse soziale Rahme bleift, nach musse mer feststellen, dass d’Liesungen and den Touch of noir dëst Joer manner Leit ugezunn hunn, dat ass eis natierlech opgefall, da musse mer kucken, ob mer dat dat nächst Joer anescht maachen, respektiv ass et awer och nach wichteg, dass d’Leit et fäerdeg bréngen op Entdeckungstour ze goen.
Dir hutt et selwer gesot, Artisten, déi e bësse méi bekannt sinn, si gutt besicht an hunn och hire Präis meeschtens, an awer ass et och eng vun eisen Aufgaben, dass d’Leit mol dohinner eppes entdecke ginn an engem Artist, enger Sängerin oder engem Museker nolauschtere ginn, déi se vläit virdrun nach net kannt hunn. Dat hängt erëm mat der Publizitéit zesummen a mir hu festgestallt, dass de Lëtzebuerger Kulturkuch deeselwechten an awer wëllen ëmmer méi Partner dodru knabberen, sou dass den Challenge e ganz groussen ass. Ech wëll awer nach eng Kéier kloer soen, dass mir eis positionéiert hunn an dëser Kulturlandschaft als Opderschmelz respektiv mat de Galerien a wat mer soss nach kulturell zu Diddeleng ubidden a mir sinn awer net wéineg houfreg op deen doten Service. Wann et net vill Zuschauer sinn, bidde mer et dann awer weider un oder net? Zum Beispill war d’Danse contemporaine net e grousse Succès, solle mer dat dann awer weider ubidden? Dat ass eng Fro, et ass e Choix an awer mengen ech, soll een dat nach ab und zu presentéieren an ubidde fir dat nei Leit dat entdecken.
Kanner a Jugend war relativ gutt besicht. Wann een déi spezifesch Programmatioune fir Kanner a Jugendlecher kuckt, do hate mer 1 150 Leit, déi deem nokomm sinn. Do hu mer ganz flott Partnerschafte mam Lycée. D’Schoul Däich an eis Maison-relaisen sinn do e verlässleche Partner. Net méi spéit wéi de leschten Dënschden hate mer de “Rattenfänger von Hameln” do, deen och ganz gutt besicht war. Et gëtt vill fir Kanner ugebueden.
Och Jazz schwätzt déi Jugendlech un, et gëtt Rock a Pop ugebueden, Songwriter zitt och meeschtens e jonkt Publikum un an och ausserhalb Opderschmelz bei eise sëllege Festivalen, do gëtt och e jonkt Publikum ugeschwat an och soss, an eise Galerien, si jonk Besicher erëmzefannen, quitte, dass een och dat ka verbesseren.
D’Madame Josiane Di Bartolomeo- Ries huet nach eng Kéier eraus gehuewen, wéi wichteg eis Spillplaze sinn. Deem Konzept wëlle mer och weiderhi gerecht ginn. Bei der Sécherheet hu mer 100 Punkte gesammelt an och d’Attraktivitéit vun deene Spillplaze soll garantéiert sinn. Et ass mer net baang, dass mer dësen Exercice och an Zukunft gutt hi kréien.
Déi Platz zu Butschebuerg bei der Quell ass ugeschwat ginn. Et ass en offiziellen Deel vum Jakobswee, dofir ass och déi schéi Muschel um Buedem ze gesinn. Dat ass eng flott Begéinungsstätte, do kann een e bësse rouen an e bësselche schnëssen.
Eng Wipp ass aus sécherheetstechnesche Grënn net méiglech, ausser mir ëmzäunen déi Plaz, dat wëlle mer awer net.
Mir kucken zesumme mat dem Butschebuerger Intresseveräin ob mer net eng besser Plaz fannen, wou mer kënnen dat eent oder anert Spillelement hisetzen.
Déi Lénk sinn och scho gespaant wéi dat neit Konzept an eisem lokale Musée wäert ausgesinn- och do si mer gudder Deng mä ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, dass de Musée besser ass wéi e virdru war, et ass méi frëndlech, et ass méi hell, et ass e flott Konzept, et ass eng interessant Beschrëftung am Ament derbäi an och do hu mer Efforte gemaach, dat léisst sech duerchaus weisen.
Nach ass do Entwécklungspotenzial méiglech an dofir hu mer am Budget déi Frais-d’étudë virgesinn, fir dass mer do nach besser ginn.
Wou ech net averstane sinn ass wann ee seet, den Zeltik wier ze deier. Natierlech sinn 20,- Euro fir deen ee méi Sue wéi fir deen aneren, mä wann ech awer

do an enger Top-Infrastruktur sechs verschidde Life acts presentéiert kréien, ech weess net wou een dat nach soll iergendwou fannen. Ech mengen, datt mer do präislech ganz korrekt sinn.
De Bob Claude huet engersäits begréisst, dass mer paperless ginn, anersäits nach eng Kéier a Fro gestallt ob jidderee muss en neien Tablet kréien. Dat kann een nach eng Kéier diskutéiere mat eiser IT-Équipe, nach ass et fir si natierlech méi einfach wa mer ee System hunn, wou all déi Programmen drop kommen a wou dann och in house bleiwen, wou jiddereen hei kann drop zeréck gräifen, wann dat am Gemengerot gefuerdert ass. Mir kënnen awer nach eng Kéier mat hinne schwätzen éier mer deen Invest do tätegen.
De Cup-System ass op e puer Bänken ugeschwat ginn, den Herr Claude hat en och erwänt an de René Manderscheid ass drop agaangen. Et ass richteg, dass do net alles perfekt gelaf ass. Déi Spullmaschinn, déi dat sollt anstänneg maachen, ass net wierklech um Toplevel, dat muss een hei festhalen an et ass esou, wéi ech virdru gesot hunn. Mir verschléissen eis do net enger Nobesserung a mir hunn eng Entrevue virgesi mat deene Veräiner, déi dat de Moment notzen, fir am Januar zesummen ze kommen an ze décidéieren ob mer et bäibehalen oder net.
Mir hunn et getest op der Nuit du sport, wou d'Jongen a Meedercher vum Park & Ride konnten Erfahrunge sammelen a weiderginn, aktuell ass et och um Chrëschtmaart an do ass et sécherlech méi einfach, dat ëmzesetzen, wéi vläit an engem Hartmann an dofir verschléisse mer eis net deenen Diskussiounen a mir sinn och net, wéi mer dat ni sinn, stur, a mir loossen eis gär op engem neie Wee begleede vun deene Leit, déi dat Dag fir Dag um Terrain mussen ëmsetzen.
Den Här Schiffmann huet nach eng Kéier de Proufsall an der Le'h erwänt. Do ginn et e puer nei Momenter. Dat eent ass, mir hunn do eng nei Schliessanlag, dat heescht mat deene Pucen, déi Dir och deelweis mat ronderëm schleeft, wësse mer ganz genee wéi oft déi Raimlechkeeten do genotzt ginn a si gi vill genotzt. Mir hunn nach ëmmer ganz aktiv Diddelenger Museker, déi do prouwe ginn an et ass esou, dass am Moment leider d'Feststellung ass, dass keng aner Band ka bäikommen, well dat Material dat do steet an déi Stonnen, an deenen déi Raimlechkeete genotzt kënne ginn, voll ausgelaascht sinn a mir hunn e bëssen Hoffnung deen een oder anere Proufsall ze fannen an esou an d'Rei ze setzen, fir datt weider Gruppe kënnen derbäi kommen. Et ass an der Le'h keng Méiglechkeet eng Ouverture fir aner Banden ze maachen.

Den Här Gangler hat iwwer Waasserverbrauch geschwat an iwwer de Waasserpräis an do kann ech och aus dem SES mat op de Wee ginn, dass mer effektiv d'lescht Joer manner Verbrauch zu Diddeleng awer och am Land haten. Sou dass dee Montant liicht zeréck gaangen ass. Do ass dann och de Message, dass dat e Gutt ass, dat d'Leit solle respektéieren. Dee Message ass ukomm. Nach muss een de Präis natierlech am A behalen. Mä de Waasserpräis am Allgemengen am Land huet ofgeholl.
Hien hat och d'Fro gestallt, déi 70.000,- Euro fir dee Fligel, de Piano. Dat ass u sech fir de Kulturzenter geduecht well déi regelméisseg am Joer esou eppes mussen ausléinen a wa mer in house esou ee Fligel stoen hunn, da kënne mer do Käschten an Zäit spueren. U sech war ugeduecht ginn, deen elo och nach ze kafe well do war eng gewëssen Opportunitéit déi sech ee Moment opgemaach huet, dofir hu mer dat an de Rectifié gesat. Elo ass et awer esou, dass dat net méi méiglech ass, sou dass déi Suen eriwwer geholl ginn an 2016 an elo hoffe mer, dee Piano dann elo ze kafen.
D'Kréschtbeliichtung ass alt erëm en Thema gewiescht. Déi al Beliichtung ass net mat LED ausgestatt, sou dass mer do dee Budget virgesinn hu fir déi nei Beliichtung, déi wäert awer da mat LED équipéiert sinn, sou dass mer dat nächst Joer hei zu Diddeleng kënnen dovu profitéieren.
Erlaabt mer awer och kuerz nach eng Kéier op de Spot anzegoen. De Spot ass jo u sech geduecht, dass d'Leit gären op Diddeleng kommen. Privat Leit awer och Entreprisen a Leit vun Diddeleng, déi sech hei solle wuel fillen, an déi Elementer, déi feelen, déi Dir opgezielt hutt, ech weess net ob do d'Leit begeeschtert wären, déi Saachen an deem Spot erëm ze gesinn, ob se dann nach begeeschtert wieren, hei an de Süden op Diddeleng ze kommen. An dofir hu mir et virgezunn, mat enger professioneller Firma, déi e Konzept erstallt huet, déi Saachen net am Spot ze weisen, mä éischter déi dynamesch a flott Säit vun Diddeleng ze presentéieren.
D'Madame Kutten an den Här Lazzarini haten iwwer den Hartmann geschwat, ech mengen, dat hat ech erwänt, de Cup-System ass och ugeschwat ginn. Do well ech net méi drop zeréck kommen.
A Punkto Kantin, wat et wéi oft z'iesse gëtt, do kann een ëmmer driwwer diskutéieren. Fakt ass, dass mer eis begleede loosse vun enger Diététicienne. Regional a Bioprodukter stinn am Cahier de charges mat dran an Eurest muss sech dodrun halen.
Et ginn och ëmmer erëm Attraktiounen an Aktivitéite ronderëm d'Iessen oder d'Geméis oder Ähnleches mat de Kanner duerchgezunn, esou guer mat



professionelle Käch fir dat d'Kanner gesinn, wéi esou ee Menu entsteet, wat alles dran ass, wéi si dat kënnen am Gaart doheem zillen an eventuell kachen. All dat si Saachen, déi pädagogesch ganz sënnvoll sinn an och dat wäerte mer an eise Kantinnen hei zu Diddeleng weiderhin duerchzéien.
Den Här Friedrich huet eng Rei vu Saachen ugeschwat, ech wëll mech awer just op déi nei Saache beschränken, déi aner Saache sinn an der Vergaangenheet genuch ugeschwat ginn. Dat ass den Zougang vun de Leit mat enger Behënnerung, wat natierlech e ganzt sensibelt, emotionaalt a wichtegt Thema ass. Net méi spéit wéi virun zéng Deeg hunn den Här Manderscheid an ech dat getest, nämlech de Wee vun engem behënnerte Schwëmmer um Terrain. Do ass eng Entrée, wou een hannen era kënnt a wou een, ouni Trape mussen ze goen, direkt an d'Schwemm kënnt. Et ass och e Lift do, wann ee vun där anerer Säit kënnt. An der Schwemm selwer ass e Vestiaire fir Handikapéierter virgesinn a wann een dobannen ass, da gëtt et e spezialiséierte Kran mat engem Sëtz mat deem déi Persoun kann an d'Waasser gelooss ginn. Ech ginn dervun aus, datt mer do gutt équipéiert sinn, nach gouf net derno gefrot, de Kran ass nach am Plastik. Sollt do nach eppes nozebessere sinn, géife mer dat gäre maachen.
Ech wëll hei ofschléissen andeems ech soen, datt ech, nodeem ech deenen Diskussiounen a Virschléi a Kritike gutt nogelauschtert hunn, nach méi iwwerzeegt sinn, dass dat dat richtegt Budgetsdokument ass wat mer hei zu Diddeleng brauchen an ech wäert weiderhi Jo stëmmen. Merci.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Da wollt ech dat nach nofroe mat deem Montant fir d'Crèche, dem Petits-Haus.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wat d'Crèche ubelaangt, do sinn éischt méi genee Pläng déi virleie vum Architekt, deen dorop geschafft huet.
Mer haten och eng Entrevue am Éducatiounsministère fir d'Funktionalitéite vun deem Bau ofzeschwätzen an ech mengen, dass een elo och kann an engem Gemengerot de Projet virstellen. Mir hunn dat budgetiséiert, de Projet huet e puermol gedréint an elo hu mer e Konzept festgehalen, wou eng Crèche dem Invest ka gerecht ginn. Fir mol unzefänken, hu mer dat hei dra gesat.
Här Schiffmann?

Marc Schiffmann (ADR): Ech wollt froe firwat den Här Manderscheid mer keng Äntwert gëtt, firwat dee Bau esouvill méi deier ginn ass? Wëll hien et net weess oder wat fir ee Grond ass do, och wann ee fënnt, dass dat konfus ass? Et ass schonns opfälleg, wann e Bau 50% méi deier pro Meter carré kënnt wéi um fräie Marché.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Zu deem Thema ass alles gesot. Zum Tattebierg ass alles laang a breet ausdiskutéiert an hei erkläert ginn. Punkt.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Iwwer d'Maison sociale hate mer am leschte Gemengerot eng länger Diskussioun do gouf laang a breet erkläert firwat e méi deier ginn ass. Schlussendlech aus technesche Grënn an Imprévuen, déi en cours de route opgetaucht sinn, fir et esou ze resüméieren. Ech fänken awer net un, hei an den Detail ze goe well mer déi leschte Kéier gutt zwou Stonnen doriwwer diskutéiert hunn.

Marc Schiffmann (ADR): Wéi verschidde Leit hei op Froen äntwerten, déi Arroganz ass enorm.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech huelen dat do zur Kenntnis a proposéieren, das mer elo zum Vote iwwerginn. Prozedural gesi musse mer als éischt iwwer den Untrag vun der CSV ofstëmmen, éier mer op de Rectifié an op den Initial ginn. Dat ass d'Suite logique, déi mer hei mussen anhalen.
Hei koum den Antrag vun der CSV fir de LateNightBus auszeweiten, dofir stellen ech elo d'Fro:

**Wien ass mat deem Antrag averstanen?**
**Dat ass CSV, Gréng, Lénk an ADR.**

**Wien ass mat deem Antrag net averstanen?**
**Dat ass vu Säite vun der Majoritéit.**
**Domat ass deen Antrag dann ofgelehnt.**
**Da géif ech iwwergoen zum Vote zum Budget rectifié 2015.**

**Wien ass mat deem Budget averstanen?**
**D'Majoritéit LSAP.**





**Wien ass net mat deem Budget rectifié averstanen? CSV an ADR.**

**Wien enthält sech? Déi Gréng an déi Lénk.**

**Wien ass mat dem Budget initial 2016 averstanen? D'Majoritéit LSAP.**

**Wien ass net mat deem Budget initial 2016 averstanen? CSV, Gréng an ADR.**

**Wien enthält sech? Déi Lénk.**

Deemno ass esouwuel de Budget rectifié 2015 wéi och de Budget initial 2016 mat de Stëmme vun der Majoritéit ugeholl an domat wäre mer mat der ëffentlecher Sitzung fäerdeg a mir géifen dann an de Huis clos eriwwer goen.




# marché dujeudi

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

www.dudelange.lu

